Conseil communal

Séance publique du 2 février 2015

Durée de la séance: *15.15 à 17.50 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP)

Absent et excusé:

Thein Joe (adr)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.15 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination provisoire d'un agent municipal (m/f) - décision.
   1.2. Démission volontaire d'une employée communale - décision.
2. Affaires sociales: Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) sur une tache supplémentaire de 5 heures par semaine - décision.
3. Enseignement musical: Ratification des contrats de travail avec trois chargés de cours - décision.

Séance publique (15.30 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   5.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   5.2. Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.
   5.3. Démissions et nominations dans diverses commissions - décisions.
   5.4. Nomination d'un nouveau membre dans le Syndicat des Tramways Intercommunaux dans le Canton d'Esch/Alzette (TICE) - décision.
   5.5. Nomination d'un nouveau membre dans le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - décision.
   5.6. Congé politique pour les délégués communaux dans les syndicats des communes - décision.
6. Propriétés
   6.1. Approbation du compromis relatif à la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, avenue de la Gare à M. Paul Steinmetz et Mme Marie Yvette Graul - décision.
   6.2. Approbation du compromis relatif à la vente d'un terrain sis à Rodange, chemin de Brouck à la société « PKP Promotions Immobilière » s.à.r.l. - décision.
   6.3. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue de la Piscine de la part de Mme Elisabeth Cruchten veuve Degano - décision.

6.4. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un bâtiment d'habitation avec annexes sis à Pétange, rue de l'Eglise de la part de Mme Margot Waxweiler ép. Huberty et M. Joseph Waxweiler - décision.

6.5. Approbation du compromis relatif à l'acquisition de 31 emplacements en future construction à Rodange, avenue Docteur Gaasch de la part de la société « Califo Immo » S.A. - décision.

6.6. Approbation de l'acte avec la société « Polari » S.A. relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue du Chemin de Fer - décision.

6.7. Approbation de l'acte avec la société « Polari » S.A. relatif à l'acquisition de deux terrains sis à Pétange, rue Michel Rodange - décision.

6.8. Approbation de l'acte avec la société « Agilis » sàrl relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue de l'Eglise - décision.

6.9. Approbation de l'acte avec l'asbl « Neuapostolische Kirchengemeinschaft im Grossherzogtum Luxemburg » relatif à l'acquisition d'un bâtiment religieux sis à Lamadelaine, rue du Moulin - décision.

6.10. Approbation du contrat de bail avec M. Marco Goedert pour la location d'un logement sis dans l'Ecole fondamentale « Fonderie » à Rodange - décision.

6.11. Approbation de l'avenant n° 2 au contrat de bail du 24 septembre 2012 conclu avec l'exploitant du Centre Wax à Pétange - décision.

6.12. Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières de la Commune durant le 2e semestre 2014 - approbation.

7. Prévisions sociales

7.1. Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maison Relais - décision.

7.2. Approbation du contrat de bail pour la location d'un local commercial à Lamadelaine, Grand-Rue n° 8 pour les besoins de l'asbl « Cent Buttek » - décision.

8. Ordre public

8.1. Autorisation pour une action de porte à porte dans la localité de Rodange - décision.

8.2. Autorisation pour une action de porte à porte dans la Commune - décision.

9. Urbanisation: Approbation du Projet d'Aménagement Particulier concernant des fonds sis au Centre de Rodange présenté par la société « Polari » S.A. - décision.

10. Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange - décision.

11. Vie associative: Dissolution de l'association « KC Espoirs Frontaliers Rodange » et radiation de la liste des sociétés subsidiées - décision.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

M. Dos Santos Renato Daniel de Pétange est nommé provisoirement aux fonctions d'agent municipal.

Démission volontaire est accordée à Mme Klasen Marguy de ses fonctions auprès de l'administration communale à partir du 1er mai 2015.

M. Eric Laurent est nommé sur la tâche supplémentaire de 5 heures par semaine de sorte que la tâche hebdomadaire de l'intéressé passe de 35 à 40 heures par semaine.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech an der éischter offizieller ëffentlecher Gemengerotssëtzung. An ärem Dossier hutt dir eng ganz Rei Rapporte vum Syvicol, vum Siach a vum Tice leien. Och d'Äntwerte vun 2 Froe vu Conseillere sinn derbäi. Et ass awer och haut esou, datt mer en neie Conseiller hei begréissen, an zwar de Patrick Arendt, deen haut seng éischt Sëtzung huet. A wéi et Usus ass, dierf hie säi Message u seng 16 Kollegen aus dem Gemengerot riichten.

Patrick Arendt (CSV):

Dir Dammen, dir Hären. De Knäppche vum Mikro hunn ech trotz enger liichter Nervositéit awer gedréckt krut. Eng Nervositéit, awer och eng grouss Freed, déi mech zanter zwou Wochen a mengem neien Amt begleet. Ech wunnen an der rue Belair zu Péiteng, sinn e Rodanger Bouf, si bestuet, si gären an der Natur, fuere gäre Vëlo a Schi, ginn och leidenschaftlech – als Géigepol zum alldeegleche Stress – op de Lac de Madine fëschen. Ech schaffen an der Maison Relais zu Nidderkuer.

An éischter Instanz wëll ech de Wieler a Wielerinne Merci soen. Ech wäert probéieren, esou gutt wéi méiglech, dat Vertrauen an enger gudder an nohalteger Aarbecht am Sënn vun enger gudder Liewensqualitéit zu Péiteng zeréck ze ginn. Ech wollt d'Geleeënheet ergräife fir u mäi Virgänger ze erënneren, deen 31 Joer laang hei d'Staang riicht gehalen huet an och ëmmer no bei de Leit war. Hien huet an allen Hisiichten den S an de V vun der Partei no vir gedroen. Meng Aarbecht wäert sécher een Deel dozou bäidroen, datt ech an Zukunft probéiere wäert, dem Camille seng grouss

Fousstapfen, an déi ech d'Éier hunn eranzetrieden, mat Liewen ze erfëllen. Dat virun allem am soziale Beräich.

All Eenzelnen zielt, de Sproch vu menger Partei, an dat hunn ech mir nach ëmmer zu Häerze geholl. Mat 18 Joer hunn ech de Schratt gewot, mech der CSV aktiv unzeschléissen. No engem hallwe Joer gouf ech President vun der CSJ zu Péiteng. Laang Joere stoung ech un der Spëtz vun där jonker Denkfabrik, a mer hunn an engem jonken Team eng ganz Rei gutt an nei Iddien op de Wee bruecht. Ënner anerem hu mer eis virun de Walen 2011 als CSJ zesummegesat an eng iwwerdaachte Spillstruktur gefuerdert, déi och mam Fun City realiséiert gouf. Eis „Soirées d'embauche" hu mer iwwer Joeren organiséiert. Do hu mer deene Jonken hei an der Gemeng erkläert, op wat et bei engem Curriculum vitae a bei engem Virstellungsgespréich ukënnt. Gesellschaftlech gekuckt ass eist Fierkelsfest mëttlerweil e feste Bestanddeel vum Aktivitéitskalenner hei zu Péiteng. Eng legal Graffiti-Wand stoung och op der Initiativ vun der CSJ am Walprogramm, an dat an der Hoffnung, dat illegaalt Sprayen anzedämmen, well dat ass mat vill Käschten a vill Aarbechtsstonne verbonnen. 2011 hunn ech d'Presidenz vun der Jugendkommissioun iwwerholl. Et ass eis vun do aus de Schratt méi liicht gefall, de Projet konkret ëmzesetzen, esou datt mer d'Graffiti-Wand zesumme mat engem Atelier am Juli 2012 am Kader vum Hip Hop Open Air Festival aweie konnten.

Och wann d'Jugendkommissioun just eng berodend Funktioun huet, esou si mer a ganz villen Hisiichten aktiv mat eiser Ressortschäffin, der Madame Conter, um Ball. Eng Häerzensugeleeënheet a den éischte groussen – géif ech mengen – politesche Merite vu mir war de Projet Kannergemengerot. E Projet, deen ech als President ënnerstëtzt hunn. E Projet, dee virun allem ganz vill Aarbechtszäit an Nerve kascht huet. Mer hu mussen Iddien opzeechnen, well et bei eis net esou geklappt huet ewéi an anere Gemengen, wou dëse Projet scho méi laang leeft. Nei Pisten hu mer mussen entwéckelen, a mer sinn dunn op de richtege Wee gaange fir d'Maison Relais mat anzebannen. Eng Educatrice huet sech dësem pädagogesche Projet ugeholl a féiert zanterhier d'Regie mam Schoulservice a mat eiser Jugendkommissioun. 49 Kanner aus den Zyklen 3.2. a 4.1. hate sech Enn November 2013 am Kulturhaus zesummefonnt. Vun hinne goufen 9 Conseillere gewielt, an zanterhier goufe vill flott Iddien am Intressi vun de Kanner hei zu Péiteng ausgeschafft. Elo, an der Realitéitsphas, ass zum Beispill e Kannerclub fir Tauschwueren, e kreatiivt Haus wou se an Zesummenaarbecht mat der Waxweiler Mille stinn, oder och nach Aktivitéite mat Senioren, wou se mat der Seniorie St Joseph zesumme schaffen. Dat sinn alles Projeten, déi op androcksvoll Manéier beweisen, datt et eiser Gemeng net baang muss gi fir déi nei jonk politesch Gesiichter ze motivéieren an ze engagéieren. Vläicht sëtzen déi och an Zukunft eng Kéier hei. An dat ass, mengen ech, d'Essenz vun dësem Projet: d'Kanner vun Ufank un eescht ze huelen an duerch eng strukturéiert Aarbecht ze responsabiliséieren.

Well mer an der Jugendkommissioun eng Equipe sinn, déi mat der Zäit matgeet – wat mer och bewisen hunn, wou mer „Jugend an Handwierk" an den „Job Day" ëmfonctionnéiert hunn an elo nieft den Handwierksbetriber och nach Aarbechtsplaze virstellen, déi ëmmer méi e groussen Undrang erliewen, ewéi den Educateur. Esou hu mer och dëst Joer nees déi eng oder aner Iwwerraschung am Sortiment.

Ech kann hei net op alles agoe wat mer um Häerz läit, mä ech wäert awer bei Geleeënheet hei am Gemengerot meng Bemierkungen dozou maachen. Zum Schluss wollt ech ausdrécken, datt ech op eng gutt Zesummenaarbecht mat alle Leit aus de Gemengebetriber an och mat alle Gemengeréit hoffen. Och wa mer faarflech an inhaltlech aner Meenungen a Preferenzen opweisen, esou hu mer awer déiselwecht honorabel Aufgab, an dat ass am Sënn vun der Gemeng Péiteng an hiren Awunner ze schaffen. Ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci Här Arendt. Dat war e ganz gudden Astand, a mer hoffen alleguerten, zesumme mat iech, op eng gutt Zesummenaarbecht am Intressi vun all eise Bierger, well dat erwaarden déi vun eis.

5.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 138.571,14 euros - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et sinn am ganzen 138.571,14 Euro. Dat sinn elauter méi kleng Recetten, déi dann de Solde ausmaachen. Mer hunn nach eng Rei Recetten opstoen, wat d'„Dotation financière" oder d'Gewerbesteier ubelaangt. Dee Solde vum leschte Joer wäerte mer iech dann an enger spéiderer Sëtzung virleeën. Dat hei sinn alles Recetten aus dem Joer 2014.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann en neie Conseiller an de Gemengerot erakënnt, da gëtt deen neien „tableau de préséance" frësch definéiert vum Gemengerot. Well den Här Bosseler jo un éischter Stell stoung, ass jo jiddereen ëm eng Plaz eropgeréckelt. Elo ass den Här Breyer d'Nummer 1 an den Här Arendt ass ënne bäigesat ginn. Här Arendt, esou laang der net op Nummer 1 stitt. gëllt et net opzehalen. Also gëllt et elo, iech erop ze schaffe bis der dohinner kommt.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir musst awer dann och nach net ophalen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, der braucht och net opzehalen. Mä virdrun op jidder Fall net. Wéi gesot, dat hei ass eng Formalitéit.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Démissions et nominations dans diverses commissions - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei hu mer eng Demissioun vum Här Stoffel als President vun der Ëmweltkommissioun virleien. Den Här Stoffel gëtt vum Här Cyrille d'Orazio ersat. D'LSAP huet hie proposéiert als neie President.

Mer hunn awer och an der Schoulkommissioun an an der „Commission de surveillance de l'école de musique" eng Demissioun vun der Madame Marianne Termont virleien. Si gëtt vum Här Joël Back an der Schoulkommissioun respektiv vun der Madame Michèle Machado opgrond vun der Propositioun vun « déi gréng » an der „Commission de surveillance de l'école de musique" ersat.

Votes secrets:

A l'unanimité, la démission est accordée à M. Marco Stoffel comme président de la Commission de l'Environnement.

Avec 15 voix, M. Cyrille d'Orazio est nommé nouveau président de la Commission de l'Environnement.

Avec 15 voix, la démission est accordée à Mme Marianne Ihry ép. Termont comme membre de la Commission scolaire.

Avec 15 voix, M. Joël Back est nommé nouveau membre de la Commission scolaire.

Avec 15 voix, la démission est accordée à Mme Marianne Ihry ép. Termont comme membre de la Commission de Surveillance de l'École de musique.

A l'unanimité, Mme Michèle Machado est nommée nouveau membre de la Commission de Surveillance de l'École de musique.

5.4.

Administration générale.

Nomination d'un nouveau délégué dans le Syndicat Intercommunal des Tramways dans le Canton d'Esch/Alzette (TICE) - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei ass nach eng Kéier eng Konsequenz vun dem Här Bosseler senger Demissioun. Hien ass net méi am Gemengerot an ass dofir „démissionnaire d'office" an de Syndikater TICE a SICONA, wou hien de Vertrieder vum Péitenger Gemengerot war. Mer musse Ramplassange fir déi zwee Posten hunn a fir den TICE läit d'Kandidatur vum Här Patrick Arendt vir.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn dozou eng Fro. Wéi ass et méiglech, datt keen „appel aux candidatures" erausgoung, wou och aner Parteie Kandidaten hätte virschloe kënnen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Punkt stoung jo op der Dagesuerdnung, esou datt all Partei wousst, datt dat géif kommen. Dann hätt se sech kënne mellen.

Becker Romain (déi gréng):

Ass dat legitim, datt do keen Appell erausgeet, respektiv hätt kënnen e klengen Email u sämtlech Conseillere goen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass eigentlech net Usus.

Becker Romain (déi gréng):

Dach, mer haten dat schonn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, net fir e Syndikat. Fir d'Kommissiounen hate mer dat. Et ass och elo nach Zäit fir eng Kandidatur ze stelle wann der eng hutt. Da musse mer de Stëmmziedel deementspriechend änneren.

Vote secret:

Avec 14 voix pour et 2 voix contre, M. Patrick Arendt est nommé nouveau délégué auprès du Syndicat Intercommunal des Tramways dans le Canton d'Esch/Alzette (TICE).

5.5.

Administration générale.

Nomination d'un nouveau délégué dans le Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA) - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir de Moment läit eng Kandidatur vir, an dat ass déi vum Här Carlo Gira.

Vote secret:

Avec 14 voix pour et 2 voix contre, M. Carlo Gira est nommé nouveau délégué auprès du Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA).

5.6.

Administration générale.

Congé politique pour les délégués communaux dans les syndicats des communes - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst, datt e Reglement komm ass, op Grond vun deem de Ministère eis erlaabt, fir jiddereen, deen an engem Syndikat ass, nach zousätzleche „congé politique" zu deem normale „congé politique" als Conseiller ze kréien. Well mer haten 9 Stonnen zur Verfügung an déi 9 Stonne waren och besat vun deene Leit, déi schonn am Gemengerot hei souzen. Bedéngt doduerch, datt den Här Rosenfeld a seng wuel verdéngte Pensioun gaangen ass, sinn 2 Stonne fräi ginn. De Schäfferot proposéiert, dem neie Conseiller Patrick Arendt déi Stonnen ze ginn.

Accord avec 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

6.1.

Propriétés.

Compromis relatif à la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, avenue de la Gare à M. Paul Steinmetz et Mme Marie Yvette Graul - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass eigentlech net an der rue de la Gare, mä an der rue Titelberg. Et ass eigentlech d'Verlängerung hanner dem Paschtoueschhaus an den Terrain läit eigentlech an der rue Titelberg. Et geet drëm fir hinnen deen Terrain, deen hanner hirem Haus läit, ze verkafen. D'Madame Graul an den Här Steinmetz wunnen an der rue Titelberg. An hanner dem Haus läit deen Terrain an si hu gefrot fir deen Terrain kënnen ze kafen. An de Schäfferot proposéiert dem Gemengerot och, hinnen deen Terrain ze verkafen.

Virdru war et de Gaart vum Paschtoueschhaus. Déi Leit hate schonn eng Kéier gefrot fir deen Terrain ze kafen, an do hu

mer mussen den Accord vun der Kierchefabrik froen, an déi waren net domatter averstanen. An der Tëschenzäit ass d'Haus komplett an de Besëtz vun der Gemeng gefall, an do ass d'Demande nees gestallt ginn. A mer hu gemengt, mer kéinten hinnen dat fir 5.000 Euro den Ar verkafen. Den Terrain huet 2,28 Ar, esou datt de Verkafspräis bei 11.400 Euro géif leien. Den Noper niewendrun ass och interesséiert fir eng Parzell do ze kafen. Do hänkt de Compromis och aus a mer wäerten deen an der nächster Sëtzung bréngen.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Propriétés.

Compromis relatif à la vente d'un terrain sis à Rodange, chemin de Brouck à la société « PKP Promotion Immobilière sàrl ».

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei ass eigentlech eng Contre-emprise un eng Gesellschaft, déi mer hei maachen. Dat geschitt am Kader vun enger Baugenehmegung. Si hunn e ganz klengt Stéck hanner dem Trottoir ofgetruede krut. Do läit de Präis bei 750 Euro den Ar. Et sinn 0,78 Ar an esou gëtt déi Parzell fir 585 Euro un déi Gesellschaft verkaf.

Approbation à l'unanimité.

6.3.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue de la Piscine de la part de Mme Elisabeth Cruchten veuve Degano - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei ass et deen ëmgedréinte Wee. Mer hu festgestallt, datt en Deel vun der rue de la Piscine – um Enn - nach enger Privatpersoun, der Madame Elisabeth Cruchten veuve Degano gehéiert. Well et sech dobäi ëm Trottoir a Strooss handelt, hu mer gemengt, datt et gutt wier, wann dat an eisem Besëtz wier. Dat sinn am ganzen 9,90 Ar. An och do läit de Präis pro Ar bei 750 Euro. Dat wieren da 7.425 Euro.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt froen, ob mer där Situatiounen, wou Deeler vun de Stroossen a Privathand leien, nach méi an der Gemeng hunn an ob mer um Wee si fir déi all opzekafen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass eng Saach vu 40 bis 50 Joer, wou mer amgaange sinn, opzeschaffen. Mer maachen esou séier wéi méiglech. Et ass net déi alleréischt Prioritéit an deem Service, wat en Ee-Mann-Betrib ass. Ech muss iech soen, datt dat hei duerch en Zoufall opgefall ass. Eis war net bewosst, datt dat nach a Privathand war. Mä där Fäll ginn et der nach ganz vill.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass jo am Fong déi selwecht Situatioun wéi an der rue des Acacias. Hu der dem Proprietaire dann d'Recht gi fir d'Strooss zouzemaachen? An der rue Bommert hu mer jo och de Problem.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, si kënnen net zou maachen, well et eng ëffentlech Strooss ass. An an der rue Bommert hu mer dat am Kader vum Bau vun enger Residenz geregelt. Do geet och elo de Schluss vun der Strooss an de Besëtz vun der Gemeng iwwer. Fir se zouzemaachen, dat ass méi schwiereg, well do awer Servituden drop waren. Mä ech mengen, et ass awer besser, wann déi Stroosse lues a lues an eise Besëtz kommen. Dat ass och fir d'Proprietairë wichteg, well et kéint emol eng Kéier eng Fro vun der Responsabilitéit gi wann do eppes op deene Plaze geschitt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hat jo schonn eng Kéier gesot, datt mir d'Stroosse propper halen an och do mam Camion kënnen erakommen, wou mer dann, deemno wéi, och e Problem kënne kréie wann eppes do geschitt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Op alle Fall ass et eng Sisyphusaarbecht éier do alles geregelt ass. Ob mer alles geregelt kréien, dat ass och nach net sécher. Et brauch nëmmen een net wëllen ze verkafen, an da geet et net. Et sinn och ganz kleng Parzelle vun e puer Zentiar. Bei dëser Gréisst sinn et der just nach e puer. Mä do schaffe mer drun.

Breyer Roland, Schäffen:

Eng Präzisioun dozou, wann de Buergermeeschter erlaabt. Et gëtt eng Jurisprudenz. Alles wat ëffentlech ass, ass „voirie publique". Dat heescht, wann ech mengen, datt eppes privat ass, da muss ech dat delimitéieren. Wann ech et einfach oploossen an d'Leit driwwer goe loossen, da fält et an den ëffentlechen Domaine. Do kommen dann och Trottoiren derbäi. Also wa mer alles wëlle regulariséieren, da packe mer dat net an dësem Joer. Wa mer d'Stroossen eriwwer kréien, da si mer scho fäin eraus.

Approbation à l'unanimité.

6.4.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition d'un bâtiment d'habitation avec annexes sis à Pétange, rue de l'Eglise de la part de Mme Margot Waxweiler ép. Huberty et M. Joseph Waxweiler - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Hei géife mer iech proposéiere fir e Compromis matzedroen, dee mer elo no laanger Zäit fäerdeg kruten. Et ass do ënnen d'Haus Waxweiler, wat nach eng Zort Enclave ass tëscht dem rouden Haus an dem Centre WAX. Mer wollte vun Ufank un dëst Haus kréien, mä de Präis war exorbitant héich. No laangen Diskussiounen hu mer e Compromis ënnerschriwwen, deen op 850.000 Euro erausleeft, wat eiser Meenung no ganz an der Rei ass. Et sinn 8,11 Ar Terrain op enger zentraler Plaz. Wa mer dat kafen, da gëtt et eis einfach Sécherheet beim Plange fir dee ganze Site fäerdeg ze kréien. D'Gefor war ëmmer derbäi, datt d'Destinatioun fir dat Gebai ganz anescht hätt kéinten ausgesi wann do eng Initiativ geschitt wier fir dat ze verlounen oder esou. Hei hu mer elo d'Méiglechkeet, deen Eck flott ze gestalten, well dee ganzen Domaine elo amgaang ass, Form ze kréien.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn eng Fro zur Deliberatioun. Do steet „...afin d'y aménager une place publique respectivement une petite aire de stationnement". Ech ka mer virstellen, datt dir Virstellungen hutt, wéi dat hannenno soll ausgesinn. Gëtt do eng Etude gemaach? Gëtt do mat dem Architekt oder mat der Architektin vun deem ganze Site zesumme geschafft?

Well wann dat Haus do ewech gerappt gëtt an eng Parkplaz dohikënnt, dann hu mer net vill gewonnen, well de Site sollt jo anstänneg ausgesinn, e soll visibel bleiwen. Mä wann dann do d'Autoe virun der Mille stinn, dann hu mer näischt gewonnen, da gesäit et nees fuerchtbar aus. Dat gëtt nees e Gedeessems an e Gedrécks wann een deem aneren do hannendrop parkt. Wéi soll dat duerno mat der Parkplaz funktionéieren?

Breyer Roland, Schäffen:

Also mer hu scho Kontakt opgeholl mat der Architektin selwer, mat dem Tatjana Fabek, déi d'Mille konzipéiert huet. Mer hunn och Kontakt mat Ponts et Chaussées geholl, déi jo och matdiskutéieren zu deem, wat op hire Stroosse geschitt. Et ass kloer, datt mer do keng zweet Entrée oder Sortie op där Parkplaz kréien. Mer kréien eng op der Athuser Strooss, déi och do bleift. Déi Parkplazen, déi elo do sinn – dat sinn der 6 – wäerte vläicht verdräifacht ginn, esou datt am ganzen 18 Parkplaze wäerte virgesi sinn. D'Objektiv war fir 12 Plaze bäizekréien. Se sollen awer an enger Zort Park amenagéiert ginn, esou datt se befuerbar sinn. Wéi dat genee soll goen, dat ass nach net kloer. Mer mussen elo mol genee Opzeechnunge maachen. Et ass awer och esou, datt d'Fläch vun der Parkplaz maximum en Drëttel vum deem ausmécht, wat elo disponibel ass – vum Haus aus gesinn. Also maximum komme mer op 2,5 Ar. De Parking soll agebett ginn an e klenge Park. Mer stellen eis awer och vir, datt dat Element Waasser, wat jo op der Millen eng Roll gespillt huet, mat afléisse gelooss gëtt. Et ass och eng Parzell, déi esou ausgewisen ass am Compromis. Et soll u sech e klengen Openthaltsraum ginn, wou ee sech sëtze kann. D'Funktioune vun dem Haus, also den „Accueil touristique et culturel" wäerte bedéngen, datt Autoen do bäifueren an nees weiderfueren. Dat ass d'Zil dovunner. Wéi gesot, dat ganzt soll an e ganz agreabele Park kommen. Et ass net fir nees eppes ze verschäissen, a fir eppes anescht dohinner ze setze wou d'Haus stoung, mä et soll eng agreabel Plaz ginn, wou déi eng an déi aner sech kënnen integréieren.

Becker Romain (déi gréng):

Dir hutt elo vun deene Parkméiglechkeete geschwat, déi schonn do sinn an déi awer net duer ginn. Dat ass ganz richteg. Et war jo och wahrscheinlech net esou virgesinn, well jo déi meescht vun de Parkplazen ageholl gi vu Leit, déi do schaffen. An da si schonn 3 Parkplaze fort fir d'Visiteuren.

Breyer Roland, Schäffen:

Et brauch een dat just ze reglementéieren, zum Beispill, datt een den Disque muss leeën. An der Optik, datt et eng Parkplaz ass, kann een esou guer verlaangen, datt een en Ticket misst huelen. Et ass just eng Affaire vu Reglementatioun.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll och soen, datt dee ganze Projet nach eng Kéier an de Gemengerot kënnt, an dann diskutéiere mer, wat definitiv dohinner kënnt.

Breyer Roland, Schäffen:

De Projet gëtt jo elo ausgeschafft.

Becker Romain (déi gréng):

Well et awer an der Deliberatioun esou steet, wollt ech am Virfeld drop hiweisen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass jo och kee Problem. Den Haaptmessage, dee mer wollte ginn, ass, datt mer dat Haus net stoe loossen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mat engem Präis vun 850.000 Euro, esou ass dat jo awer en héije Präis pro Ar wann ee weess, datt et 8,11 Ar sinn. Do ass d'Ofrappe jo net derbäi.

Breyer Roland, Schäffen:

Neen. Wann dir en Haus kafe gitt, da kaaft der d'Haus plus den Terrain. Mer kafe jo och hei net eleng den Terrain. Et wier grad esou flott gewiescht wa mer just den Terrain hätte musse kafen. Da kommen d'Käschte fir d'Ofrappen nach derbäi. Déi sinn awer an de Grëff ze kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass just fir ze soen, datt de Präis fir den Ar awer relativ héich läit. Wann ee kuckt, da leie mer dann awer gutt bei 100.000 Euro den Ar.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann der en Haus wéi dat dote kafe gitt, da bezuelt der normalerweis méi deier.

Scheuer Romain (déi gréng):

Jo, mä mer rappen et jo dann och net ewech. Da bleift dat jo nach stoen an et ass seng Sue wäert.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo, averstanen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et loung eben elo schlecht, datt et elo huet mussen ewech kommen. Mer hate jo schonn eng Diskussioun am Budget doriwwer.

Breyer Roland, Schäffen:

Et wier och dran ze flicke gewiescht. Wann een eppes drugehaangen hätt, dann hätt en och eng aner Wunnméiglechkeet gehat, well dat Haus ass jo nach net esou al.

Pierre Norbert (LSAP):

Ech begréissen am Fong geholl, datt mer do nach eng Eenegkeet fonnt hu fir d'Haus ze kafen, well – ech huelen un – et wierklech eng Visitëkaart vum WAX gëtt fir d'Entrée vun der Gemeng Péiteng an och vun der Liberatioun. Dat gëtt deem ganzen awer en anere Kader, eng aner Nues. Wann déi Plaz och esou entwéckelt gëtt – mer gesi jo méi spéit, wat do erauskënnt – da kann ech dat nëmme begréissen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt just eng Informatioun lass ginn. Ech weess net, ob et iech schonn opgefall ass, mä dee viischten Deel vun der Fassad fänkt schonn un e bëssen ellen ze ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer hu jo do scho Sue gestëmmt, well do hu mer eng Infiltratioun, déi vun ënnen erop kënnt. An do hu mer jo 35.000 Euro am Budget stoe fir do Moossnamen ze ergräifen.

Approbation par 14 voix pour et 2 voix contre (déi gréng).

6.5.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition de 31 emplacements en future construction à Rodange, avenue Docteur Gaasch

de la part de la société « Califo Immo S.A. » - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei wëlle mer Parkplazen am Zentrum vu Rodange kafen, an dat an der avenue Dr Gaasch bei enger neier Konstruktioun, déi geplangt ass, an déi schonn ugefaange gouf. Do wollte mer vum Promoteur 31 Parkplaze kafe fir 796.490 Euro. Déi setze sech zesummen aus enger Partie Konstruktioun an enger Partie Terrain. Déi Zomm soll dann och no dem Finanzementsplang agesat an a 5 Partië bezuelt ginn, esou wéi d'Aarbechte weiderginn.

An deem Präis sinn och nach d'Installatiounsaarbechte fir e „système de surveillance" mat dran. Dat ass net am Sënn vun enger Kamera, wou alles opgezeechent gëtt, mä am Sënn vun enger Gérance vun de Parkplazen. Esou e Genre wéi um Findel, wou een, wann een erafiert, gesäit, datt et gréng oder rout ass a wéivill Plazen nach fräi sinn. Dat gëtt och duerch en Automat geréiert. Et ass och méiglech fir en Automat dohinner ze stellen, wou een en Ticket ka kafe fir dohinner parken ze goen. Dat ass awer nach net entscheet, mä d'Méiglechkeete si scho virgeplangt am System, wou do ass. Mir fannen, datt et wichteg ass fir Parkplazen am Zentrum vu Rodange ze schafen, well uewen an deem PAP kréie mer jo och Parkplazen am selwechte Mooss. Et ginn der natierlech och eng Rei verluer. Well mer awer dru gleewen, datt zu Rodange an haaptsächlech der avenue Dr Gaasch neit an dynamescht Liewe soll opbléien, solle mer eis lues eruntaaschten, esou datt d'Leit nees dohinner kënnen akafe goen.

Gira Carlo (CSV):

Ech kann nëmmen dat ënnersträiche wat den Här Breyer gesot huet. Et ass wichteg, datt mer déi nei Parkinge kréien, well uewe ginn der verluer. An déi kënne mer jo och net onbedéngt direkt kompenséieren, well do muss jo fir d'éischt gebaut ginn. Et ass wichteg, datt mer dës Parkplaze kréien ier mer déi aner Aarbechten ufänken.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wéi gëtt dat da geregelt mat de Leit, déi do am Haus wäerte wunnen. Net datt si dovunner profitéieren an dofir keng Parkplaz brauchen ze kafen. Wa si dann am Gebai sinn, da setze si sech einfach op déi Parkplazen, an da sinn d'Parkplazen awer besat.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer maachen e Parksystem, dee mer kontrolléieren. Mer kënnen dat zum Beispill mat engem Billjee maachen, mä dat hu mer nach net entscheet. Dat ass awer eng Saach, fir déi ech awer optimistesch sinn. Ech sinn optimistesch, datt mer de Parking « payant » maachen. Dat ass den Zweck vun der Saach. Mer mussen eis lues a lues ëmstellen.

Wann natierlech een do erafiert, deen am Haus wunnt, da muss en och en Ziedel huelen. Dann ass en eben e Kuerzzäitparker a muss dann ebe bezuelen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, de Pechert muss do kucke goen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dofir si mer schonn amgaange vun 3 op 4 Pecherten erop ze goen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass zwar eng gelunge Situatioun.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann eng Barrière do ass, da muss ee bezuelen. De System hei gëtt esou installéiert, datt all Méiglechkeeten op bleiwen. Wa mir soen, de Parking bleift fräi, da bleift e fräi. Mä mer mussen en awer verwalten. Da kënnt schonn eng vun de Komplikatiounen, an zwar wien dohinner ka parke goen. Am Prinzip ass jo all Mënsch virum Gesetz gläich. Och wat den ëffentleche Parking ugeet. Fir Dauerparker do ze zillen, dat ass net den Zweck vun der Saach. Dofir kucke mer no Kuerzzäitparker. A fir déi an de Grëff ze kréie muss ee bezuelen. Wat d'Kontroll u sech besser ass, wat et besser funktionéiert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer hu jo e gutt Beispill vis-à-vis. Do funktionéiert dat jo schonn zënter e puer Joer. Et ass en ëffentleche Parking. Se fueren an därselwechter Strooss era wéi déi, déi eng privat Parkplaz hunn. An op där ëffentlecher Parkplaz muss ee bezuelen.

Breyer Roland, Schäffen:

An et ginn och regelméisseg Protokoller geschriwwen. Mä soss funktionéiert et gutt.

Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

6.6.

Propriétés.

Acte pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, du Chemin de Fer de la part de la société « Polari » S.A. - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Elo kommen e puer Acten, déi mer solle guttheeschen a wou mer de Compromis schonn haten. Mer haten an dësem Fall de Compromis den 28. Mee 2014 ënnerschriwwen an den 18. September war en am Gemengerot. Et goung hei ëm d'Kafe vun engem Terrain an der rue du Chemin du Fer vun der Gesellschaft *Polari*. Dat war och am Kader vun enger Baugenehmegung, wou mer déi 24 Zentiar gratis ofgetruede kruten. Elo hu mer den Acte zur Ofstëmmung virleien.

Approbation à l'unanimité.

6.7.

Propriétés.

Acte pour l'acquisition de deux terrains sis à Pétange, rue Michel Rodange de la part de la société « Polari » S.A. - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm 2 kleng Terrainen an der rue Michel Rodange zu Péiteng. Dat si kleng Parzelle vun 11 Zentiar, déi mer ofgetruede kréien. Dat hate mer den 21. Mee 2014 hei am Gemengerot, an den 8. Januar 2015 hu mer den Acte gemaach. Elo geet et drëm fir dësen Acte guttzeheesche fir dës Situatioun ze regulariséieren.

Approbation à l'unanimité.

6.8.

Propriétés.

Acte pour l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, rue de l'Eglise de la part de la société « Agilis » sàrl – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei si schonn e ganze Koup Saachen, wou mer direkt regulariséieren, esou datt eis Nofolger an 20 Joer dat net méi musse maachen. Et ass d'Gesellschaft *Agilis*, mat där mer e Compromis gemaach hunn am Kader vun engem Projet an der rue de l'Eglise hei ënnen. Do ass déi Residenz drop gebaut ginn. Do kréie mer e klengen Terrain gratis ofgetrueden, a mer hunn de Compromis schonn ënnerschriwwen hei am Gemengerot. Elo geet et drëm fir den Acte am Gemengerot ofzeseenen.

Approbation à l'unanimité.

6.9.

Propriétés.

Acte pour l'acquisition d'un bâtiment religieux sis à Lamadelaine, rue du Moulin de la part de l'asbl « Neuapostolische Kirchengemeinschaft im Grossherzogtum Luxemburg » - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Do geet et ëm de Compromis, dee mer am September d'lescht Joer am Gemengerot gestëmmt hunn an deen elo soll ëmgesat ginn. Dat ass d'Uschafung vun der „Neuapostolische Kirchengemeinschaft im Grossherzogtum Luxemburg", wou mer déi fréier Kierch zu Lamadelaine kafen zum Präis vun 325.000 Euro. Et si 4,16 Ar. Mer wollten dat kafen – esou wéi mer dat och schonn am Compromis gesot hunn – fir et deene lokale Kënschtler a Museker, Gruppen, Veräiner, Jugendlech a Studenten ze erméiglechen, do Produktiounen ze gestalten, ze korrigéieren an auszebauen. Et kënnt en audiovisuelle Studio dohinner, wou all déi Méiglechkeeten erfaasst wieren. Wann der eis do ären Accord géift ginn, da kéinte mer direkt ufänke mam Plangen. Mat den Detailer vum Projet komme mer nach eng Kéier an de Gemengerot zeréck.

Arendt Patrick (CSV):

Wann een d'Bréck wëll eropfueren zu Lamadelaine, do steet nach dat Schëld, wat jo dee Moment misst ewechgeholl ginn. An engem leschte Gemengebericht hunn ech gelies, datt der wéilt mam Lycée zesumme schaffen. Dat hunn ech eng ganz gutt Iddi fonnt. All déi, déi hei geschwat hunn, hu gutt Iddie bruecht. Ech géif et gutt fannen, wann een de Lycée géif mat abannen, en audiovisuelle Studio do ariichten a si esou abannen. Da kéint ee vläicht soen, datt fir déi Aarbecht, déi am Moment vu Simba gemaach gëtt – mer loosse jo heiansdo eis Manifestatioune filmen -, mat de Schüler e Projet gestart kéint ginn an dat do op der Plaz ka gemaach ginn. Dann hätt ee Schüler a Studenten agestallt fir dat ze maachen an dat Ganzt géif och valoriséiert ginn. Ech hat och eng Kéier mat Simba rieds gehat an si soten, se hätten zimlech vill ze dinn. Dofir géif ech dat eng gutt Iddi fanne wann een dat do mat erabrénge kéint.

Breyer Roland, Schäffen:

Also et ass eppes virgesi wann alles optimal geet. Wa mer ganz optimistesch sinn, da maache mer eis eege Produktiounssendungen do. Dat kann esou gutt am Radio wéi op der Televisioun sinn. Firwat mam Lycée? Ma well mam Lycée schonn e Kontrakt gelaf ass iwwer de Sikor, wou si spezialiséiert Léierpersonal a Leit hunn, déi do matgeschafft hunn. Ech ka mech erënneren, datt de Sikor Kamerae fir 35.000 Euro kaf hat fir zur Verfügung ze stellen. Déi missten och nach ëmmer do sinn. An do war och dru geduecht gi fir eng Kollaboratioun iwwer d'Grenz ewech ze maachen, déi awer net avancéiert ass. Hei kéinte mer eis virstellen, datt mer, wann de Lycée mat derbäi ass, mat hire Studenten a mat Leit vu bausse lues a lues esou eppes opbauen ewéi den Uelzecht-Kanal. Et brauch net esou hochtrabend ze sinn, mä wa mer kleng Produktioune kéinte maachen – haaptsächlech Produktiounen, déi op eisem Gemengegebitt sinn -, dann hu mer do déiselwecht Vue.

Approbation à l'unanimité.

6.10.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Marco Goedert pour la location d'un logement sis dans l'Ecole fondamentale « Fonderie » à Rodange – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer sinn amgaangen all eis Loyerskontrakter duerchzekucken. An de leschten 2 oder 3 Joer hate mer eng ganz Rei Modifikatiounen. Ee vun de leschte Kontrakter, dee mer elo amgaange sinn ze kucken, ass eng fréier Déngschtwunneng, déi am Schoulgebai Fonderie war a wou e Mataarbechter vun eis dra wunnt. Hien hat säit dem 25. November 2002 e Loyerskontrakt. Déi Zäit war dat eng Déngschtwunneng an dat war esou an de Critèrë vun der „Convention collective des ouvriers des communes du sud" definéiert. Well den Här Goedert awer schonn eng gewëssen Zäit aner Missiounen an och keen Usproch méi op eng Déngschtwunneng huet, hu mer geduecht, mer missten dëse Loyer awer adaptéieren. Mer hunn opgrond vun de Präisser, wéi mer all déi aner Saache verlounen – och vis-à-vis vun der Police, dem Bildungsministère oder aner Institutiounen, wou mer e Präis vu 6 Euro pro Quadratmeter hunn – entscheet, dem Gemengerot virzeschloen, him en neie Kontrakt ab dem 1. Mäerz 2015 ze ginn, wou mer 720 Euro Loyer fir d'Logement a 40 Euro fir d'Garage froen, esou datt hie 760 Euro ze bezuelen huet. Et ass och esou, datt e seng Chargë muss bezuelen, wat awer virdrun als Déngschtwunneng net esou war. Mir hunn dat och all – esou gutt hien ewéi mir – ënnerschriwwen.

Approbation à l'unanimité.

6.11.

Propriétés.

Avenant n° 2 au contrat de bail du 24 septembre 2012 conclu avec l'exploitant du restaurant du Centre Wax à Pétange - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Am Kader vun der Revisioun vun deene Kontrakter hu mer hei och eng kleng Upassung virzeleeën. Et ass de Kontrakt mam Restaurateur Kertz am Centre WAX. Ech erënneren drun, datt de 15.10.2012 de Kontrakt esou festgehale gouf wéi en och vum Schäfferot proposéiert gi war. En ass och deemools esou vum Här Kertz ënnerschriwwe ginn. Dee Kontrakt huet virgesinn, datt eng kal Locatioun vun 2500 Euro plus TVA gerechent gëtt. De Leasing vum Kichematerial gëtt iwwer 9 Joer zeréckbezuelt, dat ass och an engem Kontrakt festgehale ginn. Do si 750 Euro de Mount, déi ufalen. En huet och en Undeel u Käschte gehat, deen als Avance an Héicht vu 1500 Euro gelaf ass. An et stoung eng Klausel dran, datt um Enn vun engem Joer, spéitstens awer den 1. Abrëll vum Joer duerno, en Undeel vu 4% ze bezuele wier, an dat wann den Ëmsaz iwwer 350.000 Euro léich. Mer hunn dat esou adaptéiert a kontrolléiert.

Déi éischt Norechnung hu mer vun him kritt. Mer hunn déi zimlech spéit kritt. Dat ass schonn ee vun de Problemer, déi

mer feststellen. All Kéier musse mer e Stéck Loyer am „Nachhinein" nofroe goen. Et ass schwéier, déi Donnéeën ze kréien. Den 1. Abrëll ass meeschtens an der Rei, mä d'Fiduciairë sinn net ëmmer fäerdeg, an da gëtt et verschleeft a mer kréien dat spéit eran. Mer hunn elo festgestallt, datt en décke Batz nozebezuelen ass. Dat ass ëmmer penibel, wann een e Loyer huet. E Loyer ass am Prinzip am Viraus ze bezuelen, an net duerno. Hei ass am Fong keng Planungssécherheet, well en net weess, wéi säi Loyer definitiv ausgesäit. Mer hunn elo de Loyer vun 2013 praktesch um Enn vun 2014 eréischt noverrechent. Dat geet esou viru wa mer näischt wëllen änneren.

Mer hunn awer gemengt, dat wier keng gutt Léisung fir ëmmer bei him laanscht ze goen an ze soen, e misst nach esou vill nobezuelen. Et weess ee jo, wéi d'Locataren heiansdo reagéieren. Mer wollten de Loyer esou maachen, datt am Viraus bezuelt gëtt a wou d'Norechnen net méi néideg ass. An dat, well mer och mat dem Ëmsaz ni Sécherheet hunn, datt dat och d'Zomm ass. Mer kënnen dat net kontrolléieren. Fir dat ass déi Basis, déi do ass, net gutt. Et ass och eng Basis, wou mer net vill Kontrollméiglechkeeten hunn.

D'Propositioun, fir deem aus de Féiss ze goen, wier, dee kale Loyer vun 2.350 Euro op 3.000 Euro plus TVA ze erhéijen, de Rescht ewéi de Leasing, den Undeel vun de Käschten– dës gi verrechent an do kritt en nach Suen erëm – stoen ze loossen an d'Nobezuelen um Ëmsaz ze sträichen.

Approbation à l'unanimité.

6.12.

Propriétés.

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières de la Commune durant le 2e semestre 2014 - approbation.

Mertzig Romain (LSAP):

Am Laf vum 2. Semester 2014 hu mer de Leit Konzessioune fir Griewer a Kolumbarie verkaf. Dat waren 3 Kolumbarien zu Rodange, 3 Griewer zu Péiteng, 2 Griewer zu Rodange an 2 Griewer zu Lamadelaine. Déi Konzessioune sinn op 30 Joer gemaach ginn.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn de Moien zoufälleg den Doudegriewer zu Rodange gesinn, an en huet mer un d'Häerz geluecht fir nozefroen, wéini dat mat sengem Haus ugeet.

Mertzig Romain (LSAP):

Dat ass amgaangen. D'Aarbechten hunn den 19. Januar ugefaangen. Et gesäit een zwar näischt vu baussen, mä si sinn amgaange bannendran ofzerappen an um Buedem ass alles gezeechent. D'Fënstere goufen nach dra gelooss fir datt se net missten am Duerchzuch schaffen. Mä dat leeft.

Approbation à l'unanimité.

7.1.

Prévisions sociales.

Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maison Relais pour Enfants - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Den 18. Mee 2009 hu mer op dëser Plaz en internt Reglement vun eiser Maison Relais gestëmmt. An der Tëschenzäit si mer méi grouss ginn. Mer hunn och méi Kanner kritt. Et sinn och nei Konventioune komm, esou datt mer geduecht hunn, mer missten e puer Upassungen am Reglement virhuelen. Mir hunn och schonn e positiven Avis vum Gesondheetsministère kritt. Deen ass den 22. Januar erakomm. Elo hu mer hei Verschiddenes wat ech iech wollt matdeelen.

Gewësse Saache lafen natierlech virun ewéi bis elo, aner Saache kommen awer derbäi. D'Servicen, den Encadrement, d'Mëttegiessen, den Accueil vu moies, dat bleift nach ëmmer d'selwecht. Do sinn déi eenzel Prestatioune virgedréckt an déi bleiwen och esou. D'Servicer, déi ugebuede gi fir d'Kanner aus der Grondschoul, bleiwen och esou. Den Zyklus 1 (Précoce) ass net mat dra well mer nëmmen d'Kanner vu 4 bis 12 Joer huelen. Mer huelen déi Kanner, déi an der Grondschoul an am „chèque service" ageschriwwe sinn, eran esouwäit eis Waardelëscht dat zouléisst. Mer kënnen natierlech an der Vakanzenzäit och Kanner eranhuelen, déi während der normaler Schoulzäit net an der Maison Relais sinn, well mer jo da Plagen hunn, déi fräi sinn. Mir brauchen e Certificat vun den Elteren, datt se schaffen. An dat, well mer eis zur Bestëmmung gemaach hunn, datt mer d'Kanner no gewësse Critèren eranhuelen. An zwar ass den Haaptcritère, datt mer d'Kanner 5 Deeg an der Woch hunn, mer schonn eventuell e Brudder oder eng Schwëster hunn a si esou net ausernee wëlle rappen. Da solle Kanner och opgeholl ginn, déi am „Foyer du jour" vun der Villa Bambi oder an der Crèche Kordall sinn, well et muss een deene Leit, déi schaffen, eng Kontinuitéit garantéieren, net datt op eemol Kanner vu 4 Joer do stinn a keng Plaz hunn. Do musse mer oppassen, datt mer gewësse Plaze fräi hunn. Da kommen natierlech Kanner vun eleng erzéienden Elteren drun, well déi sinn heiansdo ganz schlecht drun. Selbstverständlech awer och déi, déi zu zwee schaffen. Also dat sinn d'Critèren, no deene mer d'Kanner bei eis eranhuelen. Wa mer elo e sozialen Dossier kréien oder vun engem „juge de tutelle" ugewise gi fir e Kand eranzehuelen, da sinn déi natierlech ëmmer prioritär. Mer mussen also ëmmer kucken, fir déi eng oder aner Plage an der Maison Relais fräizehalen. Wat elo d'Upassungen uginn, déi mer musse maachen an déi och an der neier Konventioun stinn, esou sinn dat déi nei „plages d'horaire", déi mer eisem Personal och musse matdeelen. Et geet elo ëmmer mat 2 Stonnen hannereneen. Mer kënnen e Kand net méi fir de ganzen Nomëtteg aschreiwen, mä vun 2 bis 4 Auer, an dann nees vu 4 bis 6 Auer, an da bleift owes nach 1 Stonn fir de Schluss ze maachen.

Mer aktéieren eis Plagen an deelen déi och den Eltere mat, well wa mer Aktivitéiten dobausse maachen an emol mat de Kanner fortfueren, a wa si e Kontrakt ofgeschloss hunn an hir Kanner während der Vakanz eraginn, da sollen se d'Kanner och just zu gewëssen Zäiten ewech kënnen huelen. Soss si mer blockéiert a kënne keng Aktivitéite méi maachen. Mer hunn dofir gesot, datt mer se an der Vakanzenzäit gäre moies vu 6.45 Auer bis 8 Auer, duerno vun 8 bis 10 Auer dobannen hätten, well da kënne mer nach Kaffi mat hinnen drénken ier mer dann erausfueren. Deemno wéi et ass soe mer den Elteren, datt si se eventuell eréischt am spéiden Nomëtteg oder no 4 Auer ewech sollen huelen, esou datt d'Kanner d'Aktivitéiten nach kënne matmaachen, déi am Nomëtteg stattfannen. Well soss kréie mer een Tourismus an der Maison Relais, well déi eng dierfen an déi aner net. Well soss musse mer kucke fir d'Personal do ze splécken, an ech fannen, datt dat net ganz gutt fir de Fonctionnement vun enger Maison Relais ass. Dofir hu mer dat esou agedeelt. Ech mengen, dat geet och aus där heiten Instruktioun eraus.

Mer hunn och gewësse „mesures disciplinaires" virgesinn. Wa mer Kanner hu wou mer gesinn, datt se sozial ganz

schwéier Fäll sinn a schwéier an eng Maison Relais eranzekréie sinn, da musse mer eis jo awer d'Fräiheet gi fir den Eltere kënne Warnungen ze ginn. A wann et guer net géif goen, da misste mer awer no der 3. Warnung kënne soen, datt d'Kand net méi kann an d'Maison Relais kommen. Dat si gewësse Gegebenheeten, déi mer eis musse gi loossen.

Et ass och esou, datt mer de Leit mussen un d'Häerz leeën, datt se d'Kanner zu deenen Zäiten, déi se reservéiert hunn, ewechhuele sollen. Heiansdo ass eng gewëssen Nonchalance bei den Elteren do. Hinne geet et net op eng Véirelstonn oder eng hallef Stonn un. Wann een awer owes wëll ofschléissen an et ass dat eent oder anert Kand nach do an et muss dann en Éducateur oder eng Éducatrice do bleiwen, dann ass dat net korrekt. Jidderee kann emol eng Kéier eng Pann oder eng Verspéidung hunn, mä d'Eltere solle sech awer un d'Horairen halen.

Et ass natierlech elo och esou, datt mer mussen oppassen, well mer Kanner haten, wou d'Elteren eng Genehmegung ënnerschriwwen hate fir datt d'Kanner eleng – wa se mëttes do waren – no 2 oder 4 Auer konnten Heem goe wann se e gewëssenen Alter haten. Dat ass elo net méi esou erlaabt, well an der neier Konventioun steet, datt d'Kanner ëmmer musse begleet si vun enger Persoun, déi op d'mannst 16 Joer al ass. Mer sinn dorunner gehale fir den Elteren dat matzedeelen. Wann och eng Persoun kënnt, da musse mer awer och kontrolléieren, ob déi den Alter huet, well soss musse mer d'Kand dohale bis d'Eltere kommen. Dorunner musse mer eis halen. Mer kréien ëmmer méi Steng an de Wee geluecht, mä dat ass nun emol esou.

Déi Kanner, déi krank sinn, mussen e Certificat bréngen. Mer hunn och gemierkt, datt mer gewësse Kanner hunn, déi dat ganzt Joer an d'Maison Relais komm sinn. An dat ouni Ausnam. Do hu mer eis gefrot, ob déi Eltere kee Congé hunn. Mer sinn elo higaangen an hu geschriwwen, datt all Kand op d'mannst 14 Deeg Congé vun der Maison Relais muss huelen a wou et muss doheem oder an der Famill sinn. E Kand huet Vakanz zegutt, och wann et eng Schoulvakanz huet, mä ech mengen, et muss och emol Ofstand vun der Maison Relais kréien, well et net natierlech ass, datt et guer keng Vakanz huet.

Da kënnt déi finanziell Matbedeelegung, déi festgeluecht ass. Da kënnt d'Hausaufgabenhëllef, dat sinn d'„études surveillées", wou d'Kanner begleet ginn. Et ass awer keng Nohëllef, an et ass och net esou, datt d'Hausaufgabe ganz musse fäerdeg gemaach ginn. Feeler, déi dra stinn, déi sollen och dra bleiwen, esou datt d'Léierpersonal gesäit, wéi den Niveau vum Schoulkand ass.

Wou mer hei och e wéineg méi fest drop halen, dat ass, wa gewësse medezinesch Indikatioune sollte bestoen, datt d'Elteren dat direkt bei der Aschreiwung mellen, esou datt d'Personal weess, wéi et sech soll behuelen. Natierlech ginn esou Informatioune mat der néideger Diskretioun behandelt. Mir hunn extra Dossieren dovunner, wou dat agedroen ass. Am Fall wou, kann doranner gekuckt ginn, well mer verhënnere wëllen, datt do Daten un d'Ëffentlechkeet geroden. Wa mir d'Kanner betreien, da läit d'Verantwortung selbst-verständlech bei eis. D'Eltere si verantwortlech fir de Vestiaire, dee reservéiert ass fir d'Kanner. Si sollen och regelméisseg kucken, datt alles dran ass oder datt Saache mat heem kommen. Déi aner Punkte sinn der, déi schonn ëmmer am Reglement dra stoungen.

Gira Carlo (CSV):

Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, da baséiert dat neit internt Reglement dorop, datt d'Plagen nei geregelt sinn, wouduerch natierlech méi e groussen administrativen Opwand ufält. Am Géigenzuch kréie mer jo dann och méi Flexibilitéit, wat hoffentlech dozou féiert, datt mer d'Waardelëschte kënnen ofbauen. Ech géif och mengen, datt et fir méi Gerechtegkeet wier an datt och esou vill ewéi méiglech Kanner vun dësen Ariichtunge kéinte profitéieren, wa mer an eisem Reglement virgesinn, datt och d'Elteren déi néideg Zäiten géifen uginn, wou se wierklech schaffen an net – wéi d'Madame Conter schonn ugedeit huet – d'Kanner vun deelweis moies bis owes ugemellt sinn an awer nëmmen d'Halschent vun der Zäit do sinn. Et wier am Sënn vun der Gerechtegkeet, wa mer dat reglementéiert kéinte kréien.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mer hunn och schonn am Schäfferot driwwer geschwat fir d'Aschreiwungslëschten ze änneren. Mer hätte gären d'Zäiten drop stoen, wéini d'Eltere schaffe fir eng besser Kontroll ze hunn. Dat gëtt natierlech en administrativen Opwand, dee vill méi grouss ass, mä dat ass scho virgesinn. Mat deenen heite Plagen ergëtt dat sech. Da kënne mer emol nach dat eent oder anert Kand vu 4 bis 6 oder vu 4 bis 7 Auer eranhuelen. Vläicht kéinte mer esou eis grouss Waardelëscht, déi nach ëmmer op 100 Kanner steet, e wéineg ofbauen. Dat wier wënschenswäert.

Brecht Guy (LSAP):

D'Madame Conter huet jo gesot, mer hätten d'Méiglechkeet, wann d'Kanner sech net behuelen oder se net dohinner passen, esouvill Verwarnungen ausschwätzen, datt se net méi kënnen dohinner kommen. Wéi ass et dann, wann d'Elteren am Feeler sinn? Well ech weess awer och vun e puer Fäll, déi et sech einfach zur Gewunnecht maachen, hir Kanner owes esou laang do sëtzen ze loossen. Se hale sech un näischt. Wat fir eng Handhab hu mer dann do?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mer hu scho gesot datt, wa se owes d'Kanner bis eng bestëmmten Zäit net ofhuele kommen, mer eis d'Recht virbehale fir hinnen deen Horaire a Rechnung ze stellen, esou datt et net op de „Chèque- service" leeft. Well ech mengen, dat ass esou wéi wann een dobaussen den Auto ze laang stoe léisst an de Pechert laanscht kënnt, da kritt een och e Protokoll.

Mir mussen dat maachen, well et si Leit, déi mengen, si kéinten owes an de Cactus goen oder an den Auchan, well dee jo esou laang op huet an et si jo Leit do, déi sech ëm hir Kanner këmmeren. Wann elo Eltere kommen, déi sech net sollte behuelen, déi Ramba Zamba maachen oder alkoholiséiert sinn, dann hu mer d'Méiglechkeet fir eventuell d'Kand oder d'Kanner net matzeginn oder fir d'Police ze ruffen, esou datt si kënnen agräifen. Well mer hunn och nach aner Kanner, op déi mer oppasse mussen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech fannen et gutt, datt et net um Kapp vun de Kanner ausgedroe gëtt an datt d'Kanner net brauchen drënner ze leiden, an datt et wierklech un d'Eltere geet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Neen, mä et muss een awer gewësse Grenze setzen.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Prévisions sociales.

Approbation du contrat de bail pour la location d'un local commercial à Lamadelaine, Grand-Rue n° 8 pour les besoins de l'asbl « Cent Buttek » - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Kader vun de Budgetsdebatte war ugedeit ginn, datt mer amgaange si mat der Cent Buttek asbl ze verhandele fir och esou eng Institutioun bei eis an d'Gemeng ze bréngen. Et ginn der eigentlech op 2 Plazen de Moment: zu Beggen an zu Beetebuerg. Fir Beggen sinn d'Gemenge Lëtzebuerg a Walfer betraff, fir Beetebuerg sinn et och nach Diddeleng a Fréiseng. Elo géif et drëm goen esou e Buttek och hei op ze maachen. Et soll eis hëllefen – zesumme mam Office social – eng Rei Problemer ze kläre wou Leit Problemer hunn, déi néideg Saachen ze kafe fir am Alldag ze liewen. Iwwer de Cent Buttek géif et e Wee gi fir dat och gënschteg ze maachen. Mer haten och mam Office social doriwwer geschwat a si waren och deem positiv géintiwwer gestëmmt. Si si frou, fir dës zousätzlech Hëllef ze kréien, an dat nieft der „épicerie solidaire", déi jo schonn existéiert a wou schonn esou Méiglechkeete bestinn. Mä do ass dat wiesentlech méi beschränkt, well do Artikelen aus dem Gaart oder Uebst ugebuede ginn.

Mir als Gemeng mussen eigentlech just e Lokal zur Verfügung stellen a mer bezuelen d'Hëtzen an d'Elektresch. Mer hate selwer keen esou e Lokal, an dofir si mer op d'Sich gaange fir esou eent ze lounen. Hei ass de Loyerskontrakt, dee virläit fir e Lokal zu Lamadelaine an der Groussgaass op Nummer 8 ze lounen an hinnen zur Verfügung ze stellen. Fréier war do och eng Epicerie, esou datt dat sech ganz gutt dofir eegent. Mer géifen dat zu engem Loyer vu 1.500 € de Mount lounen. D'Niewekäschte wieren 200 €, wou mer natierlech och all Joer en Dekont kréien. Dat hei sinn eigentlech Avancen, déi mer mussen un de Proprietaire bezuelen. De Loyer ass ze bezuele vum 1. Mäerz 2015 un. An da jeeweils den 1. Dag vum Mount, deen uleeft.

Domat ass awer déi gréisst Aarbecht net gemaach. Nodeems mer de Loyer hunn, wäert de Cent Buttek an Aktioun trieden, eng Informatiounsversammlung maachen, Fräiwëlleger sichen, déi hëllefe schaffen. Et sinn och schonn eng Rei Leit do, déi interesséiert sinn, do ze hëllefen. Si rechne mat 30 bis 40 Leit, déi si brauche fir datt dat funktionéiert. Well si musse jo engersäits d'Wuere bei déi grouss Geschäfter siche goen, si mussen se an d'Rayone maachen, se mussen se ënnerhalen, an 2 bis 3 Mol an der Woch ass d'Geschäft op a wou d'Leit kënnen akafe kommen. Wann de Projet am Fréijoer definitiv ass wäerte mer nach eng Kéier dorop zeréckkommen.

De Cent Buttek zu Beggen an deen zu Beetebuerg funktionéieren exzellent. Mer konnten eis déi Saach och schonn ukucken an eis vu Leit, déi do schaffen, soe loossen, wéi dat funktionéiert a wéi dat gefrot ass, esou datt déi sozial Institutioun e weidere Plus fir d'Péitenger Gemeng bedeit. Doriwwer eraus ass et och fir den Office social eng Hëllef fir déi Fäll, wou se Problemer hu wann d'Leit hiren Alldag net méi kënne finanzéieren.

Gira Carlo (CSV):

Ech kann dat do nëmme begréissen. Dir hutt gesot, déi zwee Butteker géife gutt a regional funktionéieren. Ass dat do elo wierklech virgesi fir eis Gemeng, oder ass geplangt fir dat op de Kordall auszebauen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also mir fänken elo un. Mer wäerten awer och am Gespréich sinn – iwwer de Sikor – fir ze kucken, ob déi aner Gemengen interesséiert sinn. Och an deenen Uertschaften ass op enger Plaz ugefaange ginn an dat huet sech duerno ausgebreet. Ech sinn iwwerzeegt datt, wann dat gutt funktionéiert, d'Nopeschgemengen och Client wäerte sinn an op dës Plaz wäerte kommen. Mir wëssen awer och, datt Déifferdeng eng „épicerie sociale" huet, déi ähnlech funktionéiert. Mä ech géif soen, datt – mat der Zuel vun Awunner, déi an dësem Eck liewen – déi zwou sech keng Konkurrenz géife maachen a gutt matenee funktionéiere kéinten.

Breyer Roland, Schäffen:

De Loyer vun der „épicerie sociale" gëtt jo iwwer de Sikor bezuelt, a mer haten hei och versicht, déi hei mat an d'Diskussioun ze kréien. Dunn ass op eemol vu Suessem a vun aner Plaze gesot ginn, datt si och domatter amgaange sinn a mer keng Enchère wollte maachen. Mer sollten dat sachlech diskutéieren. Bieles ass och amgaangen, eng „épicerie sociale" opzebauen, a mer musse kucken, ob der wierklech 4 am Kordall noutwenneg sinn. Käerjeng huet net vill wat dës Strukturen ugeet, an et muss ee kucken, wéi een do zesumme ka schaffen.

Brecht Guy (LSAP):

Dir hutt gesot, datt dat géif iwwer den Office social verwalt ginn. Gëtt dann do keen extrae Verwaltungsrot gegrënnt fir dat ganzt Haus do ze leeden. Well ech ka mer virstellen, datt d'Leit am Office social heiansdo hirer Hänn kee Rot wësse well se all Kéier esou vill Fäll ze behandelen hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Office social verwalt dat Haus net. Wat den Office social mécht, dat ass, datt si Bierger, wou si mengen se missten op esou en Service zeréckgräife kënnen, en Ziedel gi mat deem si an de Cent Buttek akafe kënne goen.

Wat d'Verwaltung ugeet, esou leeft et ënner der Tutelle vun der asbl Cent Buttek, déi de Moment Beetebuerg a Beggen opgeholl hunn. Si wäerten och Péiteng opmaachen. Ech sinn iwwerzeegt, datt och hei eng Equipe op d'Bee gesat gëtt, déi spezifesch fir dëse Buttek verantwortlech ass, mä ënner der Tutelle vun der asbl Cent Buttek, déi déi 3 Butteker da verwalt.

Brecht Guy (LSAP):

Ech kinnt mer och virstellen, datt d'Leit déi Bongen, déi den Office social ausgedeelt huet, an eng aner Form kréien. Soss war et jo esou, datt d'Leit Bonge vu 50, 75, 100 oder esouguer 150 € kruten. Déi kéinte ganz ewechfale wann d'Leit eng Kaart kréie fir permanent do kënnen akafen ze goen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De System ass jo, datt ee fir 2 € alles kann akafen, wat een an ee Caddy kritt. Et kann een awer nëmmen eng Kéier d'Woch esou akafe goen. Dat gëtt vum Cent Buttek gestaffelt. A wann d'Leit de Certificat vum Office social kréien, da kënnen se ënner där Form, wéi de Cent Buttek funktionéiert, regelméisseg do Wuere kafe goen.

Brecht Guy (LSAP):

Dat si jo awer och haaptsächlech lesswueren, ewéi ech dat gesinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et kënnen awer och Pampers, Seefen an esou Saache sinn. D'Membere vum Cent Buttek hu Kontakter zu de grousse Geschäfter. Si gi Saache sichen, déi kuerz virum Verfallsdatum sinn an déi si awer nach huelen an dann zu deem gënschtege Präis viruginn. Et ass jo besser, déi Leit hunn déi Saachen ewéi wann se an der Dreckskëscht landen. Ech mengen, dat ass de Prinzip. Mä et sinn elauter Saachen, déi net ofgelaf sinn, mä déi kuerz virdru sinn a wou d'Geschäft weess, datt se se net virun deem Datum verkaf kréien. Dat funktionéiert ganz gutt op deenen zwou Plazen,

wou et schonn ass. An et ass e System, deen an Zukunft sécherlech och nach an aner Gemenge wäert kommen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn d'Fro extra gestallt, well d'Iesswuere méi séier oflafen. Seefen- a Wäschpolfer lafe jo net esou séier of. Ech huelen awer och un, datt déi Butteker op Spenden ugewise sinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo, haaptsächlech op Spende vun deene grousse Geschäfter. Do leeft zum Beispill e Kontrakt mat engem grousse Geschäft zu Péiteng, wat op Beggen oder Beetebuerg liwwert. Déi wäerten an Zukunft dann an de Cent Buttek op Lamadelaine liwweren, wou dann och eis Bierger dervu profitéiere kënnen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et ass scho vill gesot ginn. Ech begréissen et, datt mer esou en Cent Buttek heihinner kréien, ech begréissen awer och déi Leit, déi dat organiséiert hunn. Déi ASBL, déi funktionéiert scho jorelaang. An et funktionéiert jo ganz gutt op deenen anere Plazen. Firwat soll et bei eis net funktionéieren? An ech sinn och iwwerzeegt, datt, wa se Fräiwëlleger siche fir eng Hand mat unzepaken, se der och fanne wann emol déi Versammlung ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech sinn och dovunner iwwerzeegt, datt Leit ze fanne sinn. Mer mussen eng 30 bis 40 Leit hu fir datt et fir kee ganz vill ass.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir begréissen déi Saach och. Mir hunn dat jo och schonn zënter enger Zäitche gefrot. Ech wollt awer just froen, ob déi Informatiounsversammlung och ëffentlech gemaach gëtt fir datt alleguer d'Leit kënne kommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Versammlung gëtt ëffentlech gemaach. Mer wäerten en Appell maachen. Et war schonn en Datum am Oktober annoncéiert ginn, mä do gouf keng Versammlung gemaach well mer nach kee Lokal haten. An et huet kee Wäert fir Leit ze rekrutéiere wa mer kee Lokal hunn. Mer hunn elo ofgewaart bis de Loyersvertrag ënnerschriwwe wier, wat jo elo de Fall ass. Elo wäert de Cent Buttek e groussen Appell un d'Bevëlkerung maache fir do ze hëllefen. Jiddereen ass wëllkomm. A wat d'Equipe méi grouss ass, wat d'Chargë fir déi eenzel Leit méi kleng sinn.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt mech menge Virriedner uschléissen. Dat ass eng ganz gutt Saach. Am Geescht vun der Zesummenaarbecht, vun der géigesäiteger Hëllef fannen ech dat e ganz flotte Projet. Ech wollt froen, ob, wéi dat zu Déifferdeng de Fall ass, eng Plaz zur Verfügung gestallt kéint gi wou een och al Kleeder kéint ofginn, déi awer nach an engem gudden Zoustand sinn. Oder och al Schung. Si maachen dat näämlech. Amplaz am Recyclingzenter oder och op anere Plazen, kéinten d'Leit dann hei hiert Gezei, Schung an esou weider ofginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech weess net, ob de Cent Buttek dat wëll maachen an ob et an de Konzept era passt. Et kann awer ganz gutt sinn, datt Kleeder – an engem gewëssene Mooss – do kéinten ugeholl ginn. A wa si dat wëlle maachen, da kënne mir dat nëmmen ënnerstëtzen.

Polfer John (CSV):

Ech wollt just soen, datt déi Leit vill Hëllef brauchen. Et ass net einfach, well et mussen der sinn, déi kënnen op enger Camionnette fueren. A si mussen och zu bestëmmten Zäite bei de Geschäfter si fir Saache sichen ze goen. Do ass et net fir ze soen, et kéim een d'Geméis den Dag drop eréischt sichen, well da kritt een et net méi vun deem Geschäft. Well déi loosse sech och net soen, datt ee krank ginn ass well se eppes krute wat faul war. Déi Saachen, déi d'Geschäfter ewech ginn, déi sinn nach gutt. Dofir brauchen déi vill Leit, déi nach hëllefen an déi Saache moies fréi oder owes spéit siche ginn. Ech hoffen, datt si déi Leit fannen, an da wäert déi Saach och lafen. Och déi Saach mat de Kleeder ass eng ganz gutt Iddi. Loosse mer et emol ulafe loossen.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.1.

Ordre public.

Autorisation pour une action de porte à porte dans la localité de Rodange - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Amicale Nidderréideng wëll gäre vum 3. bis den 21. Februar zu Rodange fir hiert Buergbrennen e „porte-à-porte" maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech wollt just mat op de Wee ginn, datt mer an där schréftlecher Genehmegung, déi un déi Veräiner geet, e weidere Saz kéinten draschreiwen. An der Tëschenzäit huet et sech jo agebiergert, datt vill Leit den Autocollant „pas de colportage" op der Dir hunn. Dat misst respektéiert ginn, net datt déi Leit, déi vun Dir zu Dir ginn, sech just op d'Autorisatioun vun der Gemeng beruffen an net berücksichtegen, wa Leit op der Dir pechen hunn. Ech mengen, d'lescht Joer war dat jo nach net. Dat ass jo elo nei, datt déi Autocollanten offiziell erauskomm sinn an datt ëmmer méi Leit déi op der Dir pechen hunn. Et kann een hinnen dat als Ustouss mat op de Wee ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech schloen einfach vir, datt mer als Gemengerot soen, datt mer averstane si fir datt si dat maachen, mä datt mer hei entscheeden, datt mer d'Organisateuren opfuerderen, ze respektéiere wann esou e Schëld un der Dir hänkt. Dat ass dat, wat mer an d'Deliberatioun aschreiwen. Dat ass eng gutt Interventioun an et ass scho wichteg.

Becker Romain (déi gréng):

Net datt déi, déi schellen, sech duerno hanner der Genehmegung vun der Gemeng verstoppen an den Autocollant net respektéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Interventioun ass ganz richteg a mer wäerten dat och esou an d'Genehmegung mat dra setzen, datt de Gemengerot hinnen erlaabt, fir vun Dir zu Dir ze goen, mä datt se dat solle respektéiere wann dës Informatioun op der Dir steet.

Brecht Guy (LSAP):

Wou mer elo just bei deem Punkt si wollt ech awer nach eppes zu där Firma soen, déi d'Glasfaser leet. Et ass jo eng franséisch Firma, mengen ech. Si gi bei d'Leit schellen an no

den Apparate kucken, mä si weisen de Badge net ëmmer. Si misste sech awer besser ausweisen.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Ordre public.

Autorisation pour une action de porte à porte dans la Commune de Pétange - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Kader vum Télévie 2015 wëll d'Associatioun *Fir e gudden Zweck Péiteng asbl* tëscht dem 31. Mäerz an dem 4. Abrëll an der ganzer Gemeng Ouschtereeër verkafen.

Approbation à l'unanimité.

9.

Urbanisation.

Approbation du Projet d'Aménagement Particulier concernant des fonds sis au Centre de Rodange – phase 2 – présenté par la société « Polari » S.A. - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer scho méi laang der Bevëlkerung de „plan directeur" virgestallt hu fir ze weisen, wéi den Zentrum vu Rodange vun der Sportshal laanscht d'Neiwiss-Gebai a bis uewe bei d'Kierch soll ausgesinn. Hei ass nach en extrat Element, wat mer awer wéilte realiséieren. Dat ass, wou fréier d'Heimes-Haiser stoungen a wou dem Romain Rosenfeld seng Metzlerei stoung. Dat gëtt alles agebonnen an de PAP.

Mir hunn en Dossier erakrut a mer haten deen am Schäfferot aviséiert. Doropshin hu mer am August d'*Cellule d'évaluation* vum Inneministère mat deem Dossier befaasst. Gläichzäiteg hu mer – während 30 Deeg – den offiziellen Avis aushänke gehat a mer haten och en Avis an de 4 groussen Dageszeitunge stoen. Opgrond vun där Publikatioun hu mer awer keng Objektiounen erakrut.

Mer hunn den Avis vun der „cellule d'évaluation" vum Inneministère krut a mer mussen elo de Projet dem Gemengerot virleeën. Do musse soen, op wat fir Remarquë mer aginn an op wat fir net. Mer haten eng gréisser Remarque krut well en Deel vun deem Gebai, dat opgeriicht soll ginn, an d'Voirie géif eragoen. Si hunn och gesot, dat wier net gutt an do misst eng punktuell Derogatioun gemaach ginn zum PAG. Dat proposéiere mer och ze maachen. Mä dobäi hale mer awer fest – well dat eis wichteg schéngt a mer eng Zone „shared space" wëlle maachen – fir dee Verkéier, deen aus der rue du Commerce, dem Blobierg oder der rue Nic Biever kënnt, duerch déi Bauweis ze bremsen. Der wësst, datt mer gäre wëllen déi ganz Plaz virum dem Kulturzenter als „shared space"-Zone amenagéieren. An dofir schéngt et eis awer wichteg, datt deen Eck awer esou bleift, wéi dat virgeschloe gouf vum Promoteur a wéi mir et als Schäfferot an der Diskussioun mam Promoteur proposéiert haten. Do war eng Diskussioun iwwer de Block B, deen net an enger gemëschter Zone steet, mä an enger Zone vu reservéierten Terrainen, esou datt déi Remarque net richteg war.

Déi nächst Saach ass den „étage en retrait". Do huet d'„cellule d'évaluation" virgeschloen, deen an engem Gebai anescht ze realiséieren. A mer hunn deem och Rechnung gedroen. Weider huet si proposéiert - a Richtung rue Nic. Biever – fir de Block B an zwee ze deelen an den ënneschten Deel erofzesetzen. Och dat hu mer dem Promoteur gesot an hie soll dat kucken – wat och gemaach gouf. Hien huet de Projet dann och adaptéiert, wéi dat gefrot gouf.

Dann hu mer de Parking am Sous-sol. Do hat d'„cellule d'évaluation" gefrot fir eng Entrée ze maachen. Dat hu mir awer net gutt fonnt. Dir wësst, datt mer an dësem Gebai och wëllen en ëffentleche Parking maachen. En aneren Deel ass dee private Parking. A fir keng Vermëschung do ze kréien – wéi virdru scho gesot gouf am Kader vun deem anere Projet – géife mer et d'selwecht maache wéi ënnen am Blobierg. An zwar kréiche mer eng Entrée fir an den ëffentleche Parking eranzefueren, fir datt et do keng Vermëschung gëtt mat deene Leit, déi an de private Parking wëlle fueren. Och am Blobierg hu mer zwou Entréeën, déi strikt getrennt sinn. Hei wëlle mer och zwou Entréeën hunn, an zwar ee Stack, deen ëffentlech ass an ënnendrënner geet et an de private Parking. Mir mengen, dat wier – fir duerno d'Organisatioun vun deenen zwee Parkingen ze maachen – méi optimal. Dofir bleift de Schäfferot bei senger Meenung a schléit dem Gemengerot vir, d'Remarque vun der „cellule d'évaluation" net unzehuelen.

Da waren eng ganz Rei Remarquë komm iwwer d'Mixitéit vun de Logementer. Mer hunn dat och am schréftlechen Deel vum Architekt derbäischreiwe gelooss, esou datt d'Mixitéit bäibehale gëtt. Et soll och dat, wat d'„cellule d'évaluation" proposéiert huet, respektéiert ginn. A schlussendlech huet den Architekt eng ganz Rei vu Redressementer an dem schréftlechen an dem grapheschen Deel gemaach, grad esou wéi am „rapport justificatif", esou wéi d'„cellule d'évaluation" dat gefrot huet.

Mir hunn och an der Annexe 3 Mandaten a Bezuch mat dësem Dossier. Et muss ee jo och beweisen, datt ee Proprietaire vum Terrain ass an datt de Schäfferot och averstanen ass mat deem Tosch. Dat läit och alles vir. A schlussendlech ass och d'Oftriede vun den Terraine virgesinn a mécht mam géigesäitegen Accord e Véirel aus. Wann dann alles fäerdeg ass, trëtt de Promoteur eis dann e Véirel of, esou wéi dat am Gesetz virgesinn ass.

Dat sinn d'Remarquë vun der „cellule d'évaluation", déi mer respektéiert hunn. A wa mer mat all deene Saachen averstane sinn, déi de Schäfferot virgeschloen huet, da kënne mer dat haut stëmmen an da geet en an d'Stad fir d'Approbatioun vum Inneminister.

Gira Carlo (CSV):

Ech mengen, et kann een dee Projet hei begréissen. Well wann een d'Niveaue kuckt – e Rez-de-Chaussée mat zwee Stäck an en deelweise Retrait -, esou baue mer do fir en Zentrum vun enger Uertschaft net exzessiv héich. Wann een d'Situatioun vun haut kuckt, dann huet ee just eng Plaz, déi versigelt ass a wou just Autoe stinn. Déi Autoe brénge mer elo ënner de Buedem, an dat op 2 Stäck. Et muss ee soen, datt et richteg ass fir 2 Entréeën ze maachen, well et jo zwou verschidde Clientèlë sinn, déi do erafueren.

Wat déi Strooss ugeet, déi laanscht déi fréier Metzlerei féiert, esou war déi jo keng Duerchgangsstrooss, mä et konnt een awer do erafueren. Aus de Pläng ass et fir mech net kloer ervirgaangen, ob een do kann duerchfueren. Ech géif et op alle Fall net gutt fannen, wann dat de Fall wier. De Bus kann zwar erafueren, mä mer sollen awer do fir d'Schoulen ofsécheren, well mer scho genuch Problemer ronderëm d'Schoulen hunn.

Déi Plaz bei der Kierch – do kann een zur Kierch stoe wéi ee wëll – gëtt jo méi héich gemaach an ass och geschützt virum Verkéier. Kann een déi dann net notze fir esou eppes wéi zu

Péiteng am Zentrum ze maachen, wou een da kann Terrassë maachen an och eng flott Plaz mat klenge Spiller fir Kanner, wou déi sech kënnen treffen? Ech mengen, esou Beispiller gëtt et esouguer a grousse Stied, wou net nëmme ronderëm eng Kierch, mä ronderëm en Doum d'Leit sech kënnen treffen. Ass dat och méiglech fir do esou eng Zone ze maachen, wou ee se kann treffen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ier ech dem Här Breyer d'Wuert ginn, well do geet et ëm Plazen, déi amenagéiert ginn an déi hie schonn am Kader vum Budget ugeschwat huet an déi och nach eng Kéier an de Gemengerot wäerte komme wann de Projet méi geräift ass, wollt ech just soen, datt et och eng vun den Ursaachen ass, firwat mer net wollten uewen an de Parking erafueren ewéi d'„cellule d'évaluation" eis dat proposéiert huet. Do wier et duerch d'Gässel gaangen. A mer wollten dat awer komplett berouegt loossen. Tëscht dem Café an der Metzlerei soll duerno e Schoulwee entstoen a keng Strooss, wou d'Kanner a Rou kënne bei d'Päesch-Schoulgebai goen a wou keng Autoen hin an hir fueren. Wann dee Projet esou realiséiert gëtt wéi en elo do steet, da wäerten do ganz wéineg Autoen erafueren. Just nach déi puer, déi hanne bäifueren. Do wäerte mer d'Afahrt ganz kräfteg beschränken. Mä wa mer do eragefuer wieren, da wier do méi Verkéier gewiescht, wat mer awer op kee Fall wëllen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wat de Projet vum Zentrum ugeet, esou waarde mer do nach op den Accord vum Stat fir de Changement an der Hierarchie vun de Stroossen ze maachen. D'avenue Dr Gaasch gëtt jo da „voirie vicinale" an de Chemin de Brouck gëtt „voirie nationale". Dee Verantwortleche vu Ponts et Chaussées aus dem Süden huet mer awer gesot, et géif Drock derhannert gemaach ginn, esou datt et geschwënn op den Dësch géif kommen a mir op der richteger Basis sinn. Wat déi Plaz virun der Kierch an dee ganzen Zentrum ugeet, do hu mer jo mat dem Architekten- an Ingenieursbüro eng Biergerbedeelegung ugestrieft. Mer hate jo an der Versammlung d'Bierger opgefuerdert fir an en Aarbechtsgrupp ze kommen. D'Madame Conzemius an den Här Stoffel waren och derbäi, esou wéi och nach Bierger aus dem Zentrum vu Rodange, déi gefrot goufen, wat se gären am Zentrum hätten. Do sinn d'Meenunge ganz staark ausenaner gaangen. Déi eng hätte gären eng Berouegung vun allem, dat heescht kee Verkéier, kee Kaméidi, keng Kiermes, keng Aktivitéiten am Zentrum, keng Terrass méi. Déi aner hätte gären de Géigendeel. Déi meescht schéngen awer eng beliefte Plaz ze wëllen. Do muss een da kucken, datt net zevill Kaméidi eriwwer kënnt. Et muss een och bedenken, datt d'Résidence nieft der Kierch schonn amgaangen ass Form unzehuelen an do och Terrassë virgesi sinn. Duerch d'Situatioun kommen awer nach Geschäfter dohinner – Café oder Restauratioun -, wat am grousse ganzen och vun eiser Säit aus gewënscht ass. Et soll jo keen doudegen Zentrum ginn. E soll wuel berouegt ginn, mä nach ëmmer belieft sinn. Et soll eng Plaz sinn, wou ee sech ka begéinen.

Gira Carlo (CSV):

Mer schafe jo elo eng Plaz am Zentrum vun enger Uertschaft wou mer Liewe kéinten entstoe loossen, an et wier schued, wa mer déi Chance net géifen notzen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir lauschteren no an dann entscheede mer.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech begréissen, datt mer elo emol e Gebai bauen, dat net esou onmoosseg grouss ass wéi dat, wat mer am Moment hei zu Péiteng bauen. Dozou wëll ech awer soen, datt ech aner Saache ganz gutt fannen, esou zum Beispill, datt mer d'Reewaasser opfänke fir d'Toiletten oder d'Waasser, fir ze netzen. Och d'„shared space"-Zone ass eng gutt Saach well et de Quartier berouegt. An et gi jo Projete fir Terrassen do ze maachen, fir datt mer d'Leit e bësse méi zesumme kréien. Mer sollten awer och versichen, al Gebaier an der Gemeng ze erhalen. Si mer schonn op dee Wee gaangen an hu mer dat scho gekuckt? Net datt mer alles ofrappen. Obwuel et als Gemeng schwéier ass fir dat an de Grëff ze kréien. Hu mer d'Recht iwwerhaapt fir dat ze maachen? Et wier jo och interessant, wa mer e puer schéi Gebaier an eiser Gemeng kéinte stoe loossen a soen, wat doranner war. Fir verschidde Gebaier ass dat jo schonn ze spéit.

Wéi funktionéiert déi Biergerversammlung? Wéi gesäit et momentan aus? Huet dat Erfolleg? Wéi dacks gesitt der iech?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Kader vum PAG – dat kann een ëmmer nëmmen am Kader vum PAG definéieren – hu mer Aufgaben ze maachen. Mer hunn eng SUP gemaach, e Verkéierskonzept entwéckelt, an all déi Saache mussen an de PAG afléissen. Eng vun den Aufgaben ass et, mat Sites et Monuments ze kucken, wéivill a wat fir eng Haiser mer sollen erhalen. Ech ginn iech Recht, mer sollen eng Rei Haiser erhalen, déi un de Patrimoine vu fréier erënneren, esou wéi al Schmelzenhaiser oder och aner Haiser, déi hei am Zentrum stinn.

Et kann een natierlech net alles erhalen. Mer sinn amgaangen déi Aufgaben am Schäfferot ze maachen. D'Aarbechte sinn ugelaf a mer sinn amgaangen eis déi Haiser unzekucken, déi sollen erhale bleiwen. De Moment läit eng Propositioun um Dësch, an déi wäert de Gemengerot och eng Kéier ënnerbreet kréien, an do kéint ee vun 1.300 Haiser an der Gemeng schwätzen, déi kéinten erhale ginn. Doriwwer muss een awer diskutéieren. Domatter mécht een awer net all Bierger an eiser Gemeng frou. Dat gëtt nach eng lieweg Diskussioun. Engersäits am Gemengerot zum Thema wat ee soll erhalen a wat net. Dat wäert elo séier op den Dësch kommen. An 2 Méint wäerte mer prett sinn. Mä mer mussen eis awer och dorop gefaasst maachen – wa mer dat am PAG richteg an d'Prozedur ginn -, datt de Bierger d'Méiglechkeet huet fir do mat ze intervenéieren. An do wäert och deen een oder aneren net zefridde sinn, wa verschidde Saachen net kënne gebaut ginn. Da wäert dat natierlech och en Afloss op de finanziellen Aspekt vu sengem Terrain oder sengem Eegentum hunn. Mer mussen et maachen an hate fir de Moment guer keng, respektiv de Buergermeeschter hat ganz wéineg Méiglechkeeten, fir ze intervenéieren. Well am fréiere PAG war dat net virgesinn. Ech géif awer soen, datt mer am Mäerz oder Abrëll de Gemengerot mat enger Propositioun géife befaasse fir, wat dee Projet ubelaangt, e Moratoire ze maachen, fir datt de PAG dann och definitiv gëtt, wat jo am Hierscht soll sinn. Mä da weess een, a wat fir eng Richtung et geet.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt soen, datt ech et gutt géif fannen, wa mer drun denke fir op dee Wee ze goen. Et gi jo och Gebaier, déi eng schéi Fassad hunn, mä wou een awer deen hënneschten Deel komplett nei maachen an d'Fassad stoe loosse kéint. Et ass net, datt mer soen, mer solle keng Haiser méi ofrappen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dorëm geet et och. Et geet net drëm, datt een näischt kann am Haus maachen, datt een näischt kann dra schaffen. Et geet haaptsächlech ëm déi viischt Fassad. Dat eent oder anert Haus muss vläicht esou do stoe bleiwen ewéi et elo do steet. A mer mussen och am Kader vum PAG déi Analys maachen – dat ass gesetzlech virgeschriwwen – an dann

eng Positioun am Gemengerot huelen. An dat wäerte mer dëst Joer am Kader vum PAG finaliséieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Wat d'Biergerversammlungen ugeet, esou hate mer eng grouss Versammlung, wourop och Leit sech gemellt hunn. Mer sinn zwee Mol mat hinnen zesummekomm, a mer sollen elo nach eng Kéier mat hinnen eng Plaz kucke goen, wou esou e „shared space" realiséiert gouf. Do ass haaptsächlech Bartreng, wat eisem Schantje méi no kënnt ewéi Nidderkuer. Bartreng ass am Fong geholl dat, wat an der Dimensioun an an der Frequenz vum Verkéier quasi gläich ass mat Rodange. Dann huet de „bureau d'études" nach en Avant-projet virzebereeden – un deem e schonn amgaangen ass ze schaffen – a kuckt, d'Wënsch vun de Bierger, wa se pertinent sinn, mat afléissen ze loossen. Wann alles optimal leeft solle mer hei am Gemengerot de Plang definitiv gestëmmt kréien. Et leeft ganz gutt an et ass eng lieweg Matbedeelegung vun de Bierger do. Et sinn der all Kéier méi derbäi. Et sinn natierlech där enger an där aner. Mä et ass awer eng positiv Stëmmung do.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech wollt froen, wéini et mat deem Projet kéint lass goen. Well dee Projet, dee jo op der aner Säit leeft, bréngt schonn e wéineg Chaos an den Zentrum. Dofir wollt ech froen, ob dat elo parallel wäert lafen oder ob gewaart gëtt bis deen ee Projet ofgeschloss gëtt ier deen aneren ugefaange gëtt. A wéi gesäit et mat de Parkplazen aus während deen anere Schantje leeft? Wéi gesäit et do mat Alternativen aus fir d'Leit? Wou kënnen déi parke goen?

Dann hunn ech nach eng Feststellung ze maachen zu deene Gebaier, déi do entstinn. No menger Berechnung no géifen tëscht 80 an 90 Parkplazen an deem Gebai entstoen. Ass dat richteg?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

80 Parkplazen, da ka sinn. Mir hunn der 40 an et sinn der och 40 fir d'Appartementshaus, wou der awer emol net esou vill hu musse si well et net esou vill Appartementer sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi 3 Schantercher gräifen aneneen. Eng privat Konstruktioun, déi viraussiichtlech de 15. September fäerdeg wäert sinn. De Promoteur huet esouguer – wéi mer mat eiser Aarbechtsgrupp eng Visite hate vum Site – mat eis gewett, datt en de 15. September e Patt op der Terrass géif zerwéieren. Ech gleewen him och, datt en do no drun ass, well et geet op alle Fall gutt virun. Dann hu mer Schantjen aus de Féiss. Esou séier wäert deen aneren, dee mer elo diskutéiert hunn, nach net ugefaangen hunn. Mer kënnen awer och schonn d'Etudë maache fir eise Projet vun de Stroossen, an da kënne mer laanscht déi Partie, déi elo scho verbaut ass a wou am Fong geholl d'Alignementer kloer sinn a wou mer d'Infrastrukture leien hunn, schonn en Deel vun eisem Projet ëmsetzen. Dat soll dann d'nächst Joer ëm dës Zäit si wou mer an der Strooss schaffen. Dat geet och an 2 oder 3 Etappen. Déi Etapp hei wäert dann déi lescht si mat deem ganze Parvis virun der Kierch, esou datt mer do bis 2017 ënnerwee si bis mer dat komplett am Grëff hunn.

Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.

Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange - confirmation.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer hu relativ vill Schantercher an der Gemeng, och gréisserer, déi op der Haaptstrooss sinn an déi eis ganz vill Misär maachen an de Verkéier stéieren. Mer haten elo e puer Reuniounen an deene mer Kloerheet geschaf hunn a wou mer gesot hunn, mer wieren net méi esou léif mat de Promoteuren. Si kréien elo ganz kloer d'Konditioune gesot. Si fänken net un ze schaffe bis de Gemengerot hei entscheet huet. Si kënnen zwar Preparatiounsaarbechte maachen a se ginn och kontrolléiert. Och wann se op d'„voirie publique" auswäichen ass dat net méi gratis. Dofir bezuelen se. Wat d'Frist méi laang gëtt, wat si méi deier bezuelen. Mir wäerten am Abrëll – domat rechne mer - mam Reglement kommen. Mä et muss emol eng Kéier méi streng ginn. Bis elo hu se gemaach, wéi se wollten. Mer waren och mat Ponts et Chaussées zesummen, an déi strofen se zimlech haart wa se sech net drun halen. Och d'Refektioune vun de Stroosse ginn e wéineg méi streng gemaach, well soss kréie mer dat net an de Grëff.

Hei ass elo e Reglement, wat mer an deem Sënn preparéiert hunn a wou mer gesot hunn, datt keng Autorisatioun erausgeet, esoulaang de Gemengerot net driwwer statuéiert huet. Well normalerweis wieren se schonn 3 Wochen amgaangen. Dir hutt gesinn, datt scho getriwwelt gëtt. Mer hu gesot, si dierfte schonn Aarbechte preparéieren, mä et dierf net ugefaange gi mat schafen. Ausser d'Dekonnektioun vun den Infrastrukturen, déi aus Sécherheetsgrënn musse geschéien.

Bei dësem Schantje ginn et 3 Phasen: um Eck rue de la Gare hei zu Péiteng an déi aner Säit, an der rue de l'Hôtel de Ville, do kommen 2 Residenzen hin. Den Eck war de Café Métropole an dat fréiert Mulleschhaus grad ewéi déi fréier Bank „Crédit européen". Dat gëtt alles ewechgerappt mat de Garagen hannendrun. Och d'Garagen an der rue de l'Hôtel de Ville kommen ewech, an do kënnt déi zweet a méi kleng Residenz hi stoen. Et ass e grousse Schantjen, e läit matten am Verkéier. Do fuere ganz vill Bussen, TICE, RGTR an alles, wat op d'Gare fiert. Et ass net esou einfach fir dat ze reglementéieren.

D'Aarbechte sollen an 3 Phase gemaach ginn. D'Ofrappen, wat no dem Accord vum Gemengerot ka lassgoen. Muer wäerten se dann dierfen ufänken an dann däerfen d'Bussen an alles iwwer 3,5 Tonnen net méi d'rue de la Gare eropfueren. Déi mussen duerch d'rue des Romains eropfueren a vun do aus op d'Gare fueren.

An der zweeter Phas kënnt den Terrassement, déi 3. Phas ass dann d'Konstruktioun. Scho bei der 1. Phas – wann ofgerappt gëtt – soll iwwer d'rue de Hôtel de Ville ausgeschott ginn. Dat heescht, d'Camione fuere vir eran an an der rue de l'Hôtel de Ville erëm eraus. Spéitstens wann deen éischte Betonnage geschitt, da gëtt dee vun der rue de l'Hôtel de Ville aus gemaach. Dee Moment misst déi Strooss fir de Verkéier zougemaach ginn. Dee Moment fueren d'Bussen iwwer d'rue de la Liberté erof. Dat si schro Momenter, well mer wëssen, datt d'rue de la Liberté kräfteg besat an et och ënnen op der Kräizung e grousse Problem ass fir erauszekommen. Mer hunn dem Entrepreneur an dem Promoteur gesot, datt hien de Betonnage – a mir kontrolléieren dat och – wa méiglech samschdes soll maachen an net an der Woch. Dat ass denkbar a wann dat annoncéiert gëtt, da kann een dat och virgesinn. Et sief dann, et kéimen nach Imprévuen dertëscht wéinst dem Wieder. Mä et kann een et fir samschdes programméieren, an dann hu mer net grad esou vill Stéierungen. Wann de Betonnage eriwwer ass, da gëtt d'rue de l'Hôtel de Ville nees fir de Verkéier opgemaach.

Wat d'Konstruktioun selwer ugeet, esou kënnt de Kran an d'Mëtt vun deenen 2 Schantercher stoen. D'avenue de la

Gare bleift zwar op der Park-Säit fir sämtleche Verkéier gespaart, d.h. de Foussgänger muss geschützt eriwwer op d'Place du Marché goen an da vun do aus erop bei den Optiker an dann nees eriwwer op déi aner Stroossesäit. Et ass op där Säit näischt anescht dran, well de Schantjen do ugefuer gëtt. Dat ass eng Entrée an eng Sortie fir de Schantjen ze bedéngen. Dofir ass och déi Palissad aus Holz do, wat eng Bedingung war vun eis. De Rescht gëtt mat engem „Bauzaun" zougemaach. Deen däerf och net méi geréckelt ginn, an dat gëtt och kontrolléiert. Net datt et geet, wéi mer dat schonns erlieft hunn, datt en ëmmer méi breet gëtt bis en dann an der Strooss ass. Hei gëtt vill méi streng kontrolléiert. An d'Konventioun mat dem Promoteur ass och esou schrëftlech néiergeluecht ginn, datt mer zu all Moment kënnen zougräifen.

Wann de Gemengerot averstanen ass, da kënnt zousätzlech och nach dat Reglement, wat mer amgaange sinn auszeschaffen, an zwar, datt muss bezuelt gi fir d'„Occupation de la voirie publique" wann de Schantjen 180 Deeg dauert. Deen 1. Dag driwwer kascht esou vill an esou weider. A wann et iwwer 200 Deeg soll goen, dat kascht et nawell deier. Leider musse mer nach mat där Situatioun liewen, well se dauert nach bis Mäerz 2017.

Dëst Joer, tëscht Mäerz a September, kënnt alles komplett ewech, d'Fondatioun kënnt ënnen dran an de Betonnage gëtt am September ugefaangen an och deelweis d'Stabilisatioun fir déi Gebaier ronderëm. Et gëtt 3 bis 4 Mol betonéiert. A vum September u gëtt ugefaangen ze baue bis Mäerz 2017.

Becker Romain (déi gréng):

Et geet dach! Ech hu scho méi dacks heibannen driwwer geschwat, datt de Foussgänger ëmmer dee Leséierten ass, datt de Foussgänger ëmmer muss am ganzen Zentrum vu Péiteng 4 bis 5 Mol d'Stroosse wiessele wann en an d'Duerf wëll akafe goen. Ech hunn awer an der Woch mat Freed festgestallt, datt se elo beim ale Café Métropole eng Palissad opgeriicht hunn. Et geet zwar just op enger Säit, dat liicht mer jo an, well op der aner Säit de „Bauzaun" steet fir ze liwweren an ewech ze féieren. Dat ass normal. Mä ech sinn erfreet doriwwer, datt op der Säit vun der Haaptstrooss mat Palissade ka geschafft ginn an datt de Foussgänger do net nach e puer Mol muss hin an hir wiesselen.

Op där aner Säit si mer och frou ze héieren, datt déi ganz Schanterchersgeschicht méi streng gehandhaabt gëtt. Ech ka mech zu Doud opreege wann ech de Schantjen op der Mille gesinn. Wat do fir Saache geschéien! Datt do nach keen iwwerrannt gouf, dat wonnert mech wierklech. Här Breyer, dir gitt jo och dacks do laanscht. Dir wësst, wouvunner ech schwätzen. Dat ass ënner aller Klarinett an ech wier frou, wann och do emol méi streng duerchgegraff géif ginn, an datt déi net mat 4 Privatautoen an 2 Camionnetten dee ganze Verkéier blockéieren an och nach den Trottoir zousetzen. Et läit mer wierklech um Häerz, datt do duerchgegraff gëtt. Do mussen d'Leit duerch d'Strooss goen, wat awer total oniwwersiichtlech ass.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech ginn iech komplett Recht. Et brauch just alles seng Zäit bis een déi richteg Reglementatiounen huet. Dat muss jo och alles richteg baséiert sinn. An et ass nach net ganz fäerdeg, mä et ass um gudde Wee fir dohinner ze kommen. Soss hunn eis Leit vum techneschen Service gemengt, datt de Promoteur jäize kënnt an e gären dëst oder dat wëll hu well et soss ze deier géif ginn. Déi Argumenter hu mer alleguerte leie gelooss. Eis Awunner gi vir an net dem Promoteur seng Intressien.

Et huet missen e „Sinneswandel" kommen, an et geet elo och keng Autorisatioun méi eraus wann net d'Situatioun vun der Sécherheet a vum Verkéier kloer dernieft a verankert ass. Et geet och net duer fir ze verankeren, et muss een och kontrolléieren. Well en Zonk kann ee ganz séier réckelen. A spéitstens wann et eppes kascht, da geet et och méi séier an et gëtt sech och dru gehalen.

Déi Geschicht op der Millen ass effektiv esou. Ech gi jo och dacks do laanscht. Wann ee d'Chance huet, erwëscht een heiansdo den Trottoir, meeschtens trëppelt een awer an der Strooss. An et ass jo awer vill Verkéier do. Si maachen net nëmmen eisen Trottoir mä och eisen ëmweltfrëndleche Parking futti. Do ass e Schantjen, deen hätt kéinten anescht opgebaut gi wa mer dat heite Reglement gehat hätten. Gott sei Dank ass en elo geschwë fäerdeg. Mer kucken och, haaptsächlech iwwer d'Polizei, fir awer e wéineg ze kontrolléiere wa se um Trottoir stinn. Do hu se näischt verluer an da kënnen se och e Protokoll kréien. Mä am Moment hu mer keng aner Handhab.

Brecht Guy (LSAP):

Dee Schantje läit jo direkt an der Haaptachs vun deene Leit, déi vun der Gare erof kommen an et jo och gewësse Stousszäite gi wann d'Zich aus der Stad ukommen. Ass dru geduecht gi fir eventuell den Eucosider-Wee während bestëmmten Zäiten opzemaachen?

Breyer Roland, Schäffen:

Neen, mer hunn deen net opgemaach well en eis éischtens net gehéiert, zweetens net stabiliséiert ass, drëttens haaptsächlech fir „mobilité douce" – also fir de Vëlo – geduecht ass. D'rue de l'Hôtel de Ville bleift och op, ausser op deenen Deeg, wou betonéiert gëtt. An déi Deeg kritt den Entrepreneur gesot, e misst eng Woch virum Betonnage Bescheed soen. Da kënne mer dat affichéieren, ëffentlech maachen a mer kënnen, wa méiglech, dat och op samschdes leeën. Well de Betonnage dauert jo net éiweg, en dauert just en hallwen Dag, an dann ass déi Strooss nees op. Mer versichen, den Afloss op de Verkéier esou kleng wéi méiglech ze hale wann den Entrepreneur matspillt. An dofir brauche mer ganz séier e Reglement fir en ze bestrofe wann en net méi matspillt.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt just soen – dat huet elo näischt direkt mat dësem Schantjen ze dinn – datt e bësse weider op der Lonkecherstrooss och e Schantjen amgaangen ass. Lonkecherstrooss an d'rue Bommert. Ech war de Mëtteg ënnerwee an do stoungen elauter Camionnetten um Trottoir. An déi Leit, déi aus der rue Bommert-Strooss erauskommen, déi gesi guer näischt. Ech hat bal en Akzident. Si kommen do Zentimeter pro Zentimeter eraus. A wann een normal fiert, e muss emol net rennen, da gesäit een déi net an dann hu mer schonn en Akzident.

Breyer Roland, Schäffen:

E ass e Schantjen, dee relativ gutt bis elo gelaf ass.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Jo sécher, mä wéi ass do d'Handhab mat de Kontrollen? Ass do eng Regelméissegkeet derbäi?

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass just d'Polizei, déi do kann intervenéiere wa se um Trottoir stinn. Mir hätten néideg, deene Leit eng Vignette ze gi wa se op der Strooss parken. Mä an deene Situatiounen, ewéi an der Bommert-Strooss, déi schonn enk ass a wou och nach eng Partie Garagë sinn, an an der Haaptstrooss, do ginn et och net vill Méiglechkeete fir ze parken. Do ginn awer iwwer 40 Appartementer gebaut an dat huet eng gewëssen Envergure.

Mer kënnen der Polizei just soen, si solle regelméisseg do laanscht fueren. Si maachen dat och, si follege gutt, mer hunn eng ganz gutt Kollaboratioun mat der Police, dat muss ee soen. Mä si kënnen och net éiweg do sinn. Dat ass da fir een Dag an da kënnt de Misär erëm. Ech soen hinne Bescheed, datt se solle kontrolléiere wéi bei den Aktiounen, déi mer scho bei der Schoul gemaach hunn. Heiansdo geet et, dann ass et gutt fir e puer Deeg an da kréie mer nees alles erëm wéi virdrun.

Mer kréien et just an de Grëff wa mer méi streng Reglementer maachen a wa mer Taxen aféieren. Wa se sech net drun halen, da kënne mer Strofe ginn. An et sinn nach vill Schantercher ënnerwee. De Buergermeeschter weess am beschten, wat fir Projeten nach op der Haaptstrooss lafen. Dat ass verréckt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass jo gutt wa Leit vill bauen, da si mer eng interessant Gemeng. Mä et muss een oppassen, datt déi aner Leit net zevill genervt ginn. Et geet jo elo dorëm, dat iwwer d'Reglement an de Grëff ze kréien. Hei ass e Beispill, wou mer déi richteg Zeeche gesat hu well dat och eng ganz wichteg Plaz ass, wou se schaffen.

Confirmation à l'unanimité. Mme Conter, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.

Vie associative.

Dissolution de l'association « KC Espoirs Frontaliers Rodange » et radiation de la liste des sociétés subsidiées - décision.

Mertzig Romain (LSAP):

Mir hunn am Mount Dezember vun dësem Club e Courrier erakritt. Si hunn eis matgedeelt, datt si de Club op de 15. Dezember 2014 géifen opléisen. Dofir géif ech dem Gemengerot virschloen, datt mer de Veräin och vun der Subsidelëscht erofhuelen.

Accord à l'unanimité. M. Arendt et Mme Conter, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

Gemeinderatssitzung vom 2. Februar 2015

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP)

Abwesend und entschuldigt:

Thein Joe (adr)

1 bis 3

Die Punkte 1-3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Herr Dos Santos Renato Daniel aus Petingen wurde vorläufig als Politeur eingestellt.

Dem Rücktrittsgesuch ihrer Funktion innerhalb der Gemeindeverwaltung Petingen von Frau Marguy Klasen zum 1. Mai 2015 wird stattgegeben.

Herrn Eric Laurent wurden 5 zusätzliche Arbeitsstunden pro Woche zuerkannt, so dass sich seine wöchentliche Arbeitszeit von 35 auf 40 Stunden erhöht.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gesamteinnahmen in Höhe von 138.571,14 € - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festlegung der Rangordnung des Gemeinderates - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritte und Ernennungen in verschiedenen Ausschüssen - Beschlüsse.

Dem Rücktritt von Herrn Marco Stoffel als Präsident des Umweltausschusses wird einstimmig stattgegeben.

Mit 15 Stimmen wird Herr Cyrille d'Orazio als neuer Präsident des Umweltausschusses ernannt.

Mit 15 Stimmen wird dem Rücktritt von Frau Marianne Ihry verh. Termont als Mitglied des Schulausschusses stattgegeben.

Mit 15 Stimmen wird Herr Joël Back als neues Mitglied des Schulausschusses ernannt.

Mit 15 Stimmen wird dem Rücktritt von Frau Marianne Ihry verh. Termont als Mitglied des Überwachungsausschusses der Musikschule stattgegeben.

Einstimmig wird Frau Michèle Machado als neues Mitglied des Überwachungsausschusses der Musikschule ernannt.

5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ernennung eines neuen Vertreters im „Syndicat Intercommunal des Tramways dans le Canton d'Esch/Alzette" (TICE) - Beschluss.

Mit 14 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen wurde Herr Patrick Arendt als neuer Vertreter im „Syndicat Intercommunal des Tramways dans le Canton d'Esch/Alzette" (TICE) ernannt.

5.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ernennung eines neuen Vertreters im „Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature" (SICONA) - Beschluss.

Mit 14 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen wurde Herr Carlo Gira als neuer Vertreter im „Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature"(SICONA) ernannt.

5.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Freistellung für politische Tätigkeiten für die Gemeindevertreter in den Gemeindesyndikaten - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

6.1. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks in der avenue de la Gare in Lamadelaine an Herrn Paul Steinmetz und Frau Marie Yvette Graul – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks im chemin de Brouck in Rodange an die Gesellschaft „PKP Promotion Immobilière sàrl" - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.3. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Erwerbs eines Grundstücks in der rue de la Piscine in Petingen von Frau Elisabeth Cruchten, Witwe Degano - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.4. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Erwerbs eines Wohnhauses mit Anbau in der rue de l'Eglise in Petingen von Frau Margot Waxweiler verh. Huberty und Herr Joseph Waxweiler - Bewilligung.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

6.5. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Erwerbs von 31 Stellplätzen in einem künftigen Gebäude in der avenue Dr. Gaasch in Rodange von „Califo Immo S.A." - Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

6.6. - Liegenschaften.

Akt zwecks Erwerb eines Grundstücks in der rue du Chemin de Fer in Petingen von der Gesellschaft „Polari S.A." - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.7. - Liegenschaften.

Akt zwecks Erwerb von zwei Grundstücken in der rue Michel Rodange in Petingen von der Gesellschaft „Polari S.A." - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.8. - Liegenschaften.

Akt zwecks Erwerb eines Grundstücks in der rue de l'Eglise in Petingen von der Gesellschaft „Agilis sàrl" - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.9. - Liegenschaften.

Akt zwecks Erwerb eines kirchlichen Gebäudes in der rue du Moulin in Lamadelaine von der „Neuapostolische Kirchengemeinschaft im Großherzogtum Luxemburg" - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.10. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herrn Marco Goedert zwecks Vermietung einer Wohnung in der Grundschule „Fonderie" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.11. - Liegenschaften.

Zusatz Nummer 2 zum Mietvertrag vom 24. September 2012 mit dem Betreiber des Restaurants im Centre WAX in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.12. - Liegenschaften.

Verkauf von Grabkonzessionen und Kolumbarien auf den Friedhöfen der Gemeinde im Lauf des 2. Semesters 2014 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig

7.1. - Soziales.

Bewilligung der internen Verordnung in den Maison Relais für Kinder - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Soziales.

Bewilligung des Mietvertrags bezüglich eines Geschäftslokals auf Nummer 8 in der Grand-Rue in Lamadelaine, dies für die Bedürfnisse der „Cent-Buttek asbl" – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.1. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür Aktion in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.2. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung einer Tür-zu-Tür Aktion in der Gemeinde Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9. - Stadtplanung.

Bewilligung eines Teilbebauungsplanes in Bezug auf Grundstücke gelegen im Zentrum von Rodange – Phase 2 – und vorgestellt von der Gesellschaft „Polari S.A." - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10. - Transportwesen und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Petingen - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig. Frau Conter hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

11. - Vereinswesen.

Auflösung der Vereinigung „KC Espoirs Frontaliers Rodange" und Streichung von der Liste der subventionierten Vereine – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt und Frau Conter haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Questions des conseillers communaux

Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 2 décembre 2014 de M. Marco Stoffel (LSAP):

1. An der rue de l'Ecole huet d'Gemeng e provisoresche Parking ugeluecht, dee sech als ganz praktesch erwisen huet. Ass dru geduecht gi fir dee Parking och nom Enn vun den Aarbechten an der rue Jos. Philippart bestoen ze loossen?

   An deem Kontext stellt sech och d'Fro vum Drainage a vum Offéiere vum Reewaasser, wat am Wee respektiv an den ugrenzenden Terraine bei staarkem Reen do Schued an Dreck mécht. Ass et net méiglech, dat Waasser opzefänken a besser ofzeleeden?

2. D'Weeër am Rollenger Park hanner der Schoul sinn an engem ganz schlechten Zoustand. Gëtt hei dru geduecht, fir déi a Stand ze setzen?

3. Op der Gare zu Péiteng parke Camionnetten a blockéieren oft zwou a méi Parkplazen. Ass et an enger éischter Phase net méiglech, d'Camionnetten dozou ze kréien, fir méi hannen um Parking ze stationéieren? Ass et net méiglech, op enger anerer Plaz e Parking fir esou Camionnetten unzeleeën, well gewosst ass, datt déi Chauffere mueres mat hirem Auto op de Parking kommen an esou och den Dag iwwer Parkplaze blockéieren?

Réponse écrite du 22 décembre 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

Am Kontext vum Parking an der rue de l'Ecole ass virgesinn, dëse Parking weiderhi bestoen ze loossen, an dat am Hibléck dorop, datt sech eng Kéier e Bauprojet konkretiséiert, mä och am Wëssen, datt dës Zon am aktuelle PAG ausgewisen ass als „zone soumise à un PAP / nouveaux quartiers". Wat d'Offéiere vum Iwwerflächewaasser ubelaangt, esou analyséiert d'Gemeng op net eng Méiglechkeet besteet, dëst Waasser iwwer oppe Grief laanscht dee Wee, deen an de Vullesang féiert, asickeren ze loossen.

Wat d'Weeër am Park hanner der Rollenger Schoul ugeet, esou sief drop higewisen, datt am Budget virgesinn ass, de Schwaarzbelag do ze erneieren.

De Problem vum Stationement vu Camionnetten um Parking Gare Péiteng ass ons bekannt a mir hu schonn déi néideg Ännerungen am Verkéiersreglement virgesinn. Am Laf vun dësem Mount gëtt am Agank vun der Gare e Schëld opgeriicht, esou datt et net méi méiglech ass um viischten Deel vum Parking fir Camionnetten ze stationéieren. Dës musse sech duerno un d'Reglement halen an hannen um Parking stationéieren. Kontrolle vun der Police mussen och gemaach ginn, fir datt jiddereen sech hei un d'Regelen hält.

Question écrite du 15 décembre 2014 de M. Joe Thein (adr):

D'adr huet an der Gemengerotssëtzung vum 19. Mee, Punkt 3.7. intituléiert „Dénomination des rues dans la Commune" offiziell Stellung geholl an hir Meenung konnte bäidroen, wat och am entspriechende Compte rendu (Péiteng Aktuell n° 109) néiergeschriwwe gouf. D'adr wéilt dës Fro allerdéngs iwwer dës Schreiwes nach emol méi konkretiséiert uschwätzen, well och dëse Sujet fir d'adr eng wichteg Etapp vun der Integratioun duerstellt.

1. Wéi steet de Péitenger Schäfferot dozou, an Zukunft eng „Verlëtzebuergegung" vun der Gemeng Péiteng vir ze huelen, an dobäi d'Uertschaftsschëlter, d'Stroossennimm an d'Nimm vu Gebailechkeete méiglechst wäitgehend op de lëtzebuergeschen Numm unzepassen, a kann de Schäfferot d'Garantie ginn, fir an d'Zukunft där Philosophie do trei ze sinn?
2. Gesäit de Schäfferot an de ganz simplistesche Stroossemnimm wéi „Blummestrooss" oder „Tulpestrooss" net déi besser Alternativ zu engem franséischen Numm, a wat hält de Schäfferot dovun, fir och mol zukënfteg Stroossen no historesch éierbare Perséinlechkeeten, wéi z.B. den Abraham Lincoln, dem Edmund Burke, dem Enoch Powell oder nom Ronald Reagan, ze benennen?
3. Wat gedenkt d'Gemeng Péiteng allgemeng géint eng ze vill francophoniséiert Entwécklung vun der Gemeng Péiteng ze maachen?

Réponse écrite du 12. Januar 2015 du collège des bourgmestre et échevins:

An der Vergaangenheet huet de Schäfferot bei den Uertschaftsschëlter an och bei verschiddene Stroossennimm dofir gesuergt, dass och de lëtzebuergeschen Numm ënnert de franséischen Numm stoe kënnt. An Zukunft analyséiert de Schäfferot bei neie Stroossen déi Saach „cas par cas" an hëlt duerno eng Entscheedung.

Wat elo d'Attributioun vu ganz simplistesche Stroossennimm ewéi „Blummestrooss" oder „Tulpestrooss" ugeet, esou wëll de Schäfferot - wéi dat scho bei der Attributioun vun den neie Stroossennimm an neie Lotissementer zu Rolleng (An den Atzengen) respektiv zu Rodange (A la Croix Saint Pierre – 2. Phase) geschitt ass - de Gemengerot mat abannen. Och hei kann an Zukunft de Gemengekonzelljee seng Propositioune fir nei Stroossennimm maachen, déi dann am Gemengerot ofgestëmmt ginn.

Wat elo Är Remarque am Hibléck op eng ze grouss „francophoniséiert Entwécklung" an eiser Gemeng ugeet, esou betount eise Schäfferot, dass et hei am Land dräi administrativ Sprooche ginn: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Eise Schäfferot gedenkt dofir och näischt géint dës Entwécklung ze ënnerhuelen.

A puncto Integratioun ass ë.a. och nach ze bemierken, dass eis Gemeng, an enker Zesummenaarbecht mat den Syndicats d'Initiativë vu Péiteng a Rodange, scho méi ewéi 30 Joer regelméisseg Sproochecoursen - ë.a. och Lëtzebuergesch - fir eis auslännesch Matbierger organiséiert. Déi Course kenne jo zënter Joren e groussen Erfolleg.

Séance publique du 2 mars 2015

Durée de la séance: *15.00 à 17.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng)

Absent et excusé:

Thein Joe (adr); **Tockert Claude** (DP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée - décision.
   1.2. Démissions volontaires de deux éducatrices diplômées - décisions.
2. Affaires sociales
   2.1. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à raison de 16 heures par semaine - décision.
   2.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) sur une tâche supplémentaire de 6 heures par semaine - décision.
3. Enseignement musical: Ratification d'un contrat de travail avec un chargé de cours de l'Ecole de Musique - décision.

Séance publique (15.30 heures)

4. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   5.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   5.2. Approbation du rapport d'activités de l'année 2014 de la commission consultative de l'intégration - décision.
   5.3. Démissions et nominations dans diverses commissions - décisions.
   5.4. Plan Pluriannuel de Financement (2015 à 2018) - information.
6. Personnel: Adaptation des tâches hebdomadaires de deux postes d'ouvriers de nettoyage (m/f) - information.
7. Affaires sociales: Approbation de la convention sur le fonctionnement du Service Régional d'Action Sociale pendant l'année 2015 - décision.
8. Urbanisation: Approbation de la taxe d'empiètement sur la voie publique - décision.
9. Sports et loisirs
   9.1. Approbation de la convention avec le club de football Cercle Sportif Pétange asbl pour la mise à disposition des terrains de football, installations et des buvettes à Pétange - décision.
   9.2. Approbation de la convention avec le club de football FC Titus Lamadelaine pour la mise à disposition du terrain de football, des installations et des buvettes à Lamadelaine - décision.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

M. Weis Laurent de Lamadelaine est nommé au poste vacant à la cellule de sécurité au département technique sous le statut de l'employé communal.

Avec effet au 1er avril 2015, les démissions volontaires sont accordées à Mme Prott Michèle et Mme Roos Viviane (éducatrices diplômées), lesquelles passent au service de l'Etat et restent affectées à la commune de Pétange.

Mme Ghiat Fadila de Pétange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (16 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Tancredi Antonietta de Pétange est nommée sur la tâche supplémentaire de 6 heures par semaine de sorte que la tâche hebdomadaire de l'intéressée passe de 10 heures par semaine à 16 heures par semaine.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech wollt iech nach eng Matdeelung iwwer de Verkéier maachen. Et ass jo esou, datt mer net selwer decidéieren, wat an eise Stroosse geschitt, wann et ausserhalb vun der Agglomeratioun ass. Hei ass esou ee Fall. D'Athuser Strooss ass vun haut un zou. Et ass dat RN 5B an den Deel vun der Millen u bis praktesch bei d'Kläranlag ass dovunner betraff. Vun hannert dem Uertschaftsschëld Péiteng u maachen d'Ponts et Chaussées selwer Aarbechten. Well dat ausserhalb vun der Uertschaft ass, brauche si eis nëmme matzedeelen, datt do Aarbechte stattfannen a si brauchen eis net ze froen, ob se déi Aarbechten dierfe maachen. Si hunn anscheinend wéinst de Fräschen erëm wëlles eppes ze maachen, well d'Migratioun vun deenen Déieren elo geschwënn erëm lass geet. Den RGTR, deen normalerweis duerch d'Athuser Strooss fiert, kann doduerch während där Zäit och net méi dohinner fueren. Dat heescht den Arrêt op der Millen, an der Athuser Strooss an op der Kräizheck ass suppriméiert. D'Leit mussen op der Millen aus dem Bus erausklammen an de Rescht vum Wee zu Fouss maachen, well de Bus fiert elo iwwer de Contournement. Déi Aarbechte solle bis den 13. Mäerz daueren.

5.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 4.672.194,14 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et sinn dëst nach Recetten an der Héicht vu 636.867,14 Euro vum Joer 2014, déi mer haut virleien hunn an do spréngt haaptsächlech eng Recette an d'Aen. Et ass dat de Solde vum Deel vum Stat an eise Maisons Relaisen vu 476.812,42

Euro. Et ass dat de Solde vun 2013, dee mer elo kuerzfristeg kritt hunn an net dee vum Joer 2014. Dat heescht, et besteet e klenge Retard beim Remboursement, dee mer als Gemeng zegutt hunn.

Dann hu mer fir d'Joer 2015 eng Recette vu 4.035.327 Euro. Et ass dat d'Avance vum 1. Trimester vun der Dotation de l'Etat.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Rapport d'activités de l'année 2014 de la commission de l'intégration – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Esou wéi d'groussherzoglecht Reglement et virgesäit, kréie mer den Aktivitéitsbericht vun der Commission consultative communale d'intégration virgeluecht. A fir deen Zweck ginn ech fir d'alleréischt d'Wuert dem zoustännege Schäffen an duerno der Presidentin vun där Kommissioun.

Breyer Roland, Schäffen:

Fir d'Immigratioun oder d'Problemer vun der Integratioun e bësse méi kënnen ze verstoen, wier et vläicht net schlecht e puer Zuelen ze nennen an ze soen, wéi d'Statistiken hei an der Gemeng ausgesinn. Mir hunn an der Gemeng 17.609 Awunner op den Dag vun haut. Dat sinn 9.196 Lëtzebuerger (52,3%) an 8.413 auslännesch Matbierger (47,7%).

Wann een e bëssen an déi eenzel Uertschafte kucke geet, da gesäit een, datt mer zu Rodange praktesch eng Patt-Situatioun hunn. Mir hunn zu Rodange 3.185 Lëtzebuerger an 3.173 Auslänner. Zu Péiteng besteet nach eng kleng Differenz. Do hu mer 4.399 Lëtzebuerger a 4.202 Auslänner. Zu Rolleng sinn et 1.612 Lëtzebuerger géintiwwer 1.038 auslännesche Matbierger.

Wa mer an d'Nationalitéite kucke ginn, da gesi mer, datt mer am Ganze 94 verschidden Nationalitéiten hei an der Gemeng wunnen hunn, wouvunner – nieft de Lëtzebuerger - de gréissten Deel déi portugisesch Nationalitéit duerstellt. 29% Portugise liewen an eiser Gemeng. Duerno komme mat wäitem Ofstand d'Fransousen (4,3%), d'Italiener (3,3%), d'Belsch (3,1%), d'Montenegriner (1,6%) an d'Kapverdianer (0,6%).

Wéi ass eis Bevëlkerung elo gegliddert? Ronn 24,7% vun eiser Bevëlkerung sinn tëscht Null an 20 Joer al. Tëscht 20 a 40 Joer hu mer 28,13%, tëscht 40 a 60 Joer sinn et 27,98% an iwwer 60 Joer sinn et nach 19,19%. Mir hunn och ganz genee 88 Leit an der Gemeng Péiteng wunnen déi iwwer 90 Joer sinn. Wat méi traureg ass, dat ass, datt vun deenen 88 Leit et 77 Damme sinn. Do mussen d'Männer iergendeppes falsch maachen.

Interessant ass och ze kucken, wéi et an eise Schoulen ausgesäit. Op den heitegen Dag hu mer 1.858 schoulflichteg Kanner. Dovunner sinn am Précoce 46,92% Lëtzebuerger an 53,08% Net-Lëtzebuerger. Am Préscolaire hu mer 42,39% Lëtzebuerger a 57,61% Net-Lëtzebuerger an am Primaire 44,43% Lëtzebuerger a 55,57% Net-Lëtzebuerger. Et gesäit een, datt an der Schoul Proportioune kippe par rapport zu der gesamter Bevëlkerung. Et gesäit een also, datt dat – wat nokënnt – éischter zum Auslänner penchéiert. Hu mer an der Gesamtpopulatioun nach 52,3% Lëtzebuerger, esou hu mer an de Schoulen nach en Undeel vu Lëtzebuerger, dee bei 44,13% läit. An och hei huet dee gréissten Undeel d'Portugisen, déi mat 41,28% an de Schoule vertruede sinn, woubäi se an der Gesamtbevëlkerung bei 29% leien.

An de Schoulen hu mer keng 94 verschidden Nationalitéiten, mä nëmme 40. A wa mer dann nach e Bléck an d'Maisons Relaise werfen, dann ass et do bal d'selwecht wéi an de Schoulen. Do ass et och esou, datt mer 275 lëtzebuergesch Kanner hunn, déi ageschriwwe sinn. Déi maache ronn 50% aus, wat awer och manner ass wéi de Gesamtundeel vun der Populatioun, wou mer bei 52,3% leien. Do gesi mer och, datt déi portugisesch Nationalitéit an de Maisons Relaisen dee gréissten Deel bei den Auslänner ausmécht, an zwar mat 39,8%. D'Fransousen, d'Belsch an d'Italiener leie praktesch an deene selwechte Proportiounen, wéi se och an der Bevëlkerung vertruede sinn. Bei de Kapverdianer ass erëm méi en héije Prozentsaz an de Maisons Relaise vertrueden.

Wann um Niveau vun der Integratioun eppes soll geschéien, da muss dat um Niveau vun de schoulflichtege Kanner an de Jugendleche geschéien. Well aus de Statistike gesi mer ganz kloer eraus, datt do de Gros ze fannen ass. Déi aner Matbierger, déi méi ewéi 40 oder 60 Joer al sinn, wäerten de Problem vun der Integratioun net méi als esou urgent ëmfannen oder vläicht och net méi dee Wee matmaachen. Mä de Wee geschitt jo da praktesch iwwer d'Schoulen, wou haaptsächlech deen éischte wichtegen Deel geschitt a wou de Gros vun den Auslänner vertrueden ass. Dat selwecht gëllt och fir d'Maisons Relaisen. E weidere wichtegen Deel droen déi verschidde Strukturen dozou bäi, déi mer weider hei an der Gemeng hunn. Ech denken do un d'Sportinfrastrukturen oder déi kulturell Infrastrukturen. Mir hunn d'Impressioun, datt am Sport d'Integratioun ganz gutt fonctionnéiert, mä bei der Kultur vläicht net an deem Mooss.

Et gesäit een also, datt – wat mer méi Jugend an d'Gemeng kréien – mer méi auslännesch Jugend an d'Gemeng kréien. E Grond ass vläicht deen, datt bei deenen den Undeel vu Kanner an der Famill méi grouss ass.

Da géif ech dann elo d'Wuert weider ginn un d'Presidentin vun der Integratiounskommissioun.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Merci fir d'Wuert a Merci fir d'Aleedung mat all deenen interessanten Zuelen. Dat weist och ganz kloer, datt eng Integratiounskommissioun eng kloer Daseinsberechtegung huet an datt den Defi ëmsou méi grouss ass wann een déi Zuele gesäit, déi mer bei de Schoulen erëmfannen.

Ech wéilt vläicht awer gären e klenge Kommentar dozou ginn. Mir schwätzen hei vun Nationalitéiten, mä mir schwätzen awer trotzdem vu Kanner, déi meeschtens hei gebuer sinn, dat heescht, déi eigentlech an aner Länner esouguer als Lëtzebuerger géife gezielt ginn. Dat huet eppes mam Régime vun der Nationalitéit ze dinn. Da misst een dat vläicht éischter als Chance gesinn, datt se hei gebuer sinn, datt se dëse Schoulsystem hei kennen a vun Ufank u matmaachen. An deem Sënn soll een déi Kanner net als Auslänner gesinn, mä éischter als « membre à part entière » vun eiser Gesellschaft. Well dat si si och a si bilden u sech d'Zukunft vun eiser Gesellschaft.

Mir schaffen och e bëssen no deem Prinzip an all Conseiller kritt regelméisseg d'Rapporte vun eiser Kommissioun. Mir hu vill Saachen, mir hunn interessant Iddien an dir kënnt an eisem Rapport d'activités vun 2014 gesinn, datt mer eis oft gesinn hunn. Mir haten d'lescht Joer 11 Reuniounen. Dat ass quasi eng pro Mount.

Ech wäert elo net op all eenzel Reunioun agoen, well dat géing hei vill zevill Zäit ewechhuelen. Ech wëll mech op wesentlech Projete konzentréieren an natierlech freeën ech mech duerno op d'Diskussioun an op eventuell Froen.

Ech géif emol mat engem Projet ufänken, iwwer dee mer schonn oft geschwat hunn. Dat ass de Café des Âges. Dat ass e Projet vu « participation démocratique », dat heescht, datt Leit vu baussen, ob se méi al oder méi jonk sinn, an enger Diskussioun matmaachen. An d'lescht Joer war Thema « Zesummeliewen an eiser Gemeng ». Et ass jo dat, wat eis am meeschten interesséiert. E Rapport ass gemaach ginn an deen hutt der wahrscheinlech och gelies. An do hu mer eng Partie Saachen, Problemer a Problematiken ervirgehuewen, wou mer da versiche fir mat eisen Aktioun drop ze äntweren.

Da wëll ech op d'Enquête iwwer d'Lëtzebuerger Coursen agoen, well dat och oft heibannen en Thema war. Déi Enquête hu mer d'lescht Joer ofgeschloss. Mir hu jo näämlech 2 Questionnairë gemaach. Deen een am Ufank vum Joer, wou d'Coursen ugebuede gi sinn, an deen anerem um Schluss vun de Coursen. An do sinn immens interessant Saachen dobäi erauskomm. An ech hat och scho mam Här Breyer driwwer geschwat, wat fir potentiell Linnen a potentiell Projeten do kéinten erauskommen. Mä ech mengen, datt dat duerno nach méi eng breet Diskussioun gëtt – mat de Coursen insgesamt – wéi eis Gemeng sech och do positionéiert. Dat heescht, datt dat och e bëssen an der Maach ass an et wier immens wichteg, datt mer do och der Demande vun de Leit nokommen. An d'Demande ass éischter déi vun enger berufflecher Basis. Dat heescht, et ware Leit dobäi, déi gesot hunn, si bräichten dat fir hire Beruff, esou zum Beispill am Beräich vun der Santé oder dem Sozialwiesen. An dofir bräichten se Termen, déi spezifesch an deene Beräicher applizéiert ginn. Dat heescht en Dokter oder eng Infirmière oder Infirmier brauch spezifesch Termen op Lëtzebuergesch, wéi e sech kann ausdrécken oder verstoen. An dat gëtt näämlech net esou richteg ugebueden. Dat gëtt wuel an de Spideeler ugebueden, mä awer net genuch. An dofir besteet do eng Demande an ech mengen, datt dat awer interessant wier, fir där Saach do nozegoen.

Da kommen ech zu engem grousse Projet, dee mer proposéiert haten an deen eigentlech keng nei Iddi ass. Dat ass e Projet, dee mer bei der Gemeng Jonglënster ofgekuckt hunn, am Kader vun den « assises nationales de l'intégration », deen 2013 stattfonnt huet. Do konnte mer e bëssen en Ableck kréien an dat, wat déi aner Gemengen alles maachen. An do hu mer e Projet erausgesicht, deen eigentlech den Accueil vun den neie Residente versicht ze encadréieren. Dat ass eng Iddi, déi ech perséinlech och immens flott fannen. Well och aner Gemengen organiséieren zum Beispill e « pot d'accueil » fir nei Awunner. En neien Awunner heescht net e Lëtzebuerger oder een Net-Lëtzebuerger, mä et si se alleguerten. Ech mengen, datt dat e Projet wier, dee mer wierklech kéinte maachen. Eise Projet ass och immens kloer an immens am Detail geregelt. Dat wiere 4 Rendez-vousen, all Kéiers samschdes, well dat jo deen Dag ass, wou déi meeschte Leit Zäit hunn. Een Dag, wou mer d'Gemeng virstellen, wou mer an d'Gemeng selwer d'Leit eranhuelen a weisen, watfir Servicer d'Gemeng huet a wien do schafft, wien déi « responsables politiques » sinn.

En zweete Volet wier deen, wou mer e bëssen eis Infrastrukture virstellen. Wat hu mer am Beräich vun der Kultur, vum Sport a vun der Educatioun.

En drëtte Rendez-vous wier deen, wou mer e bëssen déi méi technesch Service virstellen, wéi zum Beispill d'Kläranlag, de Recyclingscenter, asw. Dat misst een da mat engem Bus organiséieren.

An dee 4. Rendez-vous wier den Ofschloss, wou mer da kéinten – zesumme mat de lokale Veräiner – feieren. Do kéinten d'Veräiner sech och virstellen.

D'PEROLA huet jo an deem Sënn och e bëssen eppes vir, wou se déi verschidde Veräiner wëlle virstellen. Ech mengen, datt ass immens gutt, mä eise Projet wier wierklech, fir dat als Enn vum Prozess ze gesinn a fir déi aner Saachen alleguerte matzemaachen. Ech mengen, datt dat wierklech géif dozou bäidroen, datt Leit sech als Deel vun engem Ganzen, als Deel vun enger Gemeng spieren. Mir wësse jo, datt ganz vill Leit fortginn, datt ganz vill Leit erakommen an deen Taux ass bei eis zimlech aktiv. Da wier dat awer sënnvoll, fir esou eppes ze maachen.

Eppes wat mir eis als Kommissioun ëmmer als Aufgab ginn, dat ass den Dialog mat de Veräiner, an dat, well mer einfach der Meenung sinn, datt dat en éischte Schratt ass fir sech an der Communautéit ze integréieren – an der Communautéit am « sens large » vun der Gemeng. Et ass wichteg, datt mer wëssen, wéivill a watfir Veräiner et ginn a wéi d'Méiglechkeeten ausgesi fir an engem Veräi matzemaachen. An do hu mer en Dialog mat de Veräiner a mer sinn eng Kéier, oder esouguer zweemol zesummekomm a wou et interessant war ze gesinn, wat déi eng an déi aner maache fir d'Net-Lëtzebuerger unzezéien. A ganz oft ass dobäi erauskomm, datt mat de Kanner iwwerhaapt kee Problem ass. Et ass éischter mat den Elteren, wou e Problem do ass a wou Schwieregkeeten do sinn. An et ginn eng Rëtsch Veräiner, déi do eng Strategie entwéckelt hunn an dofir ass et och flott, datt déi Veräiner zesummen diskutéieren an eventuell esou Outilen austauschen.

Dat wier den Deel vun den Aktivitéiten. Et ass och nach iwwer aner Saachen diskutéiert ginn, wéi zum Beispill de Plan communal d'intégration, deen de Syvicol zesumme mam OLAI entwéckelt huet. Ech mengen, do si mer an der Diskussioun, déi mer och scho virun 2 oder 3 Joer haten a wou mer wollten als Kommissioun e Relevé vun de Besoine vun der Gemeng maachen. Souzesoen eng Etude, wat néideg ass a wou och d'Problemer leien. An doropshi soll dann en Aktiounsplang gemaach ginn. An dat iwwerloossen ech dann duerno dem Schäfferot, ob mer op esou ee Wee ginn oder net. Mir hunn eng Rei Aktivitéiten, déi mer proposéiert hunn an déi gutt sinn a wou ech denken, datt mer domatter och scho villes kéinten erreechen.

Dat war fir d'Presentatioun. Erlaabt mer just nach eng kleng Remarque ze maachen, wat den Ordre du jour ubelaangt. Hei steet « Approbation du rapport d'activités – décision ». Et ass eigentlech en Informatiounspunkt laut dem Règlement grand-ducal. Vläicht kann een dat duerno änneren. Well heiansdo steet « information » do an dofir wollt ech déi Remarque emol maachen.

Eng zweet Remarque ass, datt et vläicht ganz gutt ass, datt d'Awunner dobausse mäi Bericht hei liesen. An dofir ass et ganz gutt, wann de Rapport – an et ass och esou am Règlement grand-ducal virgesinn – op den Internetsite vun der Gemeng kënnt.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et si jo elo ganz vill Saachen ugesprach ginn. Wat ech awer hei esou eraushéieren, esou wier et awer nëmmen d'Integratiounskommissioun, déi eppes fir d'Awunner mécht.

Et steet am Bericht dran, datt se mat der PEROLA geschwat hunn, mä d'PEROLA ass awer mat der Iddi komm, fir d'Veräiner virzestellen. Et huet och fréier eng Entente bestanen, wou dat och geschitt ass. An ech fannen et net gutt, wann duerno gesot gëtt, datt et d'Integratiounskommissioun wier, déi dat mécht a mat hinnen zesumme geschwat huet. Dat ass fir mech eng geklauten Iddi an ech fannen dat net gutt. Dir kommt an der Kommissioun domatter an et mengt ee bal, et wier nëmmen d'Integratiounskommissioun do. Et sinn och nach aner Kommissiounen do, déi schaffen an och esou Iddien haten. O.K., da bréngen déi

Kommissioune sech vläicht net esou gutt duerch, mä dat musse mer dann awer emol nach kucken.

Dir hutt och vun de Lëtzebuerger Course geschwat. Wann ee ganz séier wëll Lëtzebuergesch léieren an et wëll ee sech wéinst senger Aarbecht dofir interesséieren, esou gëtt et och nach e « Centre de langues ». An do léiert een dat ganz séier. An déi Stonne gi jo dann och vum Patron bezuelt. Wat mech awer dann do stéiert – et soll jo all Mënsch, deen am Spidol schafft, Lëtzebuergesch léieren – dat ass, datt am Spidol kee Mënsch Lëtzebuergesch ka schwätzen oder wëll schwätzen. Ech war fréier selwer Patron a wann ee vu menge Leit an de Lëtzebuerger Cours gaangen ass an ech hu miissten dofir bezuelen, da war en och verflicht op der Aarbecht Lëtzebuergesch ze schwätzen. Mä am Spidol schwätzt kee Mënsch Lëtzebuergesch, och wa se an d'Course gaange sinn. A wann e Syndikat während Joeren déi Coursen hei an der Gemeng organiséiert, da geet aus dem Bericht ervir, datt déi Coursen iwwerhaapt näischt wieren. Et gëtt vun alle Säiten Etudë gemaach an et huet bis elo nach ëmmer gutt fonctionnéiert. Wat soll dat doten dann?

Da gëtt och nach gesot, datt nëmmen d'Kommissioun den Dialog mat de Veräiner huet. Ech mengen, an all Veräin si Friemer. All Jugendveräiner, wéi zum Beispill de Volleyball, den Handball oder de Fussball, hu vill Friemer an do brauche mer net nach erëm extra en Dialog ze féieren an erëm Etuden ze maache fir dat erauszefannen. Dat fannen ech net gutt.

Dir hutt jo heiansdo gutt Iddien, mä et ass awer net nëmmen dat, wat zielt. Dat wollt ech Iech just soen.

Brecht Guy (LSAP):

D'Madame Gonçalves huet éinescht dee Café des Âges ugeschwat. Ech hunn dee Bericht vun deem Café des Âges gelies, an do steet dran, datt et e formidabele Succès gewiescht wier. An am selwechten Otemzuch steet awer och dran, datt ee miisst déi ganz Saach iwwerdenken. Ech mengen, wann et e formidabele Succès war, da bräicht een näischt ze iwwerdenken an da kéint een dat esou viruféiere wéi dat war. Dofir wollt ech froen, wat Dir wëllt an Zukunft bei deem Café des Âges besser maachen?

Becker Romain (déi gréng):

Ech mengen, et ass normal, datt – well dat jo vum Règlement grand-ducal esou virgesinn ass – d'Madame Gonçalves hei de Rapport vun der Integratiounskommissioun mécht. Mir haten d'lescht Joer schonn déi Diskussiounen an dat ass esou virgesi vum Legislateur an dofir ass dat dann och op der Dagesuerdnung vum Gemengerot.

Da kommen ech awer zum eigentleche Bericht. An der Aleedung hat den Här Breyer déi Statistiken opgezielt an hien hat och vum Undeel vun de Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger am Sport an an der Kultur geschwat. Ech sinn – nodeems ech de schréftleche Rapport vun der Kommissioun gelies hunn – méi schlau ginn. Do huet och d'Jugendhaus gefeelt, mä et steet och am schréftleche Rapport vun der Kommissioun, datt d'Jugendhaus mat an d'Boot geholl ginn ass.

Eng aner Saach, déi immens interessant wierkt oder ass, dat ass fir dee Café des Âges auszebauen. Do kann ee wierklech eppes Gréisseres dorausser maachen. A wat immens ze begréissen ass, dat ass d'Iddi, fir mat Historiker eventuell eng Ausstellung ze maache mat engem Diskussiounsowend iwwer d'Migratioun hei an eiser Gemeng. Do denken ech zum Beispill un de René Klein, deen eventuell kéint dozou bäidroe fir esou een Owend als Lokalhistoriker mat ze gestallten. An da géif ech och nach un ee vun deene Grousse vun der Uni denken, respektiv un den Här Scuto, déi am Kader vun der Immigratioun kënnen hëllefen, deen Owend spezifesch op d'Gemeng Péiteng auszeschaffen an d'Leit opzeklären, wéi dat gaangen ass a fonctionnéiert.

D'Usäz sinn do, d'Usäz si gutt an et ass och gutt, datt dat esou virgesinn ass. D'Iddien, déi hei am Rapport stinn, sinn och gutt. Et ass awer just, datt et dobaussen net esou ukënnt. Et ass nach ëmmer de Problem, datt mer an der Zäit déi Vereenegung « Pour l'intégration dans la commune de Pétange » haten. Dat ass scho bal 20 Joer hir an do hate mer eis virgeholl fir an d'Bistroen ze goen an do mat de Leit ze schwätzen an iwwer dee Wee bekannt maachen, firwat mer do sinn. An dat wier e Wee gewiescht, fir datt d'Leit dat hätte kënnen opfänken. Dat wier esou gewiescht, fir mat de Leit Kaffi ze drénken a fir mat de Leit zesummen ze diskutéieren. Well et ass nach ëmmer esou bei eis an der Gemeng – ech weess net, ob dat an deenen anere Gemengen och esou ass - , datt déi eenzel Sparte vun Immigranten hir eenzel Bistroen hunn an déi kommen net op eis zou. An dofir war d'Iddi, datt mir sollen op si zougoen. An dat ass eng Saach, déi ee vläicht kéint viruféiere fir un d'Leit erunzekommen. Well soss ass et relativ schwéier. An et soll jo net esou sinn, datt mir mat eise gudden Iddien, respektiv d'Kommissioun mat hire gudden Iddien zesumme mam Schäfferot gutt Iddien ausschaffen, an da bleiwen et ëmmer gutt Iddien ouni datt do iergendeppes dobäi erauskënnt. Mir mussen do wierklech eng Strategie entwéckelen, wéi a wou mer un déi Leit erukommen.

Et ass och normal – an dat huet d'Madame Gonçalves jo och gesot - , datt mat de Kanner kee Problem ass. Well d'Kanner sinn zesummen an der Schoul. Wou et méi problematesch ass, dat ass bei den Elteren. An do muss ee probéieren hinzegoen, wou si sinn, an esou probéiere fir se mat an d'Boot ze kréien, mat an d'Veräiner ze kréien. Et ass jo opfalend, datt an de Péitenger Veräiner net esouvill Net-Lëtzebuerger aktiv sinn. Ausser an de Sportsveräiner. Mä dat huet da sécherlech aner Ursaachen.

Wéi gesot, vun eiser Säit fanne mer dat eng gutt Iddi. Mä mir mussen als Schäffen- a Gemengerot do hannendru bleiwen, fir dat nach iergendwéi auszebauen. Et geet net duer, fir bei der gudder Iddi ze bleiwen. Ausserdem ass mer och opgefall, datt d'Integratiounskommissioun ganz vill Reuniounen huet, wat bei anere berodende Kommissiounen net esou ass a wat bedauerlech ass. Et wier och flott, wann aner Kommissioune méi dacks kéinten zesummekommen. Virun allem wann ee bedenkt, datt d'Kommissiounen dobäi sinn, déi eréischt zweemol zesummekomm si säit se constituéiert goufen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech wollt just e klengt Wuert dozou soen. Den Här Becker huet jo elo gesot, datt mer miissten op d'Auslänner zougoen, wa mer eppes organiséieren. Ech hat jo och relativ laang déi Kommissioun, och wa se deemools nach « commission des étrangers » geheescht huet. A wa mir Fester organiséiert hunn, da war et ëmmer ganz schwankend. Zum Beispill hate mer eng Kéier e ganz grousse Weekend mat italieneschen Immigranten an dat war dee super Weekend. Déi Leit si komm an hu matgemaach. Mir haten déi Zäit och portugisesch Memberen an der Kommissioun, déi dat esou wonnerbar fonnt hunn, esou datt se fir hir Leit dat selwecht wollte maachen. Mä dat gouf dee Flop, kann ech nëmme soen. Well déi portugisesch Matbierger hunn einfach net matgemaach. Mir konnten se froen, mä si sinn net komm. De portugiseschen Ambassadeur stoung deemools praktesch eleng mat eis am Home, well senger Leit gefeelt hunn.

An dat kann een ëmmer erëm feststellen. Mir hunn thailännesch Owender, mir hu kapverdianesch Owender

gefeiert, a wann een hir Associatioun hëlt fir et ze organiséieren, da kommen hir Leit an da feelen d'Lëtzebuerger. A wa mir et organiséieren, da sinn d'Lëtzebuerger do an hir Leit net. Et ass ganz schwiereg, fir eng gewësse Populatioun dohinner ze kréien. Iwwer de Sport geet et wahrscheinlech, kulturell ass et méi schwiereg, ausser vläicht wann et mat Musek oder mat Danz ze dinn huet. Mä et muss ee permanent hannendru sinn, fir se iergendwéi mobiliséiert ze kréien.

Déi eenzeg Saach, wou der se altersméisseg hutt an och – mengen ech – nationalitéitsméisseg, dat ass, wann een – wéi schonn emol an der Vergaangenheet – Aktivitéiten zesumme mam Fleegeheem, der Crèche an dem Jugendhaus organiséiert. Mä déi Saache lafen haut iwwer d'Familljekommissioun. An do wëlle mer elo erëm e Generatiounsfest organiséieren, bei deem all Nationalitéit kann drun deelhuelen.

Mä wann eng Saach soll zesumme sinn, dann ass et immens schwiereg. An mer musse kucken, datt mer se bei eis an d'Boot kréien, sief dat duerch Associatiounen, déi si hunn a wou mer se froe fir matzehëllefen. An ech kann iech nëmme soen, datt een e ganz laangen Otem muss hu fir eppes zustanen ze bréngen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann een déi ganz Diskussioun verfollegt, da kann ee soen, datt d'Integratioun net nëmmen d'Lëtzebuerger an d'Auslänner sinn, mä et ass einfach d'Zesummeliewen an der Gemeng. Et ass och Rodange a Péiteng a Rolleng a Rodange, an esou weider. A wa mer dat am grousse Sënn vum Wuert gesinn, dann ass nach e ganze Koup ze schaffen an dëser Gemeng. An et ass och wéi d'Madame Conzemius gesot huet, et ass net eng Kommissioun eleng, déi di selwecht Gedanken huet an deem Sënn. Et si ganz vill Kommissiounen déi dru schaffen. D'Familljekommissioun huet sech Gedanke gemaach iwwer d'Generatiounen, d'Jugendkommissioun huet sech Gedanke gemaach iwwer d'Generatiounen, d'Sportskommissioun mécht sech Gedanken, wéi se kënnen de Veräiner méi hëllefen, d'Kulturkommissioun mécht sech och Gedanken. Et ass eng iwwergräifend Vernetzung, wou ee muss kucken, wou een am beschten dru kënnt a watfir Mëttelen ee sech ka ginn.

Déi puer Pisten, déi opgezeechent gi sinn, wéi zum Beispill dee Genre fir d'Gemeng virzestellen oder eng Journée découverte an der Gemeng ze maachen, déi si mer och am gaangen ze developpéieren. Well et ginn esouvill Leit, déi net wëssen, wat et alles an der Gemeng gëtt an et soll een hinnen dat emol weisen. Et ass heiansdo befriemend wann ee mat Leit aus der eegener Gemeng schwätzt an déi wëssen zum Beispill net, datt mer en nationale Keelenzenter hei hunn. Och wann ee vum WAX schwätzt, da ginn et vill Leit, déi näischt wëssen domatter unzefänken. Dat heescht, do ass nach vill ze schaffe fir déi Kommunikatioun weider ze ginn an déi « découverte » ze realiséieren. Et kann een zum Beispill eng « découverte gourmande » oder « historique » an d'A faassen. Et ginn e ganze Koup Saachen, déi ee kann hannendrun hänken an et soll een dat och weider verfollegen an et soll een och zu e puer Kommissiounen zesummen dorunner zéien.

Mir feieren zum Beispill dëst Joer den 10. Gebuertsdag vum « Office des citoyens ». Et sinn elo 10 Joer hir, datt mer deen neie Fligel un d'Stadhaus ugebaut hunn. An do wollte mer e Genre « Porte ouverte » maachen, fir de Leit emol eng Kéier d'Verwaltung ze weisen an hinnen se e bësse méi no ze bréngen.

Wat d'Coursen ubelaangt, esou ass laang doriwwer geschwat ginn. D'Lëtzebuerger Course ginn hei an der Gemeng zanter 40 oder 45 Joer ugebueden, an och an dësem Hierscht wäerten se erëm ugoen. An de Succès vun deene Coursen ass ëmmer konstant. Et sinn iwwer 300 Leit an deene Coursen dran. Datt de Succès duerno bei der Reussite net ëmmer esou héich ass a bei ronn 70% läit, kënnt dohier, datt d'Leit sech vun iwwerall an d'Coursen aschreiwen an duerno eventuell duerch d'Wiederverhältnisser net kënne kommen oder duerch Krankheete verhënnert sinn. Wann ee méi intensiv Course wëll maachen, da steet d'Gemeng deem sécherlech net entgéint. D'Raimlechkeete kënne mer am LTMA lounen, esou datt dat dee mannste Problem dierft sinn. Et ass méi schwéier fir déi spezialiséiert Fachkräften ze fannen, déi di Course kéinten halen. Et ass elo scho schwéier, fir de Moment normal Chargés de coursen ze fannen, déi vum Ministère agrééiert sinn an déi Owescourse kënne ginn. An dat gëtt garantéiert vill méi schwéier, wa mer elo an déi Fachrichtung vun enger medezinescher oder technescher Ausbildung ginn. An do muss ee kucken, wéi wäit do eis Méiglechkeete ginn.

Wat d'Dialogen tëscht de Generatiounen ubelaangt, esou sinn der am Moment e puer am gaangen. D'Jugendkommissioun huet wëlles an hiren Aktivitéiten doropper anzegoen. D'Familljekommissioun ass och domatter am gaangen, grad esou wéi d'Integratiounskommissioun. An ech hu scho wéivill mol gefrot, ob mer eis net kënnen zesummesetzen. Well soss mécht een deem anere Konkurrenz. D'nächst Joer musse mer kucke fir do méi eng geziilte Richtung dorausser ze kréien, an datt mer déi verschidde Kommissiounen zesummen un een Dësch kréie fir mateneen ze schwätzen. Well d'Integratioun geet och schonn un tëscht de Kommissioune selwer. Well do geet den Dialog och net ëmmer an en ass relativ komplizéiert, well en iwwert e laange Wee muss lafen. An de Schäfferot huet net ëmmer den aktuelle Stand vun den Iwwerleeungen an deene verschiddene Kommissiounen. An do musse mer vläicht mat dirigéieren an Zilsetzunge ginn, bis wéini wat soll heibanne sinn. Da kann een dat och méi kohärent opbauen.

Déi Ausstellungen, déi ugeschwat goufen, ware schonn do. Ech ka mech erënneren, datt mer schonn Ausstellungen iwwer déi italienesch an déi polnesch Migratioun haten. Do ware ganz flott Saache gemaach ginn an déi Iddie soll ee weiderdreiwen. Well dat si Saachen, déi interessant si fir all Mënsch. Et gëtt een net méi domm dovunner an et spiert een e bëssen, wou déi Leit hir Originnen hunn.

Problematesch ass mat eiser portugiesescher Matbiergerschaft. Do hu mer – am Géigesaz zu deenen aneren - keen Uspriechpartner. Bei de Montenegriner – zum Beispill - , déi mat 500 Leit hei vertruede sinn, hu mer e Comité. Bei den Italiener huet dat och bestanen. A bei de Portugisen ass dat net de Fall. Flott wier et, wa mer eng Struktur kéinten opbauen, och bei hinnen, a wou mer dann en Interlocuteur hätten a wou ee kéint kucken, ob een net iwwer de Multiplicateur vun enger Associatioun kéint besser u si erukommen.

Bei der Iddi, fir op se zouzepilgeren, hu mer de « choix de l'embarras » hei. Mir hunn 12 Bistroe ronderëm, déi nëmmen eng portugisesch Clientèle hunn. Mä et muss ee kucken, ob een net iwwer en anere Wee u se erukënnt, wann ee méi Strukturen hätt. Ech hu gesinn, zu Rodange gëtt et elo eng Associatioun, déi e bësse portugisesch folkloristesch ass. Dat ass vläicht en éischten Usaz, fir emol do u méi Leit erunzekommen. Dat schéngt mer och e Wee ze sinn, deen ee soll probéiere fir anzeschloen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn elo d'Ronn gemaach an et sinn eng Rei Iddien elo op den Dësch komm, déi an deenen nächste Wochen a

Méint kënne vun der Integratiounskommissioun analyséiert ginn. Et soll een einfach elo déi Iddien opgräifen a se an deenen nächste Kommissioune verschaffen a kucken, watfir Pisten eis et erlabe fir vläicht déi Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger, déi ëmmer méi zahlreich ginn, besser ze gestallten.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt nach kuerz eppes zu deenen Ëmfroe soen. Ech huelen elo zum Beispill d'Sportsveräiner. Fir mech sinn do déi net-lëtzebuergesch Kanner komplett integréiert. Do gëtt keen Ënnerscheed gemaach tësch Net-Lëtzebuerger a Lëtzebuerger. An ech géif och do net zevill dra wulle goen. Ech géif déi net zevill do eraushuelen a spezifesch Froe stellen, wat se heivunner oder dovunner halen. Loosst dat esou lafe wéi et ass, well dat leeft immens gutt de Moment. Gitt net zevill doranner wullen.

Och den Här Rosenfeld huet ëmmer gesot, wou hien nach President vun engem Fussballveräi war, datt d'Veräiner och heiansdo als Crèche mëssbraucht ginn. D'Kanner gi just do ofgeliwwert an da kënnen d'Traineren oder déi responsabel Leit vun de Veräiner sech ëm d'Kanner këmmeren. Mä mat der Zäit gëtt awer och do e Choix gemaach, wien a wien net fir si a Fro kënnt.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt och nach op e puer Saachen agoen, déi elo hei gesot si ginn. Merci, Här Becker, fir den Input. Déi Vereenegung « Pour l'intégration dans la commune de Pétange » hunn ech net kannt. Dat ass wahrscheinlech scho ganz laang hir. Et ass nawell interessant ze wëssen, datt et do schonn Initiativë goufen.

Op déi spezifesch Froen, déi elo komm sinn, wollt ech soen, datt mer net an d'Veräiner wulle ginn. Dat ass net d'Iddi. Eis Bereetschaft ass einfach just déi, fir de Veräiner och ze hëllefen, wa se heiansdo Froen hunn. Et ass och net esou, datt mer iergendeppes wëllen accaparéieren. Et ass just, datt mir d'Veräiner wëllen zesumme bréngen. An dir hätt gestaunt, an Dir, Madame Conzemius, wiert déi éischt gewiescht, déi gestaunt hätt, wann der dobäi wäert. Dir kritt d'Invitatiounen och. Mat deene Saachen, déi dobäi erauskommen, an déi Iddien, déi vun deenen engen an deenen aneren do op den Dësch kommen, sinn immens interessant an d'Veräiner kënne vun enee kucken. An dat ass jo d'Zil. An ech weess, d'PEROLA ass eng ganz gutt Initiative. An d'Iddi, fir d'Associatioune virzestellen, kënnt net vu mir oder vun der PEROLA. Dat gëtt an anere Gemenge scho längst gemaach. Do ka kee soen, datt dat deem engen oder deem anere seng Iddi ass. Dorëms geet et och net. Mir schaffen zesummen an eng Richtung an hire Projet ka sech an eise Projet integréieren. An dat ass och gutt, wa mer dann déi Kräfte bündelen an dat zesumme maachen. Well dorëms geet et. Et geet net drëm fir ze soen, wien wat elo gestart huet.

Beim Café des Âges wollt ech soen, datt 40 Leit scho fir eis e gudden Usaz war, well mer awer fonnt hunn, datt vill Leit de Wee dohinner fonnt haten. Dat ass jo schonn emol eng éischt gutt Saach. Well et war op engem Nomëtteg an et ass net ëmmer esou einfach, fir d'Leit dohinner ze bréngen. Dat heescht, do war et schonn e Succès. A mir soten, datt mer dat doten onbedéngt miisste weider maachen. Well den Haaptpunkt vun där Manifestatioun ass, fir d'Leit ze froen. Et ass eng « démocratie participative ». Dat heescht, et gëtt net nëmmen iwwer Integratioun geschwat. Dëst Joer ass zum Beispill de Sujet « Nei Medien a sozial Netzwierker », wat fir déi eng an déi aner ganz interessant kéint sinn. An déi Saachen, déi mer wéilten änneren, wieren zum Beispill den Numm vun där Manifestatioun, well mer gesot hunn, datt mer och miisste méi jonk Leit mat erunzéien. Well déi hunn e bësse gefeelt d'lescht Joer. Mir sinn der Meenung, datt « Café des Âges » e bëssen dréchen ass, dat wëll näischt soen an dofir wollte mer dat e bëssen oppäppen. An do huet och d'Jugendhaus sech manifestéiert, fir Iddien eranzebréngen a Sloganen ze fanne fir déi Manifestatioun. Och soll eng nei Affiche entworf ginn, well mer der Meenung sinn, datt déi Affiche vum leschte Joer dach net esou brillant war.

Ech wëll och nach soen, datt de Café des Âges e Konzept vun der Maison des Associations ass. A mir wëllen eis e bëssen dovunner lass koppelen a soen, datt mir dat wëllen iwwerhuelen an et als Gemeng selwer maachen. Dat gëtt dann eise Projet a mer brauchen dann net onbedéngt mat der Maison des Associations ze schaffen. Well d'Maison des Associations huet eis och gesot, datt se dëst Joer net méi kënne matmaachen. Dat heescht, entweder mir maachen näischt oder mir appropriéieren eist Konzept. A mir hunn da gesot, datt mer et wëlle selwer maachen.

Eis geet et net drëm, wien deen éischten ass fir eppes ze maachen. Et geet eis wierklech drëms, fir all déi Iddien op den Dësch ze bréngen an ze versichen, gutt Aktiounen draus ze maachen, wou jiddereen e Benefice dra gesäit. A wat och de But ass, dat ass, datt een eng gewëssen Transversalitéit dra kritt. Dat heescht, Integratioun ass net nëmmen eng Saach vun der Integratiounskommissioun. Et ass och eng Saach vum Office des citoyens, et ass och eng Saach vun der Kultur, vum Sport, a wann een do kann déi gutt Iddien, déi gutt Praktiken zesummebréngen, dann ass dat sécherlech vu Virdeel.

An et ass och an deem Sënn, wou mer schaffen an et ass net géint een aneren. Mir hunn och net d'Proffen an deene Course jugéiert. Eise But war et ze kucken, firwat d'Leit wëlle Lëtzebuergesch léieren an do war d'Äntwert och zimlech kloer. A fir e bëssen deene Gedanken an deenen Aussoen ze konteren, wou gesot gëtt, datt sech d'Leit net wëllen integréieren, esou muss ee soen, datt déi Coursen iwwerbesat sinn a mir fanne keng Chargéen. Nach eng Kéier den Appel un all déi dobaussen, déi vläicht e bëssen Zäit hunn, schreift iech an a maacht d'Agrégatioun a gitt Chargé de cours am Lëtzebuergeschen. Dat gëtt gebraucht an do ass bestëmmt eng Zukunft dran. A mir hunn dat néideg an an deem Sënn ass dat eng gutt Saach.

Ech soen nach eng Kéier Merci fir déi Iddien, déi nach opgeworf gi sinn. A fir de Rescht ass et vläicht och besser, wa mer eis Energie dra verléiere fir mat Iddien ze kommen a Plaz mat Kritiken.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Deen « échange de vues » ass jo eigentlech op Grond vun deem Rapport, wat d'Kommissioun d'lescht Joer geschafft huet, gemaach ginn. An d'groussherzoglecht Reglement gesäit fir, datt mer Acte vun deem Rapport sollen huelen. Et sinn elo hei interessant Iddien op den Dësch komm an ech géif der Presidentin vun der Kommissioun mat op de Wee gi fir déi Iddien an déi Ustéiss, déi mer elo haut hei ronderëm den Dësch gemaach hunn, mat an d'Kommissioun ze huelen a vläicht dat eent oder anert am Joer 2015 ze realiséieren. An de Schäfferot wäert dat ënnerstëtzen.

Il en est pris acte.

5.3.

Administration générale.

Démissions et nominations dans diverses commissions – décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn eng Demissioun virleie vum Här François Metz aus der « commission des relations publiques, communications, cérémonies et de la promotion touristique ». Mir hunn och nach eng « démission d'office » vum Här Christian Vallender virleien, well hien net méi an eiser Gemeng wunnt an deemno och net méi ka Member si vun der « commission de l'environnement ».

Well elo déi 2 Plazen an de Kommissioune fräi gi sinn, hu mer och 2 nei Kandidature fir déi eenzel Kommissioune virleien. Et wier dat den Här Patrick Remacle fir d' « commission des relations publiques, communications, cérémonies et de la promotion touristique » an d'Madame Bernadette Scheuren fir d'Ëmweltkommissioun.

Il est pris acte de la démission d'office de M. Christian Vallender.

Votes secrets:

A l'unanimité, la démission est accordée à M. François Metz comme membre de la commission des relations publiques, communications, cérémonies et de la promotion touristique.

A l'unanimité, M. Patrick Remacle est nommé nouveau membre de la commission des relations publiques, communications, cérémonies et de la promotion touristique.

A l'unanimité, Mme Bernadette Scheuren est nommée nouveau membre de la commission de l'environnement.

5.4.

Administration générale.

Plan pluriannuel de financement 2015-2018 – information.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da kéime mer zu enger weiderer Informatioun, déi d'Gesetz och virgesäit. An den Artikel 129bis vum Gemengegesetz gesäit vir, datt de Schäfferot all Joer fir déi 3 kommend Joeren e « plan pluriannuel de financement » muss op den Dësch leeën. Engersäits setzt de Schäfferot deen zesummen an anersäits gëtt en deen da virun un de Minister, respektiv als Informatioun un de Gemengerot.

Well mer 2015 sinn hu mer dann de « plan pluriannuel de financement » fir d'Joeren 2015 bis 2018 virleien, deen awer och nach Donnéeë vun 2013 an 2014 beinhalt.

Dee PPF gëtt opgestallt op Grond vu makroeconomeschen Donnéeë vum Inneminister, deen d'Prognose fir déi nächst Joere festleet. Dat ass haaptsächlech wat den ICC an de Fonds commun de dotation financière ubelaangt. Dat si jo déi Haaptrecetten, déi d'Gemengen hunn. Op der aner Säit kuckt d'Gemeng selwer, wéi d'Prognose vun der Käschtenentwécklung sinn. Bei de Peie kréie mer wuel och makroeconomesch Donnéeën, wéi zum Beispill datt eng Indextranche fälleg ass, respektiv wéini eng Hausse vun de Peie fälleg ass. Well mir sinn als Gemengebeamten un de Verhandlungen, déi de Stat mat der CGFP féiert, bedeelegt. Dat heescht, wann d'Statsbeamten eppes bäikréien, da kréien d'Gemengebeamten och eppes bäi an eis Aarbechter hänken och hannendrun. Dat heescht, déi Prognose kréie mer vum Inneminister matgedeelt.

Op der aner Säit kucke mir natierlech, wat an nächster Zukunft vu Projeten nach am gaange sinn oder mer nach wëllen an dëser Mandatsperiod an Ugréff huelen. Well grouss plange mer iwwer 2017 eraus net, well 2017 Gemengewale sinn an et soll een iwwer deen Datum eraus net zevill Engagementer huelen.

Mä et si sécherlech nach Projeten dobäi, déi elo am gaange sinn an déi och am Plan pluriannuel stinn, an déi och 2018 an 2019 hir Repercussiounen op d'Chifferen hunn.

Mir stelle fest, datt op Grond vun den Donnéeën den Iwwerschoss an de Joeren 2016, 2017, 2018 am Budget zolitt wäert an d'Luucht goen. Laut deenen Donnéeën, déi de Stat eis geliwwert huet, hätte mer 2016 en Iwwerschoss vu 14,28 Milliounen, 2017 en Iwwerschoss vu 16,15 Milliounen an 2018 en Iwwerschoss vun 18,84 Milliounen Euro. Wann ee weess, datt mer déi lescht 3 Joer am Budget ëmmer tëscht 11 an 12 Millioune louchen – wat schonn extrem gutt ass – da sinn déi Prognosen absolut optimistesch. Ech deele perséinlech deen Optimismus do net, mä mir hunn déi Chifferen iwwerholl, déi mer vum Inneministère kruten.

Wéi entwéckelen sech eis ordinär Recetten? Ma déi klamme vun 2015 bis 2018 vun 61,76 op 72,26 Milliounen Euro. Dat ass e Plus vun 10,5 Milliounen Euro an deen ass haaptsächlech op d'Entwécklung vum ICC, FCDF an IF zeréckzeféieren. Dat heescht, de Revenu non-affecté louch 2015 bei 47 Milliounen a laut deene Chifferen, déi mer vum Inneministère krut hunn, géif en 2018 bei 56,7 Milliounen Euro leien. Dat wier e Plus vun 9,6 Milliounen Euro, wat enorm ass. Et ass dat e Plus vun 20%. Frou wiere mer natierlech, wann dat esou wier, mä mir musse kucken, ob dat dann och esou antrëtt.

D'ordinär Ausgabe sinn awer nëmmen onwiesentlech geklommen, an dat nëmmen ëm 2,9 Milliounen Euro. De Grond heifir ass, well mer eigentlech an deenen ordinären Ausgabe weider keng extra Déngschtleeschtungen, näischt « nice to have », keng Luxussaache virgesinn hunn. Mir hunn am Fong e Weiderschreiwe vun deenen Déngschtleeschtungen – vläicht mat där enger oder anerer Klengegkeet, déi mer eise Matbierger ubidden – bis Enn 2017 virgesinn. Mir hunn och keng iwwerdriwwe Personalopstockung an dëse Prognose virgesinn, well mer wëlle mat där Personalbestattung, déi mer fir de Moment hunn, auskommen. Selbstverständlech wäerte mer d'nächst Joer eng Maison Relais opmaachen an da wäerte mer do natierlech musse Leit astellen. Mä wann ee weess, datt ee 75% dovunner rembourséiert kritt vum Stat iwwer « revenus affectés », dann huet dat natierlech keen esou ee groussen Impakt op déi gewéinlech Ausgaben, respektiv op den Iwwerschoss am ordinäre Budget, wéi wann een nei Leit géif astellen, wou ee keng Bedeelegung vum Stat kritt.

Wa mer weider Déngschtleeschtunge wëlle maachen, da musse mer wëssen, datt dat eng Repercussioun op den Iwwerschoss am ordinäre Budget huet.

Wat den aussergewéinleche Budget an d'Emprunten ubelaangt, esou stelle mer do fest, datt mer vun 2015 bis 2018, iwwer 4 Joer, 76,5 Milliounen Euro wëllen investéieren. Déi aussergewéinlech Ausgabe stinn dran. Dat sinn eng ganz Rei Projeten, déi mer elo schonn am gaangen hunn an déi mer wäerte fäerdegstelle bis 2018, respektiv et sinn nei Projeten, déi an eisem Plan pluriannuel virgesi waren. Ech denken do zum Beispill un d'Musekschoul, wou mer awer nach keen definitive Projet hunn a wou mer nach op en Arrangement mam Stat waarden. Ech denken awer och un aner Projeten, wéi de Grand Bis, wou bis 2015 awer nach net esouvill engagéiert ass, mä wou de Projet awer elo um Instanzewee ass an – wann alles approuvéiert gëtt – awer en décke Batz op eis zoukënnt. An ech denken och un ee grousse Projet, an dat sinn eis Atelieren oder eis Garagen, wou mer de Projet am Laf vun dësem Joer wäerten deposéieren an dem Gemengerot virstellen. Och do wäert e

ganz décke Chiffer iwwer d'Joeren 2016 bis 2019 op eis zoukommen.

Esou datt mer déi Sue brauchen, mä déi 76,5 Milliounen Euro wäerte mer ouni neien Emprunt kënnen duerchzéien, wann alleguerten déi Pronostiken, déi elo hei sinn, esou bäibehale bleiwen. An Enn 2018 wäert eis Schold dann nach bei knapp 9 Milliounen Euro leien, wou mer Enn 2015 bei knapp 13 Milliounen Euro leien.

Wann alles esou antrëtt, dann hätte mer Enn 2018 och nach e positive Sold vu 14 Milliounen. Mä ech mengen, och am Laf vun deenen nächste Joere wäerten nach nei Projete gemaach ginn an déi nei Equipe, déi no 2017 untrëtt, wäert déi Suen och agesat kréien.

Wann alles antrëtt, wat mer hei hunn, a wat ganz positiv ass, wat vum Minister hei virgestallt gouf, da wäert eis Finanzsituatioun ganz gutt sinn. Déi Projeten, déi mer hunn, déi mer am gaange sinn, respektiv déi mer geplangt hunn, wäerte mer ouni weideres ouni Emprunt kënne realiséieren. Mir wäerten esouguer nach fir weider Projeten déi néideg Suen hunn, esou datt mer an enger ganz gudder Situatioun stinn. Natierlech nëmmen – an dat betounen ech nach eng Kéier – wann dat esou positiv ausgeet, wéi dat, wat elo an där Circulaire vum Inneminister ugedeit gëtt.

Il en est pris acte.

6.

Personnel communal.

Adaptation des tâches hebdomadaires de deux postes d'ouvriers de nettoyage (m/f) – information.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De 16. Dezember 2011 hate mer ee Poste geschaf als « ouvrier de nettoyage » fir den Education précoce zu Rodange. Mir haten och 2012, wou eng Persoun an d'Pensioun gaangen ass, e Poste vun engem « ouvrier de nettoyage », dee mer hate fir de Pavillon ze botzen. A well mer deen ofgerappt hunn a mer deen och net méi brauchen ze botzen, hate mer e ganze Posten u sech a Reserve gehalen. A wann déi nei Maison sociale géif opgoen, da géife mer dann dee Posten ersetzen.

Mir hu mat eisen Servicer gekuckt an et gouf gesot, datt et engersäits am Précoce zu Rodange mat 4 Stonnen net géif duergoen a se 2 supplementar Stonne miisste kréien. Zwëschenzäitlech hu mer aus der Schoul Neiwiss ëmmer eng Persoun fir 2 Stonnen eriwwergeholl. Mä well déi Persoun awer elo ganz an der Neiwiss-Schoul gebraucht gëtt, proposéiere mer, fir dee Posten, dee mer am Précoce hunn, vu 4 op 6 Stonnen ze héijen.

Op der aner Säit wëlle mer och dee Posten an der Maison sociale vun 8 op 6 Stonne reduzéieren. Esou datt am Total déi 1,5 Poste géifen ersat ginn duerch zwee Poste vu 75%.

Et ass dëst eng Décisioun, déi de Schäfferot eleng géif huelen, mä mir wollten awer iwwer dëse Wee de Gemengerot och an d'Bild setzen. Wéi gesot, et kënnt kee supplementare Posten dobäi. Si gi just e bëssen aneschters opgedeelt, esou wéi de Service eis gesot huet, wéi si se am beschte géife brauchen.

Il en est pris acte.

7.

Affaires sociales.

Convention concernant le fonctionnement du Service Régional d'Action Sociale à Pétange pour l'année 2015 – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem Punkt, deen all Joer erëm kënnt. Et betrëfft dat de SRAS, de Service Régional d'Action Social vu Péiteng. Do ass en Assistant social engagéiert an do gëtt ëmmer eng Konventioun tëscht dem Office social vu Péiteng an dem Familljeministère gemaach fir déi Persoun kënnen ze finanzéieren. An et geet elo drëm, fir als Gemengerot och déi Konventioun guttzeheeschen.

Accord à l'unanimité.

8.

Urbanisation.

Approbation de la taxe d'empiètement sur la voie publique – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et ëm eng Reglementatioun, déi mer scho méi laang hunn. Dat ass eng « taxe d'empiètement sur la voie publique ». Am Gemengerot hate mer schonn des ëftere rieds, datt d'Schantercher eigentlech net esou lafe wéi mir eis dat als Gemengerot virstellen an och heiansdo d'Delaie wäit iwwert dat ewech ginn, wat een als akzeptabel bezeechent. Wann een natierlech zouléisst, datt den Entrepreneur sech esou laang ewéi méiglech breet mécht, da mécht e sech et esou kamoud ewéi méiglech.

Am Zentrum vu den Uertschaften, wou d'Schantercher de Verkéier vun den Autoen an de Passage vun de Leit dach zimlech schwiereg maachen, a fir den Entrepreneur dozou ze encouragéieren, fir e bësse méi séier ze maachen a vläicht den Trottoir esou mann ewéi méiglech ze beleeën, wollte mer d'Taxen e bëssen erhéijen an d'Reglementatioun méi strikt maachen. Mir hu gemengt, datt déi Tax vun 10 Euro pro Dag, déi mer de Moment hunn, u sech net genuch wier. Well do goufe Steeë wochen- a méintlaang op den Trottoire stoe gelooss, ouni datt eppes do geschitt ass. A fir eis war et kloer, datt déi 10 Euro pro Dag eigentlech keen Afloss drop haten.

Dofir hu mer gemengt, datt mer déi Taxe miissten e bësse staffelen. Fir déi kleng Schantercher, déi nëmme 14 Deeg daueren, a fir keng zevill komplizéiert administrativ Prozedur brauchen ze maachen, wollte mer déi éischt 14 Deeg gratis maachen. Net datt eng Persoun, déi eng Fassad wëll maachen a wou de Schantje kaum iwwer déi 14 Deeg erausgeet, och nach muss ufänken ze bezuelen. Well dat géif och e ganzen administrative Volet mat sech bréngen.

Vun der drëtter Woch bis den 12. Mount inclus géife mer 30 Euro den Dag froen. Vum 13. Mount bis den 18. Mount inclus géife mer 50 Euro den Dag froen, an alles, wat doriwwer erausgeet, géife mer 100 Euro den Dag froen.

Well mer hunn hei an der Gemeng verschidde Schantercher iwwert ee Joer opstoen – wou de Foussgänger muss vum Trottoir an d'Strooss goe fir laanscht ze kommen – an d'Aarbechte kommen do net vun der Plaz. A bei deene Schantercher misst et awer emol richteg wéi doen. Ech mengen dat si Saachen, déi noutwenneg sinn a wou mer 100 Euro den Dag virgesinn hunn, fir esou d'Leit dozou ze bréngen, datt déi Schantercher nëmmen esoulaang bestoe bleiwen, wéi et absolut noutwenneg ass, an den Trottoir net iwwerdriwwe laang an Usproch geholl gëtt.

Wann d'Schantercher duerno fäerdeg sinn, da stelle mer och ëmmer erëm fest, datt den Trottoir futti ass. A wéi ëmmer ass

awer keen dorunner schold. An als Gemeng ware mer da forcéiert, fir déi Fraisen opzekommen. An dofir proposéiere mer och elo, datt de Promoteur eng Kautioun vun 200 Euro pro lafende Meter op der Strooss muss hannerleeën. Mir wëssen, datt en Trottoir normalerweis 1,40 Meter breet ass, esou datt mer mat ronn 200 Euro pro lafende Meter d'Käschte gedeckt kréiche fir Placken ze ersetzen.

Niewent der Aféierung vun deen Taxen hu mer och d'Reglementatioun vill méi straff gemaach. Mir hätte gären, datt déi eenzel Promoteuren an déi eenzel Sociétéite besonnesch déi grouss Schantercher mat eisen Servicer ofschwätzen. Dir kënnt zum Beispill gesinn, datt mer dee Schantjen um Eck « Lëtzebuerger Strooss » mat der « avenue de la Gare » vill méi ofgeséchert hunn. Dat ass eng secondaire Geschicht. Mä mir hunn awer och gemengt, datt d'Taxenerhéijung eis kéint hëllefen, datt de Schantje méi séier weider geet an datt déi Delaien, déi urspréinglech virgesi sinn, och agehale ginn.

Polfer John (CSV):

Et gëtt ëmmer méi an der Gemeng gebaut a wéi den Här Buergermeeschter erkläert huet, ginn ëmmer méi Stroossen an haaptsächlech Trottoire vun de Baufirmae mat benotzt fir hire Schantjen. Et ass nach net laang hir, do huet e Conseiller sech hei beschwéiert, datt d'Foussgänger vun enger Säit op déi aner musse lafe fir an d'Butteker ze kommen. Elo soll jo mat deem Reglement an der Tax e bëssen Uerdnung an dat Ganzt bruecht ginn.

De Passage beim Schantje soll méi geséchert gi fir d'Leit a wann néideg och mat Luuchten. Desweidere soll dat Reglement an déi Taxen d'Entrepreneuren dozou bréngen, hir Delaien anzehalen.

D'Finanzkommissioun begréisst dëst Reglement. Si mécht awer och drop opmierksam, datt – wéi bei all Reglement – e Suivi an eng Kontroll muss sinn, soss geet et wéi bei all Reglement, wéi zum Beispill « Zigaretten a Knätsch op de Buedem geheien ». Ech hunn nach kee gesinn engem 49 Euro Taxe d'avertissement froen, awer Stroossen an Trottoire leie vill Zigarettestëmp, Knätsch a Muppendreck.

Desweideren huet e Member gefrot, wéi et gehandhaabt gëtt bei ganz schlechtem Wieder, wann doduerch de Fortgang vum Schantje gestéiert gëtt. Oder wéi ass et mam Congé collectif a sollt een net vläicht am Plaz vu Wochen Aarbechtsdeeg festleeën?

Begréisst gëtt och d'Kautioun, wann den Trottoir beschiedegt gëtt vu Camionen a Baggeren, déi doriwwer fueren. Hei ass et wichteg, dat en « état des lieux », wa méiglech mat Fotoen, gemaach gëtt.

Wichteg ass och, wann de Schantje fäerdeg ass, datt de Suivi vun der Kautioun gemaach gëtt an datt d'Erëmbezuelen net ze laang dauert. Hei seet virun allem de Receveur Merci.

Wéi gesot, d'Finanzkommissioun huet e positiven Avis zu dësem Reglement ofginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt op e puer Saachen agoen. Dee Suivi an déi Kontroll ass organiséiert. Déi Rechnunge si soss och nëmmen all 6 bis 7 Méint erausgaangen, mä si ginn elo all Mount eraus. Domatter kann een och relativ séier reagéieren, wann déi Rechnungen net regulariséiert gi vun dem Entrepreneur, respektiv vum Promoteur deen do baut. Wann natierlech de Schantje scho 6 Méint fäerdeg ass, dann ass natierlech net méi ganz vill ze maachen. Well mer awer elo all Mount déi Rechnung maachen an all 14 Deeg de Schantje kontrolléiert gëtt, hu mer op mannst all 2 Wochen d'Méiglechkeet fir festzestellen, watfir Projeten net esou fonctionnéiere wéi mir eis dat virstellen.

Wat elo d'schlecht Wieder an de Kollektivcongé ubelaangt, esou kann ech awer soen, datt et Méiglechkeete ginn. An ech ginn heifir d'Beispill aus der Lëtzebuerger Strooss, wou fir de Moment den Trottoir beluecht ass. Wann am Congé collectif de Schantje während 4 Wochen zou ass, dann huet de Promoteur jo d'Méiglechkeet fir dee Schantje propper ze maachen. Wa schlecht Wieder ass, dann huet de Promoteur jo och d'Méiglechkeet fir de Schantje propper ze maachen an den Trottoir fräizemaachen. Well et ka jo awer och net sinn, datt mer während Méint e Schantjen hunn, wou näischt geschitt. A mir hunn där Fäll, wou während Méint iwwerhaapt näischt geschitt. An et si grad déi, wou mer Problemer hunn. An déi Tax ass jo fir den « empiètement de la voie publique » a wann de Promoteur d'Voie publique während dem Kollektivcongé an Usproch hëlt, da muss en dofir bezuelen. Dat heescht, et ass net de Schantjen, dee bezuelt gëtt, mä et ass de Fait, datt hien d'Voirie publique empietéiert. An dat muss hie bezuelen.

Wéi gesot, an där fréierer Tax vun 10 Euro war dat och schonn dran. Do huet och all Dag musse bezuelt ginn. Och déi Deeg wou Kollektivcongé a schlecht Wieder war. Näischt verhënnert datt – wann de Promoteur gesäit, datt elo 3 Woche laang näischt op sengem Schantje geschitt – fir vorübergehend den Trottoir fräi ze maachen an da kritt en déi Zäit och net verrechent.

Selbstverständlech muss en « état des lieux » gemaach ginn, an dat ier de Schantjen ugeet. A wann duerch de Schantjen iergendwellech Schied um Trottoir entstinn, da muss dat duerno erëm an d'Rei gesat ginn.

Mir si frou, datt d'Finanzkommissioun dat och esou gesäit an ech mengen, dat do ass eng Méiglechkeet fir an Zukunft awer vläicht méi eng grouss Handhab ze hunn op dat, wat op eisen Trottoiren an eise Stroosse geschitt.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Déi meescht Saachen, déi ech wollt froen, si scho beäntwert ginn. Ech wollt och op d'Intemperien ze schwätze kommen. Beim Kollektivcongé gëtt jo souwisou de Schantjen esou amenagéiert, datt net méi alles op der Voie publique ass. A wann dat net de Fall ass, da mussen se jo dofir bezuelen. Wann awer elo Intemperië sinn, an dat kann ee jo net am Viraus wëssen, a während 6 Wochen d'Wieder wierklech schlecht ass, da kann den Entrepreneur jo net dofir. Mä hie muss dann awer bezuelen an dat fannen ech zwar net gutt.

Am allgemenge fannen ech déi Saach awer gutt. Mä wa keng Kontroll do ass, dann ass dat heiten awer e Vull fir d'Kaz. Well et gëtt net vill kontrolléiert an dat miisst sech jo dann elo änneren. Mä soss ass et awer eng gutt Saach.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Prozedur gesäit ganz kloer vir, wéi do soll kontrolléiert gi fir datt déi Rechnungen all Mount kënnen erausgoen. Et gouf eng Persoun designéiert fir dat ze dokumentéieren.

Ech wëll awer trotzdem emol eppes soen. Deen Dag, wou Intemperië sinn, wou et riicht era reent oder schneit, ass de Péitenger Bierger gezwongen e groussen Ëmwee ze maachen an och duerch d'Sauerei an am Schnéi oder am Matsch ze goen, well do e Schantjen ass. Dat heescht, déi Tax ass jo eigentlech, well mer gäre wëllen hunn, datt et virugeet a fir ze vermeiden, datt um Schantjen zevill laang gebraucht gëtt. An ech sinn der Meenung, datt bei deene meeschte Projeten d'Dauer, wou den Trottoir a Beschlag geholl gëtt, kéint op wiesentlech manner reduzéiert ginn. An et ass nëmmen op d'Commoditéit vum Entrepreneur oder

vun der Entreprise zeréckzeféieren, datt deen Trottoir esoulaang beluecht ass. An ech sinn der Meenung, datt déi Tax hei vläicht de Promoteur dozou bréngt, datt hie sech e bësse besser organiséiert a sech e bësse besser och ëm dat dote këmmert, an datt de Projet méi séier virugeet a mer den Trottoir vorübergehend fräi kréien, wann en net onbedéngt gebraucht gëtt. Fir de Moment gesinn ech bei deem Schantjen an der Lëtzebuerger Strooss, datt deen Trottoir beluecht ass obwuel dat net miisst de Fall sinn. A wa mir natierlech d'Dieren opmaachen a soen, elo reent et e bëssen, ma da si mer « parti pour la gloire ». Et geet net ëm déi Suen, déi mer iwwer d'Tax erakréien, mä et geet dorëms, datt de Promoteur, respektiv den Entrepreneur Gas gëtt an den Trottoir nëmmen am extremste Fall beleet. A fir déi Zäit, wou en den Trottoir muss beleeën, muss en och bezuelen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech weess net, ob ech meng Fro vläicht net richteg gestallt hunn. Mä et ware jo schonn emol Wanteren do, wou während Wochen net konnt geschafft ginn. An datt si da mussen hiren Trottoir fräi maachen, domatter sinn ech averstanen. Mä musse si jo dann och während där Zäit, wou se net kënne schaffen a wat vum Stat unerkannt gëtt, déi Tax bezuelen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wa si den Trottoir fräi maachen, da brauchen se net ze bezuelen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dann ass et gutt. Dann hat ech dat net richteg verstanen. Well ech sinn och der Meenung, datt se solle virumaachen. A wa während Wochen net ka geschafft ginn, da sollen se den Trottoir degagéieren. An da brauchen se jo näischt ze bezuelen. Dat hat ech virdrun net esou verstanen. Dann ass et gutt.

Gira Carlo (CSV):

Ech kann déi Saach hei nëmme begréissen an datt mer versichen emol d'Entreprisen dozou ze kréien, datt se den Trottoir manner laang beleeën. Ech hat och schonn eng Kéier op e weidere Problem higewisen. Mä do ass et ganz schwiereg fir dorobber ze reagéieren. Well et sinn och Entreprisen, déi beleeën d'Trottoiren ouni datt se eng Demande musse maachen. Et ass dat fir 2 bis 3 Deeg a wou se da mat hire Camione komme fir Zillen ofzelueden, de Beton uliwweren, an esou weider. An do sinn och d'Schantercher net ëmmer richteg ofgeséchert. An do gouf mer gesot, datt d'Gemeng net vill doranner ze soen hätt. Do wier et den Entrepreneur, dee fir d'Sécherheet miisst suergen. Do miisst een awer de Leit un d'Häerz leeën, datt – wa se esou Saache feststellen a wou Gefore bestinn – se déi och bei deenen néidegen Instanze mellen, fir datt da kann intervenéiert ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass de Grond, firwat mer gesot hunn, datt mer eréischt déi Tax wëlle vun der drëtter Woch u spille loossen. Wann elo op enger Plaz fir en Dag eppes muss ofgeliwwert ginn, da gëtt et och fir eis e groussen administrativen Opwand fir dat all Kéiers ze berechnen. Mä e miisst dat awer all Kéiers op der Gemeng ufroen.

Iwwregens muss ech soen, datt esou eng Saach, wéi déi heiten, och an der Stad Lëtzebuerg gëtt. Do ginn esou Saachen och vill méi strikt applizéiert a mir wëllen och elo méi streng virgoen an esou versiche fir méi Uerdnung an dat Ganzt ze kréien.

An ech hunn ëmmer aus den Diskussiounen hei am Gemengerot eraushéieren, datt dat awer och vum Gemengerot gewënscht wier.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi kleng temporär Schantercher, wou emol eng Benne dohinner gesat gëtt oder eppes ofgeliwwert gëtt, miissten am Prinzip ëmmer op der Gemeng ugefrot ginn, esoubal se en Deel vum Trottoir oder vun der Strooss a Beschlag huelen. Déi Saache miissten ugefrot ginn an déi mussen och signaléiert ginn.

An der Regel ginn déi Saachen och ugefrot an da kritt Police och eng Kopie dovunner. Mir maachen eng « installation du chantier », wou se da fir 3 bis 4 Deeg eng Autorisatioun kréien a wou drasteet, wéi signaléiert an ofgeséchert muss ginn.

Et dierf een d'Voirie publique net incommodéieren. Dat steet kloer am Polizeireglement dran. D'Commodité du passage muss garantéiert bleiwen, ausser et läit eng aner Autorisatioun aus deenen an deenen Ursaache vir. Een, deen elo einfach eng Benne op den Trottoir stellt an d'Leit mussen an d'Strooss goe fir laanscht ze kommen, deen ass strofbar. Dee kënne mer direkt protokolléiere loossen iwwer d'Polizeireglement.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann ee vun iech esou Saache gesäit, da soll en et roueg mellen. Well mir kënnen och net iwwerall sinn a gesinn deemno och net ëmmer alles. Mä ech sinn och schonn emol méi ewéi eng Kéier bei engem Schantje stoe bliwwen an hunn hinne gesot, datt dat net esou geet. Et ass natierlech d'Kamoudheet vum Promoteur, respektiv vum Entrepreneur, mä et geet awer op Käschte vun eise Bierger. An ech mengen, mir sinn och do fir eis Bierger. Mir musse Verständnis hu fir een, dee wëll bauen an dee säi Schantje muss maachen. Mä e muss awer och Respekt hu vis-à-vis vun deenen anere Matbierger. An heiansdo hunn ech d'Impressioun, datt dee Respekt net méi do ass. An ech mengen, dat hei hëlleft eis awer fir dee Respekt vis-à-vis vun de Bierger aus eiser Gemeng erëm e bëssen opzefrëschen.

Gira Carlo (CSV):

Wann ech dat da richteg verstinn, da miisst deen awer Schëlter opstellen an et geet net duer, datt dee mat senger Betonneuse oder mam Camion kënnt an de Schantje mat engem Hittchen ofséchert.

Breyer Roland, Schäffen:

Do besteet eng ganz kloer Reglementatioun, wat d'Signalisatioun vun de Schantercher betrëfft.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mä dat gëtt nach laang net ëmmer applizéiert.

Brecht Guy (LSAP):

Den Här Breyer ass einfach e Phenomen. Hien huet meng Fro scho beäntwert ier ech se gestallt hunn. Ech wollt nämlech déi Problematik vun de Bennen och uschwätzen, déi och emol viru Privathaiser stinn. An déi Bennë sinn deelweis ganz schlecht beliicht oder deelweis guer net beliicht. A wa se dann och nach e bësse vun donkeler Faarf sinn, da gesäit een se eréischt am leschte Moment. An dat miisst wierklech méi staark kontrolléiert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Et besteet eng ganz kloer Reglementatioun, wou dra steet, wéi d'Verkéiersschëlter musse gesat ginn a wéi virsignaléiert muss ginn. Et geet net duer fir ze beliichten. An déi meescht Saache sinn net an der Rei. A wann der esou eppes gesitt, da mellt et roueg, wéi de Buergermeeschter et scho gesot huet. Well mir schécken d'Police direkt laanscht a da gëtt e

Protokoll ausgestallt. Dat ass dat eenzegt wat hëlleft. Well et sinn dat geféierlech Situatiounen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et gesäit een, datt et bei verschiddene Schantercher awer geet. Dee Schantjen hei um Eck vun der Lëtzebuerger Strooss mat der Avenue de la Gare ass jo esou amenagéiert, datt de Foussgänger sécher ka laanscht goen.

Et sinn awer och Schantercher, wou – wann d'Betonneuse kommen, wéi zum Beispill an der rue Bommert oder an der Nei-Strooss – een Dag déi ganz Strooss zou ass an d'Awunner aus der Strooss net Bescheed wëssen. Da steet e Männchen do mat engem Fändel an et gëtt kee méi an d'Strooss gelooss. Ass et do net méiglech, datt d'Gemeng am Virfeld doriwwer géif informéiert ginn an datt eisen techneschen Service géif Schëlter dohinner setzen, datt d'Strooss gespaart ass an datt d'Leit dat dann am Virfeld géife wëssen. Net datt d'Awunner weder an d'Strooss eran-nach aus der Strooss erauskommen.

Da sot der, datt um Schluss vum Schantjen eng Kontroll gemaach gëtt fir ze wëssen, ob d'Kautioun zeréckbezuelt gëtt oder net. Gëtt dann do och ëmmer erëm eng Kontroll während den Aarbechte gemaach fir ze wëssen, ob alles korrekt ofleeft? Well et wier net schlecht, wa mer eng zoustänneg Persoun hätten, déi emol heiansdo géif iwwer de Schantje goen an datt mer eng Iwwersiicht hätten, wat iwwerall géif lafen.

Da wollt ech och nach wëssen, wéi mer mam PAG weiderkommen. Well dann hätte mer vläicht déi Situatioun net méi, datt se alleguerte Gas gi fir eenzel Haiser ewechzerappen an Residenzen an d'Plaz ze setzen. Well wann de PAG bis fäerdeg wier, da kéinte mer vläicht emol verschidde Saache reduzéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat de PAG ubelaangt, esou si mer mat deem Projet relativ wäit fort. Mir hunn iech Propositiounen ze maachen op Grond vun « Sites et Monuments », déi hei waren. Dat ass am Kader vum PAG virgesinn. Déi Aarbechte sinn elo vun « Sites et Monuments » ofgeschloss. Mir sinn am gaangen och ze kucken, fir déi Haiser ze marquéieren, déi net méi esou ouni weideres dierfen ofgerappt ginn. Fir de Moment hu mer « zones de protection », Zonen, wou een net kann einfach eng Residenz bauen. Där Zone ginn et, mä déi sinn am aktuelle PAG limitéiert. Deen neie PAG gesäit vir, datt een eng Rei Haiser marquéiert, wou ee seet, datt déi Haiser entweder am Gabarit oder a senger Form an der viischter Fassad bleiwen, wéi se sinn.

Mir hunn de leschte Freideg Rodange a Lamadelaine duerchgeholl an am Mäerz wäerte mer Péiteng duerchhuelen. An da wäerte mer dem Gemengerot – esoulaang de PAG net definitiv gestëmmt ass – e Moratoire fir déi doten Haiser proposéieren. Et ass eng Zort Servitude, wéi mer dat och eng Kéier hei am Gemengerot gemaach hate fir Eucosider.

Ech kann iech soen, datt et ganz vill Haiser sinn, déi proposéiert ginn. Mir mussen eis just hei am Gemengerot eens sinn, ob mer deem dann och nokommen, well mer schwätzen hei vun 1.300 Haiser. Déi Diskussioun wäerte mer spéitstens hei am Gemengerot féieren. Bis dohi wäerte mer och net méi een Haus, dat op deem Inventaire steet, fräi gi fir ofzerappen. Mir mussen eis hei am Gemengerot eens ginn a mir mussen awer och wëssen, datt mer sécherlech vun deem engen oder anere Proprietaire net nëmme Blumme gestreet kréien, wa mer esou eppes ufänken. Well d'Leit sinn ëmmer averstanen, wann d'Nopeschhaus net kann ofgerappt ginn, mä wann et dat eegent Haus ass, wat ee wëll un e Promoteur verkafen an et kritt ee manner, well keng Residenz do méiglech ass, da gesäit een dat vläicht aus engem anere Wénkel. Dofir musse mer eis hei am Gemengerot eens sinn. Mä mat ganz villem, wat si eis proposéieren, kann een awer averstane sinn.

Dat wier dann emol déi éischt Etapp. Duerno wëlle mer dann de PAG am September/Oktober dem Gemengerot zur Ofstëmmung virleeën an dann op den Instanzewee schécken.

Breyer Roland, Schäffen:

Da wollt ech och nach op d'Betonneusen agoen. Et ass jo esou, datt virdru mam Promoteur gekuckt gëtt, fir eng « installation du chantier » ze programméieren an datt – wa méiglech – d'Voirie publique net belaascht gëtt. Dat hu mer versicht ze maache mat Couloiren, wéi zum Beispill elo an der Avenue de la Gare, wou d'Camione kënne bäifueren a wou och versicht gëtt fir Deeg festzehalen, wéini da betonéiert soll ginn an d'Betonneusen op d'Plaz kommen.

Bei gréissere Residenzen ass dat ouni weideres méiglech, datt een dat ka programméieren. A mir versichen dat esouguer esou anzeriichten, datt samschdes ka betonéiert ginn, well deen Dag manner Traffik ass. Well heiansdo muss och wéinst dem Betonéieren och emol d'Strooss zougemaach ginn. A bei engem gréissere Schantjen, wéi deen hei zu Péiteng an der Avenue de la Gare, kéint een zum Beispill soen, datt d'Betonéieren ëmmer deen éischte Samschdeg am Mount wier. A mir versiche fir dat dann och esou ze maachen. Et miisst eng Konventioun mam Promoteur oder mam Bauhär gemaach ginn, wou déi Aarbechten och programméiert ginn a se esou forcéiere fir verschidden Aarbechten op verschiddenen Deeg ze maachen. Mir hätte gären, datt mer wa méiglech e Rhythmus drakréien, déi kontrolléierbar ass a wou mer och Schëlter kënne setzen an eng Informatioun maachen.

Dat ass awer wahrscheinlech bei klenge Residenzen net esou ze maachen. Mä bei grousse Residenzen ass et awer ouni weideres méiglech fir eng Regelméissegkeet dranzekréien. De Beton muss jo am Virfeld bestallt ginn, well et jo och gréisser Quantitéite sinn, an dat léisst sech programméieren. Bei klenge Residenze geet dat net esou einfach. Déi gi beliwwert wa se Zäit hunn an do ass et méi schwéier ze programméieren. Mä bei gréissere Residenzen ass et awer méiglech an et gëtt och versicht fir scho bei der « installation du chantier » deem Rechnung ze droen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et geet jo och drëm, datt d'Leit – déi do an deene Stroosse wunnen – och Bescheed wëssen. Well et ass haaptsächlech an Einbahnstroossen, wou déi Problematik opkënnt. Well wann ech zum Beispill d'Bommert-Strooss huelen, da wëssen déi Leit, déi uewen an der Strooss wunnen, net méi wou se solle parke goen, well alles zougebaut ass.

Da wëll ech och nach soen, datt ech net wëll, datt keng Haiser méi sollen ofgerappt ginn. Et ass just d'Aart a Weis, wéi et geschitt. Et hëlt ëmmer méi Iwwerhand, wéi d'Haiser ofgerappt ginn. A mir sollte versichen, datt mer eng Linn kréien a schéin Haiser sollen erhalen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir brauchen natierlech déi Reglementatioun, déi mer eis am Kader vum PAG wëlle ginn. Et muss een awer och kloer soen, datt deen Drock, deen an der leschter Zäit komm ass, duerch d'TVA-Erhéijung komm ass. Ech huelen un, datt dat sech awer elo erëm e bësse méi leet. Mä mir – an net nëmme mir, mä och den Enregistrement – sinn iwwerrannt gi vun de Promoteuren, well eben déi Hausse vun der TVA an

Aussiicht gestallt gouf a well gesot gouf, datt se déi néideg Prozedure scho mussen entaméiert hu virun Enn 2014. An dofir war elo deen Drock esou grouss. Ech kann elo net behaapten, datt deen Drock elo esou schrecklech grouss ass fir de Moment. Mä an deene leschte Méint vun 2014 war en awer enorm. Mir hunn net alles gemaach krut, wat d'Promoteure vun eis verlaangt hunn, well et einfach net méiglech war. Mä do huet een awer den Drock gespuert. Mä deen Drock ass awer elo e bëssen eraus. Mä wichteg ass, datt mer einfach dat néidegt Instrument kréien an eis och hei am Gemengerot eens sinn, wat mer wëlle schützen. A wann de Gemengerot gesot huet, datt en Haus muss stoe bleiwen, dann huet de Buergermeeschter et einfach fir ze soen, datt dat Haus – duerch e Reglement, wat de Gemengerot geholl huet – net dierf ofgerappt ginn.

Mä fir de Moment kann ech dat net soen, well ech net déi néideg Mëttelen hu fir dat kënnen ze maachen.

Patrick Arendt (CSV):

Ech wollt soen, datt ech et ganz gutt fannen, datt dat heiten elo méi reglementéiert gëtt. Wéi meng Virriedner soten, ass et wichteg, fir virdrun en « état des lieux » ze maachen an dat an engem Zäitraum vun 2 Wochen nozekontrolléieren. Doduerch kënnt och sécherlech méi Aarbecht op eis Servicer duer. Woubäi een och ëmmer un en ugemoossene Personalschlëssel denke soll. Et geet hei net drëms fir Suen ze maachen, mä et geet virun allem ëm d'Sécherheet vun eise Matbierger. An et wäert sécherlech méi Bewegung an déi eenzel Dossieren erakommen duerch déi gestaffelt Tax.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass richteg esou. An dofir hu mer et och e bësse méi lacker gehalen an déi kleng Schantercher erausgehalen. Do war net nëmmen dru geduecht gi fir d'Leit bei klengen Aarbechten net mat enger Tax ze ploen, mä et gouf och un den administrative Suivi geduecht. Well wa mer alleguerten déi kleng Façadenaarbechten, wou de Schantje bannent enger Woch ofgeschloss ass, och nach hätte miissten ergräifen, dann hätte mer miissten e Mann oder eng Fra astellen. Hei brénge mer et elo fäerdeg – mat deem Personalbestand, dee mer hunn – déi Schantercher ze suivéieren, wou et dann drop ukënnt. Well dat sinn der dann awer net esou vill.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Dat meescht ass scho gesot ginn. Ech hat och dee Punkt vun den Intemperien an der Finanzkommissioun gesot. Mä bon, dat ass dann elo kloer. Ech menge wann et fir si och virgesinn ass, da weess de Promoteur och am Viraus, wéivill e muss dofir virgesinn an dann huet en och eng Prévisibilitéit an eng Visibilitéit an deem Schantjen. Dat ass och gutt, grad esou wéi och d'Kautioun. Dat dréit dozou bäi, datt e Promoteur oder eng Baufirma responsabiliséiert gëtt.

Et war gesot ginn, datt et vläicht besser wier, fir am Term vu « jours ouvrables » ze schwätzen, wéi elo ab der drëtter Woch. Well da gesinn d'Leit eng Dräi an da soen se 3 Wochen. Mä dat ass awer elo net esou brillant. Ech weess net, firwat et elo soll ab der drëtter Woch sinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

No 15 Deeg ass fir mech ab der drëtter Woch.

Gonçalves Cátia (LSAP):

De But ass elo fir mech méi kloer an dofir ass dat och fir mech esou an der Rei.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et geet och hei net drëm fir Suen an d'Kees ze kréien. Eis geet et drëm, fir haaptsächlech déi laang Schantercher – déi eis Bierger ploen – an déi während 18, 20 oder 25 Méint do sinn, fir déi ze minimiséieren. E Beispill heifir ass am Brouckerwee, do wou et op de Clopp geet. Do ass den Trottoir elo scho säit iwwer engem Joer opgerappt a wou dat guer net néideg ass a keng Intemperië schold dorunner kënne sinn. An déi sollen elo bezuelen. An da wäerten se schonn e bësse méi Gas ginn. Well wann et Sue kascht, da wäerten se schonn den Trottoir zoumaachen. Well an deem heite Fall hätt deen Trottoir scho laang kënnen zou sinn. An deen ass nach ëmmer net zou a si fannen ëmmer erëm aner Ursaache fir et net ze maachen.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Sports et loisirs.

Convention avec le club de football Club Sportif Pétange asbl pour la mise à disposition des terrains de football, des installations et des buvettes à Pétange – approbation.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech wollt fir d'éischt eng kleng Aleedung ginn. Mir hunn eis d'lescht Joer am August mat de Fussballveräiner zesummegesat fir eng Konventioun auszeschaffen. Déi 3 Fussballveräiner hunn och hiren Input bruecht fir an déi Konventioun dranzesetzen. Déi Saachen, déi si eis eraginn hunn, sinn och alleguerte berücksichtegt ginn. Zwee Veräiner hunn dat anstandslos ënnerschriwwen. En drëtte Veräin huet dat nach net gemaach, mä mir wäerten awer als Gemeng drop bestoen, datt och déi Konventioun ënnerschriwwe gëtt. Well alleguerten eis Sportsveräiner, déi eng Sportshal, respektiv en Terrain notzen, hunn eng Konventioun, respektiv et ass duerch e Reglement regléiert.

Als éischte Punkt hätte mer hei d'Konventioun mam CS Péiteng virleien. U sech leeft déi Konventioun iwwer 10 Joer, déi dann iwwert eng « tacite reconduction » kann erneiert ginn. Aus der Konventioun geet ervir, datt d'Gemeng dem Péitenger Fussballveräin de Stade municipal zur Verfügung stellt, mat 2 Terrainen, mat Buvette a mat de Vestiairen, den Duschen an anere Lokaler an Depôten.

Fir d'Buvette hu mer och an där Konventioun virgesinn, datt d'Veräiner selwer mussen eng Konzessioun hunn, wa se gären do zapen. Déi Konventioun geet am Prinzip den 1. Januar 2015 un. D'Gemeng gëtt d'Konzessioun vum Terrain fir de symboleschen Euro, wou se awer drop verzicht, fir deen anzezéien.

D'Fussballveräiner mussen sech drun halen. Et sinn u sech och nëmme Fussballssevenementer, déi vun der Fussballfederatioun virgesi sinn, déi do kënnen ofgehale ginn. A wann aner Manifestatiounen do stattfannen, da mussen se eng extra Genehmegung vun der Gemeng hunn.

Et steet och an där Konventioun dran, datt d'Veräiner keng Sous-locatioun dierfe maachen, well mer do och scho verschidden Diskussiounen haten, datt se hir Buvettë verlount hunn, oder esou. Wéi gesot, dat ass och ganz kloer an der Konventioun geregelt, respektiv, wann eng Ausnam sollt do gemaach ginn, da muss dat iwwer d'Gemeng gemaach ginn.

D'Gemeng wäert och eemol an der Woch déi Lokaler, wou vill Jugendlecher frequentéieren, botze goen. Well déi Raimlechkeete si jo u sech en Aushängeschëld vun der Gemeng, an dofir wollte mer eemol an der Woch higoen an am Fong botzen. Mä wa mer awer elo gesinn, datt d'Veräiner hir Lokaler net propper halen a supplementaart Botzen néideg ass, da stelle mer hinnen dat dann a Rechnung.

D'Beliichtung vum Terrain hu mer och ganz kloer geregelt. Et kann net sinn, datt mer Stonne virdru schonn d'Luuchte brennen hunn a Stonnen duerno d'Luuchten nach weider brennen an et ass keng Aktivitéit méi op der Plaz. An do wëlle mer eis och d'Mëttele ginn – wann et sollt lwwerhand kréien – datt mer do kënnen agräifen. A wann dat net sollt respektéiert ginn, da kéinte mer esouguer de Veräiner dat verrechnen.

D'Aarbechten op den Terraine gi vun der Gemeng ausgefouert, respektiv vun de Servicer, déi dozou delegéiert sinn. Alles wat net an där Konventioun dran ass, ass am Prinzip iwwer de Code civil geregelt.

Polfer John (CSV):

Ech war virun e puer Méint um Péitenger Terrain, an do ass mer opgefall, datt do net méi grad alles an der Rei war. Och déi friem Spiller, déi do waren, an och de Comité vun deem Veräin, si bei mech komm an hu mer dat ze bemierke ginn.

Datt elo hei eng Konventioun gemaach gëtt, fannen ech och ganz gutt, an esou weess de Veräin och, u wat hie sech ze halen huet. Et mierkt een awer, datt fréier déi Leit, déi fir de Veräin astoungen, déi Saachen och méi ënnerhalen hunn an d'Dusche gebotzt hunn esou wéi et soll sinn, an och d'Buvette esou gefouert hu wéi et soll sinn. An déi Fräiwëlleg ginn et ëmmer manner an et si keng méi do. Duerch déi Konventioun hei gëtt de Veräin awer vläicht e bëssen dru gehalen, fir erëm méi no senge Saachen ze kucken, och wann d'Gemeng awer zu engem Deel muss asprangen.

Mertzig Romain (LSAP):

Et soll u sech de Veräiner och eng Hëllef sinn. Et ass alles kloer definéiert. Bei där Saach mam Botzen hate mer laang Diskussiounen, quid dass ee Veräi gesot huet, ee Veräi kréich et gebotzt well dee seng Vestiairen an der Sportshal hätt. Ech wëll elo weider net dorobber agoen. Mä mir hunn awer gesot, datt mer dat dann och bei deenen anere Veräiner maachen, well mer wierklech fannen, datt eis Sportsinstallatiounen eng Visitëkaart vun eiser Gemeng sinn.

Gira Carlo (CSV):

Ech hu just eng Verständnisfro, well ech mech an där Saach net esou richteg auskennen. An der Konventioun geet rieds vun de Matcher vun der Federatioun. Falen do och d'Frëndschaftsmatcher oder d'Veräinsturnéiere mat drënner, oder mussen déi all Kéiers extra ugefrot ginn?

Mertzig Romain (LSAP):

Firwat steet d'Federatioun an der Konventioun? Wann de Veräin e Frëndschaftsmatch organiséiert, respektiv eng Coupe, da muss de Veräin eng Autorisatioun bei der Federatioun ufroen, respektiv och eng offiziell Demande fir en Arbiter maachen. An doduerch fält dee gesamte Spillbetrib ënner d'Federatioun.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hutt elo gesot, datt déi Installatiounen eng Visitëkaart vun der Gemeng solle sinn. Goufen d'Alentouren och an de Gespréicher mat de Veräiner ugeschwat? Well deen hëlzene Chalet, deen do steet, fält gläich zesummen. Och dat Zelt, dat do steet, fannen ech e bësse lamentabel, wéi et ausgesäit.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech hunn elo offiziell net mat hinnen doriwwer geschwat. Mä well ech de Milieu gutt kënnen, hunn ech se intern schonn drop ugeschwat, datt et effektiv kee gutt Bild ofgëtt. Wa mer elo déi Konventioun hei emol um Lafen hunn, dann hu mer och méi Mëttelen an ech ginn dovunner aus, datt déi Situatioun sech och wäert berengegen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wann elo vläicht eng Fusioun kënnt, da kann et jo och sinn, datt se doduerch och aner Mëttelen hu fir dat kënnen ze regelen.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech ginn dovunner aus.

Patrick Arendt (CSV):

Ech fannen et ass eng ganz gutt Saach, datt déi eenzel Veräiner mat de Gemengeverantwortlechen zesummekomm sinn, fir op Grondbasis vun allen Interêten e gemeinsame Wee a Form vun enger Konventioun ze kréien. Ech géif et dowéinst appreciéieren, wann den FC Rodange 91 och als drëtte Fussballveräin aus eiser Gemeng dës Konventioun géif ënnerschreiwen an domatter op de Wee vun enger nohalteger Zesummenaarbecht mat der Gemeng géif goen.

Et sti sécherlech eng Rëtsch ganz wichteg Saachen an dëser Konventioun. Ervirsträiche wëll ech virun allem de Punkt an der Konventioun, datt de Veräin d'Surveillance an den Accès op den Terrain eegenhänneg regele kann, wat ech eng ganz wichteg Saach fannen.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech ginn einfach dovunner aus, datt et eng Fro vun der Zäit ass, bis déi Konventioun ënnerschriwwe gëtt. Mir hu jo och d'Virgab geholl vun anere Veräiner an – wéi gesot – d'Veräiner hunn alleguerten hiren Input ginn. An dofir ginn ech einfach dovunner aus, datt et eng Saach vun der Zäit ass, bis de Rodanger Veräin dës Konventioun och wäert ënnerschreiwen.

Patrick Arendt (CSV):

Da loosse mer dat emol hoffen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Mech wonnert et och, datt Rodange nach net ënnerschriwwen huet. A wéi den Här Mertzig elo grad bemierkt huet, wäert dat jo och eng Kéier geschéien. Well dee Veräin huet jo dee Problem mam Botze vun den Dusche jo net, well déi si jo an der Hal an déi gi jo da gebotzt.

Mertzig Romain (LSAP):

Neen. Ech mengen en FC Rodange huet och eng Installatioun, déi « Ancien Racing Rodange » ass a wou se u sech och kéinte Beneficiaire dovunner sinn, datt eemol an der Woch am Fong gebotzt géif ginn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dofir wonnert et mech, datt se net ënnerschriwwen hunn. Si wësse jo, wat an der Konventioun steet. Si hu jo elo eng nei Presidentin, ass déi dann esou schwéierfälleg?

Mertzig Romain (LSAP):

Wéi gesot, ech ginn dovunner aus, datt et eng Fro vun der Zäit ass.

Rosenfeld Romain (CSV):

Déi Konventioun ass eng ganz gutt Saach. Ech hu jorelaang an de Veräiner geschafft an do wousst jiddereen, wat en ze maachen hat. Haut muss een déi Saache konventionéieren. Ech hu just nach eng kleng Fro zum Péitenger Terrain. Sinn do d'Proprietéitsverhältnisser alleguerte mam Stat gekläert?

Mertzig Romain (LSAP):

Dat hat ech vergiess unzeschwätzen. Firwat huet et esoulaang geschleeft bis mer iwwerhaapt eng Konventioun gemaach hunn mat deenen eenzelne Fussballveräiner?

Et ass nach net ganz laang hir, datt déi Proprietéits-verhältnisser ganz kloer gekläert gi sinn. An dat war elo – wann ech mech net ieren – d'lescht Joer definitiv de Fall. An dofir huet dat sech u sech hischleefe gelooss, datt mer iwwerhaapt sollen esou eppes maachen. A wéi gesot, de Sënn vun där ganzer Saach ass, datt mer déi 3 Veräiner – déi dat selwecht maachen – och wëllen d'selwecht behandelen.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Sports et loisirs.

Convention avec le club de football FC Titus Lamadelaine pour la mise à disposition des terrains de football, des installations et des buvettes à Lamadelaine – approbation.

Mertzig Romain (LSAP):

Dat komme mer zu der Konventioun mat deem Rollenger Fussballveräin. Et ass dat selwecht, mä just datt et sech ëm de Rollenger Terrain an der rue du Vieux Moulin handelt.

Scheuer Romain (déi gréng):

An der Konventioun steet jo dran, datt do keng Gebuertsdeeg oder Partyen dierfen ofgehale ginn. Dat war jo anscheinend zu Rolleng ëfters de Fall an doduerch koumen och Reklamatiounen an der Gemeng eran. Wann elo esou eppes géif genehmegt ginn, kréien déijéineg da vun der Gemeng eng schréftlech Autorisatioun, fir datt se och eppes an der Hand hunn? Oder fält dat elo ganz flaach?

Mertzig Romain (LSAP):

Am Prinzip ass virgesinn, datt näischt esou eppes do soll stattfannen. Well mer einfach der Meenung sinn, datt eis Sportsinstallatiounen net geduecht si fir friem Fester do ofzehalen. Wann elo de Veräin e Grillfest mat sengem Turnéier huet, dann diskutéiere mer net doriwwer.

Mir hu vill Säll, wou mer Manifestatioune kënnen ofhalen a mir kommen och op dat zeréck, wat mer scho méi dacks op dëser Plaz gesot hunn. Et kann net sinn, datt mer deene Geschäftsleit, déi esou Säll hunn, illegal Konkurrenz maachen. A mir wëllen u sech net, datt esou Fester an eise Sportsinstallatiounen ofgehale ginn. An dofir hu mer an der Konventioun vun der Sportshal dat och ganz kloer gestallt. An dat soll fir déi heiten Installatiounen och d'selwecht sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, de Veräin huet kloer gesot krut, datt domatter elo Schluss ass?

Mertzig Romain (LSAP):

Et steet jo kloer an der Konventioun dran.

Scheuer Romain (déi gréng):

Jo, ech weess, datt et dra steet. Mä et soll och esou duerchgefouert ginn, ewéi et do steet.

Approbation à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 2. März 2015

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng)

Abwesend und entschuldigt:

Thein Joe (adr), **Tockert Claude** (DP)

1 bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig entschieden, folgende Abstimmungen zu veröffentlichen:

Herr Laurent Weis aus Lamadelaine wurde als Gemeindeangestellter auf den freien Posten in der Sicherheitsabteilung des technischen Amtes genannt.

Mit Wirkung vom 1. April 2015 an wird Frau Michèle Prott und Frau Viviane Roos (Diplomerzieherinnen) ihr Rücktrittsgesuch anerkannt, da sie in den Dienst des Staates wechseln, der Gemeinde jedoch zugeteilt bleiben.

Frau Fadila Ghiat aus Petingen wurde als Hilfserzieherin (Teilzeit mit 16 Wochenstunden und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Antonietta Tancredi aus Petingen wurden 6 zusätzliche Arbeitsstunden pro Woche zugeteilt, so dass ihre wöchentliche Arbeitszeit von 10 auf 16 Stunden pro Woche ansteigt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Der Gemeinderat wird davon in Kenntnis gesetzt, dass die Ponts et Chaussées Straßenbauarbeiten in der rue d'Athus in Petingen durchführen werden, und dies auf dem Teilstück zwischen der „Kräizheck" und dem Kreuzungspunkt mit der RN5D.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 4.672.194,14 € - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Tätigkeitsbericht des Integrationsausschusses für das Jahr 2014 - Bewilligung.

Es wurde Kenntnis hiervon genommen.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritte und Ernennungen in verschiedenen Ausschüssen - Entscheidungen.

Der Gemeinderat nahm den Rücktritt von Herrn Christian Vallender zur Kenntnis.

Dem Rücktritt von Herrn François Metz als Mitglieder des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung wird einstimmig stattgegeben.

Dem Beitritt von Herrn Patrick Remacle als neues Mitglied im Ausschuss für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung wird einstimmig stattgegeben.

Dem Beitritt von Frau Bernadette Scheuren als neues Mitglied des Umweltausschusses wird einstimmig stattgegeben.

5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Mehrjahresplan bezüglich der Finanzen (2015-2018) - Information.

Es wird Kenntnis hiervon genommen.

6. - Gemeindepersonal.

Anpassung der wöchentlichen Aufgaben von zwei Angestellten des Reinigungsdienstes (m/w) – Information.

Es wird Kenntnis hiervon genommen.

7. - Soziales.

Konvention bezüglich des Betriebs des „Service Régional d'Actions Sociale" für das Jahr 2015 in Petingen - Bewilligung

Bewilligung einstimmig.

8. - Stadtplanung.

Bewilligung der Gebühr im Fall eines Übergreifens auf den öffentlichen Straßenraum - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Sport und Freizeit.

Konvention mit dem Fußballclub Club Sportif Pétange asbl zwecks Zurverfügungstellung der Fußballfelder, der Infrastrukturen sowie der Ausschänke in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.2. - Sport und Freizeit.

Konvention mit dem Fußballclub FC Titus Lamadelaine zwecks Zurverfügungstellung der Fußballfelder, der Infrastrukturen sowie der Ausschänke in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.